

# INFO °01 25 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG  
VUM 5. FEBRUAR 2025



ACCUEIL - CHRONOLOGIE DES SÉANCES - 24 SEPTEMBRE 2025



#### Conseillers présents

ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP)

ULVELING Tom (échevin, CSV)

WAGNER Thierry (échevin, LSAP)

HARTUNG Gérard dit Jerry (échevin, CSV)

CHARLÉ Zenia (échevine, LSAP)

AQUIAR Paulo (déi gréng)

CEMAN Emeline (CSV)

CLLIEN Eric (DP)

DA SILVA Elisabeth (DP)

DIDERICH Gary (déi Lénk)

ENGEL Morgan (LSAP)

HUBERTY Caroline (LSAP)

MEISCH François dit Fréroz (DP)

MULLER Emry (LSAP)

OLTEN Claude (CSV)

PREGNO Laura (déi gréng)

SCHEUREN Michel (LSAP)

SCHÜTZ Marion (déi gréng)

TEMPELS Guy (CSV)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR [WWW.DIFFERDANGE.LU](http://WWW.DIFFERDANGE.LU).

# INFO BLAT<sup>25</sup><sub>01</sub>

## COMPTE-RENDU DU 5 FÉVRIER 2025

4-52

PÉDIBUS

55

SMARTCAFÉ

56

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange  
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | [www.differdange.lu](http://www.differdange.lu) | [mail@differdange.lu](mailto:mail@differdange.lu)

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Ville de Differdange

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé  
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 01/2025**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 5 FÉVRIER 2025

---

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)  
Thierry Wagner, échevin (LSAP)  
Jerry Hartung, échevin (CSV)  
Zenia Charlé, échevine (LSAP)  
Paulo Aguiar (déi gréng)  
Eina Ceman (CSV)  
Eric Cillien (DP)  
Elisabeth Da Silva (DP)  
Gary Diderich (déi Lénk)

Caroline Huberty (LSAP)  
Fränz Meisch (DP)  
Erny Muller (LSAP)  
Claude Olten (CSV)  
Laura Pregno (déi gréng)  
Michel Scheuren (LSAP)  
Manon Schütz (déi gréng)  
Guy Tempels (CSV)

**Absents/excusés:** Tom Ulvelng (CSV), Morgan Engel (LSAP)

## ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestres et échevins.
2. Finances communales: comptes administratifs et de gestion de l'exercice 2023.
3. Personnel communal:
  - a. Procédure de signalement interne Lanceurs d'alerte;
  - b. Guide contre le harcèlement à l'occasion des relations de travail.
4. Office social de Differdange: Règlement interne relatif à l'horaire mobile, au compte épargne-temps et aux congés — avis.
5. Enseignement fondamental: désignation d'un responsable d'école au sein de l'école fondamentale d'Oberkorn.
6. Actes et conventions:
  - a. Protocole d'entente signé avec l'État du Grand-duché de Luxembourg portant sur l'aménagement et le financement de l'immeuble Lommelshaff à Differdange;
  - b. Conventions bipartites 2025 des services d'éducation et d'accueil signées avec l'État du Grand-duché de Luxembourg pour les maisons relais, le foyer de jour Kornascht et la Bëschrèche;
  - c. Convention bipartite 2025 signée avec l'État du Grand-duché de Luxembourg relative à l'organisation de la scolarisation spécialisée de deux classes CTSA sur le territoire de la Ville de Differdange;
  - d. Convention tripartite relative à l'organisation et le financement des activités de l'office social de Differdange pour l'exercice 2025;
  - e. Convention relative à l'organisation et le financement des services pour jeunes pour l'exercice 2025;
  - f. Convention relative à l'organisation et au financement des activités du club Aktiv Plus pour l'exercice 2025;
  - g. Convention entre les communes de Differdange, Käerjeng, Pétange et Dippach au sujet de l'enseignement musical;
  - h. Convention tripartite avec l'office social de Differdange et l'ASBL HUT — Hëllef um Terrain pour l'exécution de la suite du projet Streetwork — CollecDiff à Differdange;
  - i. Cinquième avenant à la convention conclue le 25 juin 2020 avec l'État pour le centre culturel Aalt Stadhaus;
  - j. Contrat de location de toiture sur le bâtiment nei Annexe vum Gemengehaus pour installer des panneaux photovoltaïques;
  - k. Contrat de mise à disposition gratuite signé avec l'État du Grand-duché de Luxembourg relatif à l'immeuble connu sous la dénomination musée Eugène-Pesch sis à Lasauvage, rue Principale;
  - l. Contrats de mise à disposition de logements d'urgence sis à Differdange au 41, avenue Charlotte, respectivement au 1, rue du Parc-Gerlache;
  - m. Contrat de bail et avenant concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub;
  - n. Convention de mise à disposition d'un emplacement en vue de l'installation d'un point de partage alimentaire à Differdange au 52, rue John-F.-Kennedy.
7. Règlements communaux: règlements temporaires de circulation.
8. Changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.
9. Questions des conseillers communaux, dont celles transmises par écrit par monsieur Gary Diderich.



# 1. Communications

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** accueille les participants à cette première séance de l'année. Il excuse l'absence de monsieur Ulveling, retenu pour raisons professionnelles, ainsi que celle de madame Engel, absente pour raisons de santé.

Il demande ensuite s'il y a des questions à traiter entre la séance publique et la séance non publique. Des questions écrites sont parvenues de la part de messieurs Diderich et Meisch. D'autres conseillers annoncent également des questions: monsieur Aguiar, madame Pregno et madame Schütz.

Le bourgmestre fait ensuite une brève communication. Il indique que les participants ont pu remarquer en arrivant ce matin que plusieurs places de parking étaient déjà occupées par l'entrepreneur et les engins de chantier. Il souligne qu'il est vraiment important de planifier le déménagement en raison des travaux de transformation et de rénovation qui commencent dans l'hôtel de ville. Il précise que cette séance sera la dernière tenue dans cette salle. Un nouveau local de réunion sera créé, plus grand et mieux adapté aux technologies actuelles, dans le nouveau bâtiment qui sera construit à côté.

**THIERRY WAGNER (LSAP)** prend ensuite la parole pour communiquer quelques évènements du calendrier des manifestations. Il annonce Megafuesend pour le 1<sup>er</sup> et 2 mars.

Pour le Promidinner au profit du Télévie, le 29 mars au château de Differdange, tout est programmé. Les personnalités invitées viennent de nombreux domaines: ministres, députés, membres de la famille princière et sportifs luxembourgeois de l'année 2024. Le dîner de gala sera préparé par le personnel des cantines communales.

Il se réjouit particulièrement d'annoncer l'ouverture des inscriptions pour les vacances de ski des enfants du 6 au 11 avril aux Arcs. Trente-cinq enfants de la commune, âgés de 11 à 13 ans, pourront participer, avec une liste d'attente en cas de désistement de dernière minute.

**JERRY HARTUNG (CSV)** annonce une nouvelle offre de la commune de Differdange, principalement

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech si frou Iech haut, um 5. Februar 2025, déi éischt Sitzung vun dësem Joer, an eise Sitzungssall begreifen ze kënnen. Ier mer zum Ordre du jour kommen, géif ech den Här Ulveling Tom entschëllegen, dee beruufsbedéngt net kann dobäi sinn. An ech hunn ee Krankeschäi kritt vun der Madamm Morgan Engel, déi och net ka present sinn, aus gesondheetleche Grënn. Op dëser Plaz wënsche mer der Madamm Engel eng gutt Besserung, dass se geschwënn erëm gesond ass.

Dat gesot, wéilt ech froen, ob Froen unzemelle wäeren, déi mer tëschent der Séance publique an der Séance non-publique traitéiere géifen. Schrëftlech Froe sinn erakomm vun den Härën Diderich a Meisch. Si weider Froen unzemellen? Jo, ech schreiwe mer dat op: den Här Aguiar, d'Madamm Pregno an d'Madamm Schütz. Ech soen Iech Merci.

Da kéime mer zum Punkt 1 vum Ordre du jour, de Kommunikatioun vum Schäfferot. Ech, mengersäits, hunn eng kuerz Matdeelung ze maachen.

Wéi Der heihinner komm sidd, de Moien, hutt Der gemierkt, dass verschidde Parkinge scho vun dem Entrepreneur a vun de Baggeren ageholl gi sinn. Sou, dass et wierklech eminent ass, dass mer vun hei eraus plënnere wéinst Transformatiouns- a Renovéierungsarbechten, déi hei am Gemengenhais uginne. An och den Ofrappaarbechte vun deenen zwee klengen Haiser hei niewendrun.

Dat hei wäert och déi lescht Sitzung sinn, déi mer an dësem Sall hei ofhale wäerten. Mer wëssen, dass, wa mer erëmkommen, no de Renovatiounen, egal wéi laang dat dauert, dass dës Sall eng aner Destinatioun kréie wäert, dass mer een anere Sitzungssall kréien, méi ee groussen, een, deen der Technik vun haut besser ugepasst ass. An da wäerte mer net méi an deem Sall hei landen, mee an deem neie Gebai, wat niewendru gebaut gëtt, wou Der op de Pläng gesitt, wou deen neie Sitzungssall dann hikomme wäert.

Dat wier et vu menger Säit. Da géif ech d'Wuert dem Här Wagner ginn, deen

eis och eng Matdeelung ze maachen huet. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, e schéine gudde Moie vu menger Säit. Ech wollt Iech e puer Evenementer aus dem Manifestatiounskalenner matdeelen.

Do ass, op där enger Säit d'Megafuesend den 1. an den 2. Mäerz. Do steet alles. De Virverkauf leeft gutt un.

Fir de Promi-Dinner zugonschte vum Télévie, den 29. Mäerz am Schlass zu Déifferdeng, ass alles programmiert. Eis Promie kommen nees aus ville Sparten: vu Minister, iwwer Deputéierter, Pränzekanner bis de Lëtzebuerger Sportler vum Joer 2024.

De Gala-Dinner gëtt nees vun eise Leit aus de Kantine gemaach. An dat war d'lescht Joer schonns bal stäeverdächtig. Inscriptiounen, fir bei der Soirée dobäi kënnen ze sinn, starten am Diffmag, Editioun Mäerz.

Wouriwwer mer richteg frou sinn, sinn d'Inscriptiounen fir d'Kannerschivakanz vum 6. bis den 11. Abrëll zu Les Arcs, organiséiert vum Service des sports.

Mir huelen do 35 Kanner tëscht eeel an dräizéng Joer mat. Alles Kanner aus der Gemeng. A mir hunn och eng Liste d'attente, falls der géifen, en dernière minute, ofsprangen. Wéi ee gesäit: d'Demande ass do. Merci gesot.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Den Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Villmools merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Matbierger a Vertrieeder vun der Press – bon, et ass nach keen do, mee vläicht lauschtere se no.

(Gelaachs)

## 2. Finances communales

Gudde Moien. Ech hunn eng flott Annonce ze maachen an zwar vun enger neier Offer vun der Gemeng Déifferdeng, an der Haaptsaach fir déijéineg, déi net esou technikaffin sinn.

Et ass hautdesdaags quasi onméiglech, fir ouni Computer, Smartphone oder sozial Netzwierker ze fonctionéieren. Et geet natierlech och ouni, heiansdo ass et och besser mol ofzeschalten, mee et gött awer och Saachen, wou een et wëll, brauch oder et d'Liewe vereinfacht.

D'Stad Déifferdeng bitt jo mëttlerweil vill administrativ Demarchen online un, déi et engem vereinfachen, respektiv de Wee op d'Gemeng erspueren. Während déi eng mat dësen Technologien an Apparater besser eens ginn, feelt et aneren oft un Ënnerstëtzung. A fir dës Ënnerstëtzung fir eis Bierger start de 17. Februar dohier de SmartCafé vum Service vum Vivre-ensemble, deen dann all Méindeg vu 14.00 bis 16.00 Auer stattfanne wäert.

Fir déi Interesséiert, déi nach ni do waren, de Service befënnt sech uewen an der Foussgängerzon op 16-18, Avenue de la Liberté.

De SmartCafé ass ee Konzept, wat, an der Haaptsaach, déi eeler Generatioun viséiert, awer net nëmmen. All Technik-Neiling kritt hei gehollef, fir sech mat der digitaler Welt vertraut ze maachen. Et ass een Treffpunkt, wou d'Leit an enger entspaanter Atmosphär konkreet Hëllef op hir Froe kréien.

An deem Kontext wéilt ech op déi interessant Konferenz zum Thema Web Banking a Phishing opmierksam maachen, déi d'Stad Déifferdeng, an Zesummenaarbecht mat GoldenMe, der Spuerkeess an der BGL, en Donneschdeg, den 13. Februar um 14.00 Auer am Ale Stadhaus organiséiert. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Madamm Charlé, wannechgelift.

---

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci villmools fir d'Wuert. Ech wäert mech kuerz halen, well d'Stëmm ass net ganz a Form, mee ginn awer mäi Besch. Eng kleng Kommunikatioun vu menger Säit, wat de Verkéier ugeet. Ufank der Woch ware mer frou, eis am Quartier vum Bock, sief et d'Rue Boettelchen, d'Rue de l'Eau an déi Stroossen, déi ënne bis bei d'Maison relais ginn, gesinn ze hunn. Wou mer zesummen iwuer déi aktuell Situatioun am Quartier geschwat hunn, vu dass mer wëssen, dass am September d'Schoul um Bock erëm wäert zu 100 % voll sinn a mer och wëssen, dass mer virun de Renovatiounsarbechte ganz vill Probleemer mam Verkéier haten.

Mir hunn zesummen eppes ausgeschafft gehat, sinn dat mat de Bierger duerchgaangen, an hu ganz vill Iddie matgehoill vu Leit, déi do wunnen. Vun dëser Plaz wëll ech nach eng Kéier villmools Merci soen, all deene Leit, déi owes komm waren. Et war 18.00 Auer, et war richtig, richtig kal, mee et ware wierklech vill Leit do. A mir hu wierklech flott Saache mathuele kënnen. Mir hoffen am September, wann d'Schoul erëm ganz ausgelaascht ass, all déi Saachen esou ëmgəsət ze hunn. Mee dat gesäit op jidde Fall scho ganz, ganz gutt aus.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Mir kéimen zum Punkt 2 vum Ordre du jour, de Gemengefinanzen. D'Analys vum Exercice 2023, wat Der op der Diffcloud respektiv am Dossier, dee virun Iech läit, noliese kënn.

De Budget, dat ass een Dokument vun 250 Säiten, wat vu staatlecher Institutioun, vum Interieur, kontrolléiert gött. Nodréiglech wëll ech deene Leit nach eemol felicitéieren, déi un deem Dokument geschafft hunn. 250 Säiten, dat ass ee Resultat vun enger Aarbecht, déi sech iwuer Wochen zitt. A wann dann den Interieur dat kontrolléiert a mir bleiwen op dräi kleng Remarken hänken, dann ass dat ee Bewäis, dass am Virfeld eng mega gutt Aarbecht gelescht ginn ass, an dass mer eis dofir net brauchen ze schummen. An déi Erklärungen, déi do ofgi sinn, Dir hutt se

*destinée aux personnes peu familiarisées avec la technologie. La Ville de Differdange propose de nombreuses démarches administratives en ligne, qui simplifient la vie et évitent les déplacements à l'hôtel de ville.*

*Tandis que certains maîtrisent ces technologies, d'autres manquent souvent de soutien. Pour apporter cette aide aux citoyens, le SmartCafé du département vivre-ensemble débutera le 17 février et aura lieu tous les lundis de 14 h à 16 h.*

*Le SmartCafé vise principalement la génération plus âgée, mais pas exclusivement. Tout novice en technologie pourra y recevoir de l'aide pour se familiariser avec le monde numérique.*

*Il met aussi en évidence une conférence sur le sujet du banking en ligne et de l'hameçonnage, coorganisée par la commune en collaboration avec GoldenMe et deux banques. Cet évènement aura lieu le jeudi 13 février à 14 heures dans l'ancien hôtel de ville.*

---

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** communique sur la circulation routière. En début de semaine, elle s'est rendue dans le quartier du Bock, notamment dans la rue Boettelchen et les rues menant à la maison relais. Elle a discuté avec les résidents de la situation actuelle. Sachant que l'école du Bock sera à nouveau pleine à 100 % en septembre et connaissant les nombreux problèmes de circulation avant les travaux de rénovation, ils ont élaboré ensemble des solutions.

*Elle remercie chaleureusement tous les habitants venus malgré le froid à 18 h. Ils ont pu recueillir d'excellentes idées des résidents et espèrent avoir tout mis en œuvre pour septembre, quand l'école sera à nouveau pleinement opérationnelle.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** reprend la parole pour aborder le point 2 de l'ordre du jour concernant les finances communales et l'analyse de l'exercice 2023. Le budget, document de 250 pages contrôlé par l'institution étatique du ministère de l'Intérieur, témoigne d'un travail de plusieurs semaines. Il félicite les

## 2. Finances communales

*personnes qui ont travaillé sur ce document, soulignant que n'avoir que trois petites remarques du ministère prouve l'excellent travail préalable accompli, dont ils peuvent être fiers.*

*Le premier point traite d'une différence de 2116 € correspondant à une annulation de factures.*

*Le deuxième point concerne des codes à six chiffres, qui ont été mal appliqués, et dont le montant a été recodé et approuvé comme correct.*

*Le troisième point constitue une synthèse des textes présentés et évoque une offre d'un bureau qui n'a pas été validée la même année, avec une facture décalée. Il insiste sur le fait qu'il n'y a ni intention malveillante ni détournement dans ces erreurs, et que tout a reçu l'aval initial du conseil communal. Il demande l'approbation de ces points pour pouvoir transmettre les réponses au ministère de l'Intérieur et protéger les employés communaux.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** intervient pour préciser que son groupe n'a pas nécessairement participé au contenu, comme exprimé lors des discussions budgétaires, mais qu'ils approuvent l'aspect comptable. Malgré quelques petites remarques identifiées par échantillonnage par le ministère de l'Intérieur, ils votent favorablement ces deux éléments.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** apporte une précision sur la distinction entre les comptes administratifs, qui représentent le volet politique qu'il ne peut soutenir, car il ne l'avait pas soutenu lors du budget initial, et les comptes de gestion qu'il approuvera. Il reconnaît que les remarques formulées concernent de petites erreurs au regard de l'ensemble des montants traités, que les suites nécessaires sont prises et que les explications sont fournies.

(Votes)

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** poursuit avec le point 3 concernant le personnel communal et la loi de mai 2023 sur le climat de travail dans les administrations publiques. Il souligne qu'un bon travail ne peut être garanti que dans un climat professionnel sain, et qu'une bonne at-

schrëftlech virun Iech leien, d'Remarken an d'Erklärungen, ech mengen, déi schwätze fir sech.

Am Punkt 1, den Etat vun de Recetten, schwätze mer vun enger Differenz vun 2.116 Euro. Dat ass eng Annulatioun vu Facturen. Am Punkt 2 schwätze mer vu Coden, déi sechsstellig sinn, déi falsch ugewannt gi sinn an dee Montant ass dann ëncodéiert ginn an als gutt approuvéiert ginn. Punkt 3, dat ass eng Zesummefaassung vun deenen Texter, déi Der virun Iech leien hutt. Am Punkt 3 schwätze mer vun enger Offer vun engem Büro, déi gemaach ginn ass, an déi Offer ass net an deem selwechte Joer validéiert ginn, eng Rechnung ass decaléiert ginn.

Mee do ass awer näischt dran, wou ee ka soen, dass do mat Absicht eppes falsch geschitt wär oder eppes deviéiert gi wär, wat net op déi Destinatioun sollt ukommen, wou et, dès le début, virgesi war. Dat heescht och, wou et, dès le début, hei den Aval vum Gemeengerot hat.

Ech wier frou, wann Der mer dee Punkt géift stëmmen, soudass mer déi Äntwerten aschécke kënnen an och vis-à-vis vum Interieur kloer a propper dinstinn. An och vis-à-vis vun eisen Employéen.

Dat vu menger Säit. Wuertmeldungen? Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Wuert. Schéine gudde Moien alleguer, vum Contenu hier si mer net onbedéngt derbäi gewiescht, dat hate mer jo och schonn an de Budgetdiskussiounen esou geäussert. Comptabilitéitstechnesch si mer awer dobäi.

Trotz de puer kleng Remarken, déi, no Stéchprouwe vum Interieur, fonnt goufen oder festgehale goufen, stëmme mer déi zwou Saache gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Nach eng Wuertmeldung zu deem Punkt um Ordre du jour? Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Just déi Prezisioun, déi den Här Meisch indirekt ginn huet, et ass jo ëmmer den Ënnerschied: Comptes administratifs a Comptes de gestion. Comptes administratifs, dat ass de politesche Volet, dee mer och elo net kënnen ënnerstëtzen, well mer en deemools net ënnerstëtzt hunn, beim Budget. D'Comptes de gestion, déi wäerte mer stëmmen.

Déi Remarken, déi do gemaach gi sinn, dat si kleng Feeler, opgrond vun där ganzer Mass, déi do zesumme kënn. Déi néideg Suite gi jo och ënnerholl. An d'Explicatiounen sinn do. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Diderich. Keng weider Wuertmeldung. Dann hätt ech nach just eng Matdeelung, déi ech am Ufank vergiess hat. Den Här Ulveling huet der Madamm Ceman seng Procuratioun gi fir d'Ofstëmmung. Da wësst Der doriwwer Bescheid.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Mir fänke mam Compte administratif, also dee vum Schäfferot, dann un am Votum.

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 voix non d'arrêter le compte administratif de l'exercice 2023.*

Deen zweete Vott ass dee vum Compte de gestion, dee vum Receveur.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'arrêter le compte de gestion de l'exercice 2023.*



# 3. Personnel communal

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci. De Punkt 3 betrëfft d'Personal vun eiser Gemeng, awer net nëmmen d'Gemengepersonal, mee de Punkt 3 steet a Relatioun mam Gesetz vum Mee 2023. D'Gesetz vum Mee 2023 beschäftegt sech mam Aarbechtsklima an den ëffentlechen Administratiounen.

Wéi Der wësst: Eng gutt Aarbecht kann nëmme garantéiert ginn, wann d'Klima op der Aarbechtsplaz stëmmt. Eng gutt Atmosphär ënner Kolleegen a Kolleginnen op der Aarbecht ass d'Basis dovunner. Dëst ass eng Erausforderung fir eis Salariéen an och fir déi Responsabel. Mir all mussen dozou bäidroen, dëst ze garantéieren.

Bei Netanhale vum Schutz vum Aarbechtsklima, gëtt den Informant duerch dës Instruktioun geschützt. De Lanceur d'alerte am Text genannt, fënnt d'Informatiounen betreffend d'Modalitéiten vun dëser Instruktioun genau erëm. Wéi, wat, wou ass genau erkläert an dierf keng Fro méi onbeantwort loossen. Probleemer op der Aarbecht musse gemellt ginn, an den Annonceur muss geschützt ginn.

Ech kéim gläichzäiteg zu der Kommunikatioun betreffend de Punkt 3b, do befaasst sech d'Gesetz mat Schikanei, Belästegung op der Aarbechtsplaz. Een No-Go op enger Aarbechtsplaz. Net ze entschëllegen oder schéinzerieden. Als Gemeng si mir verpflichtet, eis Beamten a Beamtinnen virun esou Situatiounen ze schützen.

All Moosnam, déi geholl gëtt a Relatioun zum Lanceur d'alerte, wéi et offiziell am Text steet, an zum Harcèlement op der Aarbechtsplaz gi genau an deenen zwee Guiden erkläert. Déi zwee Texter, déi net a Stee gemeesselt sinn, bleiwen op fir all Verbesserung.

No Kenntnissnam vum Text hunn eis Delegatiounen en Avis favorable ofginn. Och wëll ech vun der Situatioun profitéieren, fir ee grouse Merci auszuschwätzen eisem Personalbüro, deen dësse Guide ausgeschafft huet. Ouni Jurist ze sinn, a mat hire Kenntniss, mat vill Opwand, mat vill Aarbecht a mat ville Renseignement, déi se ageholl hu

riets a lénks, ass et hinne gelongen, dëst preziiert Dokument opzestellen.

No eisem Vott ginn d'Detailer vun dëser Nott um Internetsite vun der Gemeng publizéiert.

Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Punkt? Jo. Den Här Cillien, wannech gelift.

## ERIC CILLIEN (DP):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, merci villmools fir d'Wuert. Mir begrëssen deen Text, virun allem en vue vun deem, wat an der Lescht vill an der Press ze liese war an anere Gemengen, wou relativ vill Probleemer waren. Och well déi Gemenge sech vläicht net esou een Dokument ginn hunn.

Dat ass absolutt luewenswäert. Mir soen och de Beamten, déi dorunner geschafft hunn, ee grouse Merci. Natierlech ënnerstëtze mer dat, zum Wuel vun allen Aarbechter a Mataarbechter op eiser Gemeng. Merci.

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. Madamm Pregno.

## LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Gudde Moien alleguerten. Déi Gréng begrëssen dës Procédure de signalement, virun allem, well mer zesumme mat déi Lénk d'lescht Joer am Mäerz 2024 eng Motioun dozou agereecht haten, well et jo och eng legal Prozedur ass, déi obligatoresch ass u sech fir all Instruktioun.

Mir wëssen, a mir sinn eis bewosst, dass dat immens wichteg ass. D'Personalgestioun ass ee riseg Volet op der Gemeng an ee richteg schwierege Volet. Ech denken, dass dat hei dat deels ka facilitéieren.

Dat eenzeg, wat mir eis froen: D'Anonymitéit ass jo just bis ee Punkt, u sech, an der Prozedur garantéiert. Mir hunn awer och an der Vergaangenheet gesinn, dass Leit, déi mol Lanceur d'alerte waren, am Endeffekt de Kierze-

mosphère entre collègues constitue la base de cette exigence. Cette instruction protège les lanceurs d'alerte, qui signalent des problèmes, en détaillant précisément les modalités de protection. La loi traite également du harcèlement et des brimades sur le lieu de travail, considérés comme inacceptables. La commune a l'obligation de protéger ses fonctionnaires de telles situations. Il remercie chaleureusement les membres du bureau du personnel qui, sans être juristes, ont élaboré ce document précis avec beaucoup d'efforts et de recherches.

ERIC CILLIEN (DP) exprime son soutien au texte, particulièrement au vu des problèmes récemment médiatisés dans d'autres communes, qui n'avaient peut-être pas établi de tel document. Il félicite le travail réalisé et confirme le soutien de son groupe pour le bien-être de tous les travailleurs communaux.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) rappelle que son groupe avait déposé une motion à ce sujet en mars 2024, soulignant le caractère obligatoire de cette procédure légale. Elle reconnaît l'importance de ce dispositif dans la gestion du personnel, un volet complexe de l'administration communale. Cependant, elle exprime une inquiétude concernant l'anonymat, qui n'est garanti que jusqu'à un certain point dans la procédure. Elle évoque des cas passés, où des lanceurs d'alerte ont finalement subi des conséquences négatives, se retrouvant exclus ou contraints de partir. Elle demande quelles réflexions ont été menées pour prévenir de telles situations.

Laura Pregno se demande si des réflexions ont été menées concernant la possibilité pour une personne souhaitant vraiment préserver son anonymat de collaborer avec une institution externe, qui garantirait cet anonymat, ou si d'autres solutions ont été envisagées.

Elle précise que son groupe soutient naturellement la proposition tout en souhaitant obtenir ces informations à titre informatif.

### 3. Personnel communal

**CLAUDE OLTEN (CSV)** explique qu'avec une administration de plus de 800 personnes, des problèmes peuvent toujours survenir quelque part, mais certains n'osent pas les signaler par crainte de subir des difficultés au travail. Cette procédure protège le lanceur d'alerte, qui n'a plus à craindre de signaler un problème.

Il souligne qu'ils disposent désormais également d'une procédure concernant le harcèlement, ce qui est certainement bénéfique pour le climat de travail et la protection des collaborateurs. Son groupe vote favorablement.

**ERNY MULLER (LSAP)** indique que son parti salue cette procédure concernant les lanceurs d'alerte. Il rappelle qu'ils en avaient déjà discuté et avaient exprimé leur souhait de se doter de cet instrument.

Il considère également comme important le guide contre le harcèlement, qui définit clairement ce que c'est et la manière de l'interpréter. Il souligne que le personnel a participé à l'élaboration de ce guide, permettant de clarifier le fonctionnement interne, l'organisation du climat de travail et les relations entre collègues. Il considère cet outil important d'une part pour protéger le lanceur d'alerte et pour suivre la procédure en cas d'incident, et d'autre part pour œuvrer à prévenir de tels incidents. Il remercie tous ceux qui ont contribué à ce travail.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** aborde les deux volets du règlement. Il rappelle que son groupe, avec les Verts, avait pris l'initiative de souligner qu'il ne s'agissait pas d'un simple « nice to have », mais d'une obligation découlant d'une directive européenne et de la loi. Tout employeur de plus de 800 personnes doit disposer d'un tel dispositif. Il reconnaît qu'ils l'ont mis en place un peu plus tard que prévu par le législateur, mais considère son adoption particulièrement importante pour leur commune, compte tenu des événements des dernières années.

Il évoque la crise passée, qui a généré beaucoup de méfiance et d'insécurité entre collaborateurs et au

re gezunn hunn. Sinn dozou Iwwerleeunge gemaach ginn, wéi een deem géigesteiere kann? Dir wësst all, op wat ech uspillen. Et ass jo u sech dann deen, deen eppes denoncéiert, deen herno deen ass, quasi wou gaange gëtt. Oder geet, well en och seng Plaz an der Administratioun net méi fënnt. An dat dierf jo u sech awer net sinn.

Do hu mer eis d'Fro gestallt, ob do schonn iergendwéi vläicht ugeduecht ginn ass, dass deen, dee wierklech am Anonymat bleiwe wëll, ee vläicht mat enger externer Institutioun zesumme schaffe kann, wou wierklech säin Anonymat garantéiert ass. Oder ob vläicht iergendeppes anescht ugeduecht ass. Just purement informatif géife mer dat gare wëssen. Mir stëmmen et awer natierlech mat. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno. Den Här Olten, wannechgelift.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Mat enger Administratioun vun iwwer 800 Leit kann ëmmer iergendwou ee Problem sinn, deen ee wëll mellen, sech awer net traute, aus Angscht, Schwierigkeeten op der Aarbecht ze kréien.

Mat dëser Prozedur ass de Lanceur d'alerte geschützt. Hie brauch net ze fäerten, ee Problem ze signaliséieren.

Punkto Harcelement hu mir dann och elo eng Prozedur, fir deem nozegoen. Wat sécher gutt ass, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, fir d'Aarbechtsklima. An dat zum Schutz och vun de Mataarbechter.

Mir stëmmen dat op jidde Fall mat Jo.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Olten. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Als LSAP begrësse mer déi Prozedur, betreffend de Lanceur d'alerte. Mir hate jo hei schonn doriwwer diskutéiert an do hu mir och gesot, mir géifen eis dat Instrument ginn. Och fanne ech wichteg, dat ass de Guide contre l'harcèlement, wou kloer dran definéiert ass: Wat ass Harcelement? Wéi kann dat interpretéiert ginn? An esou weider an esou fort. An do ass speziell, wou eist Personal jo dann och matgeschafft huet a wou mer kënne kloerstellen, wéi intern et ze funktionéieren huet, wéi d'Aarbechtsklima ze organiséieren ass a wéi d'Leit ënner sech d'Relatiounen sollen do fleegen.

Ech mengen, dat hei ass wichteg, engersäits fir, am Kader vun engem Lanceur d'alerte, wéi gesot, deen ze schützen an och déi Prozedur kënne weiderzeféieren, falls ee Virfall bestéing. An déi zweet Saach ass effektiv, fir drop hinzeschaffen, dass et zu kengem esou engem Virfall iwwerhaupt kënnt.

Merci all deenen, déi doru matgeschafft hunn. Mir begrëssen dat selbstverständlech.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemeengerot, ech ginn op déi zwee Voleten an, wéi déi meescht elo. Dat eent ass d'Reglement fir d'Lanceurs d'alerte, wou mer jo zesumme mat Déi Gréng d'Initiativ geholl haten, fir ze soen, et ass keen Nice to have, et ass eng Obligatioun. Et gëtt eng europäesch Direktiv, et gëtt ee Gesetz. Mir mussen als Patron vun iwwer 800 Leit een Dispositif hunn. Iwwerregens all Patron, deen nolauschtert, misst sech Gedanken maachen, dat en place ze setzen, jee no senger Gréisst, senger Taille.

Mir hunn et elo gemaach. Quitte, e bësse méi spët wéi virgesi war vum Legislateur. Mee wa mer dat haut stëmmen,



### 3. Personnel communal

dann hu mer dat. An ech mengen, grad eis Gemeng, nodeem wat an deene leschte Joren esou war, ass dat ganz wichteg, dass dat elo kënnt.

Mir haten eis deemools, nodeems mer déi Kris eeben haten, wou wierklech ganz vill Mëssvertrauen och entstanen ass, Onsécherheet tëschent de Mataarbechter, tëschent eis hei am Gemengrot, wou een net méi wusst, wat kann ee gleewen, wat kann een net gleewen, wat gëtt alles gemaach, wat net am Fong dem Statut och vum Fonctionnaire entsprécht.

Mir schaffen hei mat Personal, wat verëedegt ass op eis Gesetzter, op eis Constitutioun. A wann ee vun deene Mataarbechter Saachen observéiert, déi géint d'Reegele gi vun de Gesetzter, déi och am Fong géint eng Integritéit ginn, dann ass et seng Obligatioun, dat ze mellen.

An dann ass et eebe wichteg, dobäi geschützt ze sinn an net ze fäerten, wann ech dat doten elo mellen, wat sinn dann d'Konsequenze fir mech, wa mer iergendeng Präzisioun vläicht feelt, well ech eppes net bis an dee leschten Detail beweise kann. Oder well da vläicht déi geschützt ginn, déi hei d'Feeler begaangen hunn. Wann ee ganz uewen un der Spëtzt, wéi mer dat eeben haten, een hunn, deen no sengen eegenen Interessen dat mécht, da kann et fir déi ënnen-drënner eebe riskant sinn. An dofir ass esou een Dispositif wéi de Lanceur d'alerte ganz, ganz wichteg.

Dat steet hei explizitt dran. An da muss ee kucken, wéi dat da séchergestallt gëtt. Dat ass der Madamm Pregno hir Fro och gewiescht. Mee hei steet explizitt dran, och wann herno net bestätegt gëtt, juristescht oder esou, dass dat elo wierklech esou ass, dann ass déi Persoun awer protegéiert.

Si dierf natierlech keng Calomnie, kee veronglimpfen, just fir em ze schueden. Mee wann dat net aus der Loft gegräff ass a wann do seriö Bedenke waren, och wann net dee leschte Beweis virläit, kann ee Lanceur d'alerte iwwer eng gesécher Aart a Weis dat ubrénge. An da kann een där Saach nogoen. A wann een da weessEet ass esou oder et ass net esou, dann ass et jo gekläert. Da kann een duerno d'Geschicht klasséieren.

An da soll dat net deem zu Schued kommen, deen aus Responsabilitéitsgefill an aus sengen Observatiounen eraus eng Demarche gemaach huet, déi wichteg ass.

Well all Institutioun ass vulnerabel fir Abusen, dat ass esou. An desto méi grouss se ass, desto méi dat de Fall ass, an da muss ee sech esou ee Mécanisme ginn. An dat gi mer eis heimat. An dat ass ganz wichteg.

Wat ech mech elo gefrot hunn, bei deem Reglement vum Lanceur d'alerte a bei deem vum Harcelement, dat ass: Et leeft am Endeffekt jo iwwer Beamten, déi an der Struktur sinn, also déi hei schaffen, iwwer ee vun eise Servicer. Deen huet domadder eng grouss Verantwortung. Wat ass, wann dee selwer concernéiert ass? Gëtt et dann eng Instanz, wou een dat dann nach ëmmer ubrénge kann?

Et kann ee jo net dovun ausgoen: Déi schaffen an deem Service, dofir sinn déi Engelen an do kann net eng Kéier bei engem iergendeppes kromm lafen. Dat huet ee jo och an der Affär Caritas gesinn, dass och Leit, déi et emol vläicht net schlecht mengen – et ass jo nach net alles bewisen –, mee déi awer Saachen/Akte maachen, déi schlecht sinn, awer am Endeffekt Affer sinn, well dat ass awer kloer, dass hei eng ganz kriminell Organisatioun hanner där Geschicht do war a ganz vill Saachen en place gesat hunn.

Dofir muss een, wann ee schonn esou Saache mécht, all Eventualitéit am Fong bedenken. Dofir wollt ech déi Fro stellen: Wat ass wann? Gëtt et eng zweet Instanz, eng extern Instanz? Oder een zweete Kanal, wou ee weess, déi do Persounen, déi dat traitéieren, déi sinn elo selwer concernéiert, ech muss dat elo enzwousch anescht ubrénge. Ech soen Iech Merci.

---

#### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Weider Wuertmeldungen? Soss géif ech zu menge puer Erklärungen kommen, déi ech mer elo hei opgeschriwwen hunn?

Éischtens emol sinn ech frou, dass Der Iech Gedanke gemaach hutt iwwer dat

*sein du conseil communal. Il rappelle que le personnel est assermenté sur les lois et la Constitution, et qu'un employé observant des violations des règles légales ou de l'intégrité a l'obligation de le signaler.*

*Il souligne l'importance de la protection pour éviter les craintes de représailles, surtout lorsque les fautifs occupent des positions élevées. Le dispositif protège explicitement le lanceur d'alerte même si les faits ne sont pas juridiquement confirmés, à condition qu'il n'y ait pas de calomnie malveillante.*

*Gary Diderich s'interroge néanmoins sur ce qui se passerait si le service chargé du traitement des signalements était lui-même concerné par une alerte, évoquant la nécessité d'une instance externe ou d'un canal alternatif.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** se réjouit de l'intérêt porté au document, preuve de l'attention accordée au personnel communal. Il reconnaît le temps écoulé entre la loi et sa mise en œuvre, expliqué par un travail minutieux, tout en admettant que le texte reste perfectible. Il explique qu'il s'agit d'un guide directeur.

Concernant l'anonymat, il comprend les préoccupations et garantit de le maintenir aussi longtemps que possible. Il précise que, si un fonctionnaire doit être déplacé dans un autre service ou un autre bâtiment en raison d'une situation difficile, l'anonymat risque d'être compromis malgré eux, car les collègues s'aperçoivent forcément de ces mouvements.

Le collègue échevinal accorde une grande importance à la prévention pour éviter que quelqu'un se sente obligé de devenir lanceur d'alerte ou subisse du harcèlement. Sa porte, comme celle du collègue échevinal, reste toujours ouverte pour les personnes ayant des problèmes sur leur lieu de travail communal. Il affirme leur disponibilité pour intervenir préventivement afin d'éviter des cas plus graves.

Concernant la question de monsieur Diderich sur l'implication potentielle du service du personnel, il indique que le collègue échevinal prend alors des décisions indépendantes.

### 3. Personnel communal

*damment du service concerné. Si la situation prend une ampleur dépassant leurs compétences, rien n'empêche de faire appel à une société externe ou à un juriste pour les conseiller dans le cadre de la loi de 2023. Il assure que toutes les mesures prises respectent la personne concernée et que la procédure reste confidentielle et anonyme, car les conséquences peuvent être graves, notamment sur la santé, ce que personne ne souhaite et contre quoi ils s'engagent fermement.*

*(Vote)*

**JERRY HARTUNG (CSV)** présente un point concernant l'office social de Differdange. Il s'agit d'une pure formalité pour se conformer au ministère de l'Intérieur. Le personnel de l'office social travaille selon les mêmes conditions que les employés et fonctionnaires communaux. Étant désormais une administration autonome, ils doivent valider et faire approuver par leur conseil d'administration l'alignement sur les règles communales. Il précise que rien ne change pour le fonctionnement ni pour le personnel.

**ERNY MULLER (LSAP)**, en tant que président de l'office social, confirme les propos de monsieur Hartung. Il explique qu'ils ont dû prendre une délibération en ce qui concerne le conseil pour l'horaire mobile et l'application de la procédure du compte épargne-temps. Cette délibération du 18 décembre 2024 était nécessaire pour assurer le bon fonctionnement.

*(Vote)*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** aborde l'enseignement fondamental. Selon la loi du 6 février 2009, les écoles disposent d'un comité d'écoles élu, dont un président est désigné. À Oberkorn, après le départ de madame Falbo du service scolaire, le poste de président est devenu vacant. Après les nouvelles élections, personne n'était immédiatement prêt à assumer cette fonction. Madame Michèle Corbi accepte d'assurer la responsabilité, non pas comme présidente, mais comme responsable, pour une année. Le directeur régional a émis un avis favorable.

Dokument. De Bewäis ass mer ginn, dass et Iech um Häerz läit, wat mat eissem Gemeengepersonal geschitt, an dass mer alleguer hei ronderëm den Dësch eis bewosst sinn iwwer déi Responsabilitéit, déi mer hunn, mat där grousser Zuel u Leit. An et ass dat, wa mer vu Leit schwätzen, dass dat wichteg ass, dass dat Dokument haut hei um Dësch läit.

Et ass eng gewëssen Zäit vergaangen tëschent dem Gesetz, wéi dat och elo erkläert/gesot ginn ass, an tëschent der Realisatioun vun deem Text hei. Ech hunn Iech erkläert, dass mer dat minutiéis ausgeschafft hunn, an dass dowéinst Zäit vergaangen ass. Dat ass natierlech net a Stee gemeesselt. Et ass nach ëmmer verbesserungsfäeg. Dat ass ganz kloer. Ech hat geschter nach Récksprouch mat deene Leit, dat ass hinnen och bewosst an dat muss eis och bewosst sinn heibannen. Et ass ee Leitfaden, deen ëmmer verbesserungsfäeg ass. Dat ass ganz kloer.

Wat d'Anonymat ubelaangt, verstinn ech Är Bedenken. Eppes kann ech Iech garantéieren: Dass mer dat Anonymat sou laang wéi méiglech oprechterhalen. Wann natierlech ee Beamten, zum Beispill an enger Phas ass, wou et esou schro ass, dass mer e mussen an een anere Service setzen oder dass mer dee mussen deplacéieren aus dem Haus eraus enzwousch anescht, an een anert Haus, dass dann d'Anonymat, duerch déi Reaktioun, déi da vum Schäfferot kennt, a Fro gestallt gëtt wéinst Leit, déi dat jo awer dann am Haus hei matkréien, dat ass ganz kloer. Mee dat ass awer net mat Absicht, mee dat ass awer eng Folleg vun deenen Deplacementer, déi mer da musse maachen, fir déi Leit dann do ze schützen.

Mir als Schäfferot leeë ganz grouss Wäert op Preventioun. Mir leeë Wäert op Preventioun, dass et iwwerhaupt net esouwäit kennt, dass ee sech genéidegt fillt, fir ee Lanceur d'alerte ze sinn, oder dass een iwwerhaupt esou gemobbt gëtt. Dat heescht, eis Dier am Schäfferot a meng perséinlech, och als Buergermeeschter, steet ëmmer op fir Leit, déi ee Probleem hunn op der Aarbechtsplaz hei op der Gemeng. Ech mengen, do si mer ëmmer bereet fir do, am Rahme vun der Preventioun, ze intervenéieren, dass et net zu engem méi schro Fall kennt.

Dat anert, wat den Här Diderich gefrot huet, wann elo an engem Service, dee sech soll ëm déi Persoun këmmen, oder de Personalbüro, ee vun deene selwer implizéiert ass, ech mengen, da si mir als Schäfferot gefuerdert, fir do Decisiounen ze huelen a fir Decisiounen ze huelen à part vun deem Service, dee concernéiert ass.

Wa mir da gesinn, dass dat méi eng gréisser Envergure kritt, déi mir als Schäfferot net méi stemme kënnen, da schwätzt jo och näischt dergéint, fir sech extern vun enger Firma oder vun engem Jurist beroden ze loossen, wéi een do am beschten, am Rahme vum Gesetz vun 2023, virgoe kann. Ech mengen, all d'Méiglechkeete sinn eis do ginn. A wann et esou ee Fall gëtt, wäerte mer och vun der Situatioun profitéieren, fir dat am Nachhinein, wann dee Probleem geléist ass oder wa mer do eng Léisung fonnt hunn, fir Iech dat dann hei am Gemengerot matzedeelen.

Ech mengen, all déi Mesuren déi geschéien, déi mussen ëmmer am Respekt geschéien zu där Persoun, déi et betrëfft. An och déi ganz Prozedur muss klenggehal ginn an et muss anonym bleiwen an ëmmer am Respekt zur Persoun, déi et betrëfft. Well do kënne ganz schwéier Follgen, och schwéier gesondheetlech Schied entstoën, déi och keen heibanne wéilt a wou mer eis staark maache wäerten, fir dat ze ënnerbannen.

Dat gesot, soen ech Merci op jidde Fall fir déi Informatiounen. Mir wäerten déi mathuelen an déi an Zukunft och berücksichtigen. Da kéime mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la procédure de signalement interne « Lanceurs d'alerte ».*

---

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le guide contre le harcèlement à l'occasion des relations de travail.*

---

## 4. Office social / 5. Enseignement fondamental

Ech soen Iech Merci. Punkt 4 vum Ordre du jour betrëfft eisen Office social hei vun Déifferdeng. Ech géif dem Här Hartung d'Wuert ginn, wannechgelift.

---

### SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Dëse Punkt ass eng reng Formalitéit, wou den Office social sech konform setzt vis-à-vis vum Ministère de l'Intérieur.

D'Personal vum Office social schafft jo no deene selwechte Gegebenheete wéi d'Employéen an d'Fonctionnaires op der Gemeng. Fréier ware se dat jo och. Vu datt si elo eng eegestänneg Administratioun sinn, musse si alles selwer bei sech an hirem Conseil d'administration festhalen a validéiere loossen, datt si sech un eis Reegelen uleenen. Um Fonctionnement a fir d'Personal ännert sech näischt.

Ech bieden Iech, hir Decisioun positiv ze aviséieren. Merci.

---

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Den Här Muller, wannechgelift.

---

### ERNY MULLER (LSAP):

Als President vum Office social dinn ech déi Kap elo op a bestätegen dat, wat den Här Sozialschäffen, den Här Hartung, gesot huet. Mir hu mussen eng Deliberatioun um Niveau vum Conseil huele fir den Horaire mobile an d'Applikatioun vun der Prozedur vum CET, dem Compte épargne-temps, dee kennt Der jo. Duerfir war des Deliberatioun vum 18. Dezember 2024 néideg, fir dass dat dann och alles korrekt oflafe kann. Nach eng Kéier datselwecht, wat am Fong den Här Hartung gesot huet. Merci.

---

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Keng Wuertmeldung méi. Mir kommen zur Ofstëmmung. Merci.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'aviser favorablement le Règlement interne relatif à l'horaire mobile, au compte épargne-temps et aux congés de l'office social.*

---

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 5, deen dréit ëm den Enseignement fondamental. Här Wagner, wannechgelift.

---

### SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Laut Gesetz vum 6. Februar 2009 gëtt et an eise Schoulen ee Comité d'écoles, deen dann och gewielt gëtt. Aus deenen auserwielten Enseignantë gëtt ee Président designéiert.

Et ass esou, dass zu Uewerkuer, no-deems d'Presidentin, d'Madamm Falbo, an eise Service scolaire gewieselt ass, dee Poste vakant ginn ass. No den Neiwalen – d'Kompositioun hutt Der jo an Ären Ënnerlagen –, war direkt kee bereet, de Posten als President ze iwwerhuelen. D'Madamm Michèle Corbi war dunn d'accord, als Responsabel, net als Presidentin, dëst fir ee Joer ze iwwerhuelen.

De Regionaldirekter huet een Avis favorable ofginn. Ech bieden Iech, dëst esou matzestëmmen, fir e gutt Fonctionnement ze assuréieren. Merci.

---

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Här Cillien, wannechgelift.

---

### ERIC CILLIEN (DP):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, am Numm vum ganze Gemengerot, soen ech der Madamm Corbi Merci, datt se sech bereeterkläert huet, dee Posten unzehuelen. Et war, a mer wëssen et, net esou einfach, fir een ze fannen, deen dee Rôle wollt iwwerhuelen. Si mécht dat elo mol interims-

**ERIC CILLIEN (DP)**, au nom du conseil communal, remercie madame Corbi d'avoir accepté ce poste. Il reconnaît qu'il n'était pas simple de trouver quelqu'un pour assumer ce rôle. Il espère que le travail lui plaira suffisamment pour qu'elle poursuive ensuite comme présidente nommée du comité d'Oberkorn.  
(Vote)

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** présente le protocole d'entente entre l'État et la Ville de Differdange concernant le Lommelshaff. Après plusieurs réunions avec le ministère et les personnes concernées, ils sont parvenus à un consensus pour le bien des enfants. Avec l'État, ils créent un centre sociothérapeutique pour enfants et adolescents, ainsi qu'un centre pour jeunes avec troubles du spectre autistique, le tout dans l'ancien Lommelshaff.

La commune met gratuitement ce site à disposition de l'État pour une durée de trente ans, à condition que la commune n'ait aucun engagement financier dans les travaux de transformation et de modification du bâtiment, qui sont considérables. L'État prend en charge 100 % des coûts de cette rénovation majeure et des adaptations nécessaires.

Il précise qu'une partie de la cour et de l'environnement, notamment le grand terrain et l'arbre devant la porte, sont protégés. Une partie du bâtiment est également classée monument historique, ce qui doit être pris en compte dans les rénovations.

Il exprime sa satisfaction de pouvoir lancer ce projet avec l'État pour le bien-être des enfants. Il souligne que de nombreux enfants doivent actuellement voyager une heure en bus pour accéder à cette éducation spécialisée. Une fois le site opérationnel, les enfants bénéficieront d'un service de proximité, évitant les longs trajets quotidiens en bus. Cela représente une plus-value immense pour les enfants, leurs parents, la ville et le bien-être général des jeunes.

Il considère ce vote comme la première signature officielle nécessaire pour approuver la loi et permettre à l'État de lancer officiellement



## 6. Actes et conventions

*l'appel d'offres pour les plans et démarrer le projet. Il estime de manière réaliste que la durée des travaux sera de deux à trois ans après le vote.*

**ERIC CILLIEN (DP)** prend la parole pour commenter le protocole d'entente signé avec le ministère de l'Éducation. Il se réjouit que le projet du Lommelshaff devienne enfin concret et que les travaux débutent prochainement.

*Il confirme que deux centres thérapeutiques seront créés: un pour enfants et adolescents, et un centre de préparation à la vie active pour enfants avec troubles du spectre autistique. Il reconnaît l'importance de ces projets pour la société et souligne la plus-value pour les enfants, particulièrement ceux avec troubles autistiques, de pouvoir rester dans leur commune plutôt que de traverser le pays pour recevoir de l'aide.*

*Il remercie le ministère de l'Éducation pour la reprise du Lommelshaff et le fait que cela représente une opération neutre financièrement pour la commune. Cependant, il exprime des regrets, considérant cette situation comme une occasion manquée. Il estime que c'était l'endroit idéal pour créer une ferme pédagogique pour les enfants, les écoles et les maisons relais. Il évoque la possibilité d'un projet pédagogique complet autour du Lommelshaff, incluant l'accueil d'enfants à la ferme, une pédagogie assistée par les animaux, projet qui aurait certainement reçu un soutien de l'État. Cette solution aurait permis de préserver le Lommelshaff comme patrimoine de la ville et comme ferme traditionnelle, ce qui aurait été plus valorisant pour le patrimoine culturel de Differdange. Il regrette également la perte d'opportunité de créer des places d'accueil supplémentaires nécessaires dans la commune.*

*Néanmoins, il confirme le soutien de son groupe au protocole d'entente.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** évoque l'histoire du Lommelshaff au conseil communal. Elle souligne l'importance de préserver ce patrimoine pour Differdange et de permettre aux citoyens de l'ap-

weis. Ech hoffen, datt hir d'Aarbecht esou gutt gefält, datt se dann dat och herno wäert weidermaachen, als nominéiert Presidentin vum Komitee zu Uewerkuer „Um Bock“. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cillien. Och wann Dir d'Wuert huet am Numm vum Gemengerot, ech mengen, da kann awer nach een d'Wuert ergräifen. Et ass elo net, dass keen d'Wuert méi däerf huelen. Merci awer fir déi léif Wieder. Da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de désigner madame Michèle Corbi comme responsable d'école au sein de l'école fondamentale d'Oberkorn.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 6, d'Akten an d'Konventionen. Am Punkt 6a) schwätze mer vun engem Protocole d'entente, deem tëschent dem Staat an der Stad Déifferdeng ënnerschriwwen ginn ass. Dat ass a Relatioun mam Lommelshaff hei zu Déifferdeng.

Als Schäfferot hate mer des Ëftere Reunioun mam Ministère a mat deene concernéierte Leit. Mer sinn elo ganz frou, dass mer zu engem Konsens komm sinn. Dat heescht, dass mer ee Konsens fonnt hu fir de Lommelshaff zum Wuel vun eise Kanner. Wat soe wëll: Zesumme mam Staat, wéi Der an Äre Pabeiere liest, mat deem éischte Protocole d'entente maache mer ee Centre socio-thérapeutique fir Kanner, datselwecht fir Jugendlecher. Dat anert, fir jonk Leit mat Trouble du spectre d'autisme, maache mer och ee Centre. Dat Ganzt an deem ale Lommelshaff.

Wéi Der gesitt am Dokument, stelle mer dem Staat de Lommelshaff gratis zur Verfügung fir eng Dauer vun 30 Joer. Ënner der Konditioun awer, dass mer fir d'Embauarbeiten an d'Modifikatiounen vun deem ganze Bau, déi net kleng sinn – ech hu verschidde Projete gesinn, wéi déi Pläng ausgesinn an esou virun –, do kee finanziellt Engagement vun der Gemeng hunn. Dass si 100 % vun den Ausgabe vun där Renovatioun

do droen. Dat ass eng gréisser Renovatioun an eng gréisser Upassung.

Mir musse wëssen, dass een Deel vum Haff an een Deel vum Entourage, wéi déi grouss Lann, dee Bam, dee virun der Dier steet, deem ass geschützt. D'Natur an och en Deel vum Gebai steet ënner Denkmalschutz, dass dat an deene Renovatiounen berécksiichtegt gëtt.

Mir si frou, dass mer dee Projet mam Staat ugoe kënnen, wéi gesot, zum Wuel vun eise Kanner. Mir musse wëssen, dass vill Kanner mam Bus mussen eng Stonn fueren, fir där Educatioun do ze begéinen. Wa mer dat dote bis operationell hunn, dann hunn déi Kanner eppes op der Dier, wou se net brauchen all Dag eng Stonn mam Bus hin an hier gefouert ze ginn, wat eng immens Plus-value fir si ass, fir d'Elteren, fir eis als Stad an och fir d'Wuelbefanne vun de Kanner.

Dat ass eng gréisser Saach. Dat hei ass déi éischt Ënnerschrëft oder deem éischte Vott, dee mer musse leeschten, fir d'Gesetz ze stëmmen an, fir dass de Staat den Opdrag offiziell kann erausginn, fir d'Pläng ze maachen an dat Ganzt lancéieren ze kënnen.

Dat wäert eng Bauzäit anhuele vun, ech géif awer gäre soen, wa mer dat haut votéieren, zwee bis dräi Joer, fir realistesch ze bleiwen. Awer mer sinn um gudden Wee. Ech wier frou, wann Der mer dat doten haut am Gemengerot stëmme géift.

Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Projet? Den Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, erlaabt mer, e puer Wuert zum Protocole d'entente ze soen, deem Dir mam Educatiounsministère ënnerschriwwen hutt.

Fir d'alleréischte géif ech gäre betounen, datt mer frou sinn, datt et a Bezuch zum Lommelshaff endlech méi konkreet gëtt a mer lues awer sécher an nächster Zäit wäerten ukomme mat den Aarbechten.

Dir hutt et gesot, hei wäerten an deenen nächste Joren zwee Centres thérapeu-

## 6. Actes et conventions

tiques entstoen. Ee fir Kanner a Jugendlecher an ee Centre de préparation à la vie active fir Kanner mat Autismus-Spektrum-Stéierung.

Dëst si wichteg Projeten, déi eis Gesellschaft brauch. Wéi Der och sot, ass et fir déi Kanner, virun allem fir déi, déi op d'Ve active préparéiert ginn, déi eng Autismus-Spektrum-Stéierung hunn, eng grouss Plus-value, fir an der Gemeng bleiwen ze kënnen an net mussen duerch d'Land chaufféiert ze ginn, fir déi Hëllef do ze kréien.

No all deem Geld, wat fir de Lommelshaff an Etüde gestach ginn ass fir wonnerbar aner Iddien, déi ni realiséiert wäerte ginn, kënne mer frou sinn, an dem Educationnsministère och Merci soen, dass si de Lommelshaff iwwerhuelen, an datt et domadder och eng Nullrechnung fir eis Gemeng gëtt.

Trotzdem ass et awer och extreem schued, fannen ech, well mir gesinn dat nach ëmmer als eng verpasste Chance, fir hei eppes ze maache fir eis Kanner, fir d'Schoulen an d'Maison-relaisen. Well dat wier déi ideal Plaz gewiescht, ech hunn et schonn eng Kéier gesot, fir ee pedagogesche Bauerenhaff. Et hätt ee kënnen ee richteg flotte pedagogesche Projet ronderëm de Lommelshaff opbauen.

(Ënnerbriechung duerch d'Laura Pregno)

Dir kënnt dat herno soen. Loosst mech, wannechgelift, ausschwätzen, Madamm Pregno. Merci.

Ech denken u Kannerbetreuung um Bauerenhaff, eng déiergestützte Pädagogik, ee Projet, dee mat Sécherheet och vu staatlecher Säit ënnerstëtzt gi wier, vläicht net zu 100 %, awer op alle Fall ënnerstëtzt. An et hätt een natierlech och Wisen anerwäerts kënnen ulounen, fir eppes mat den Déieren ze maachen. Och dat wier méiglech gewiescht, ech mengen, dat wier och kee Problem gewiescht. Vläch um Roudenhaff.

Domat hätte mer als Gemeng de Lommelshaff als ee Stéck Patrimoine vun eiser Stad, als dat, wat et ëmmer war, an zwar als ee Bauerenhaff, weider bestoe gelooss. Wat eiser Meenung no méi va-

loriséierend gewiescht wier fir eist Déifferdenger Kulturierwen.

Ech soen, et ass eng verpasste Chance. Esou gesi mir dat op d'mannst emol. Fir och zousätzlech Betreuungsplazen hei ze schafen, déi awer an der Gemeng néideg sinn, vu datt mer awer nach ëmmer Kanner op der Waardelëscht hunn.

Mee et ass ee gudde Projet. Also, mir sinn net géint dee Projet, dat wëll ech net falsch verstanen hunn, mee mir hätten eis eppes anescht hei gewënscht. Mir stëmmen deen natierlech mat, dee Protocole d'entente. Merci.

---

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

---

### LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Entschëllegt, Här Cillien, ech wollt guer net onhéiflech sinn. Dat virewech gesot.

Ech ginn herno kuerz drop an. De Lommelshaff huet schonn eng länger Geschicht hei am Gemengerot, et ass e bëssen esou wéi ee Ball, deen hin an hier sprénkt, wou mer eis am Fong all eens sinn, dass et wichteg ass, dass Déifferdeng dee Patrimoine erhält a weider schützt. A mer eis awer, wann ech dann elo d'Interventioun vun der DP héieren, och, mengen ech, eens sinn, dass et eppes ass, wouvun d'Déifferdenger Bierger solle profitéiere kënnen.

Wann ech e bëssen op d'Geschicht aginn, da wësse mer jo all, dass scho ganz vill Iddie gesammelt goufen. Dat huet den Här Cillien jo och gesot. An et huet awer wirklech un der Ëmsetzung gefeelt, well einfach och alles, wat d'Renovatioun vun deem Site ugeet, immens vill Sue kascht an déi och an der Zäit einfach gefeelt hunn.

Ech mengen, et war jo och an dëser Kolitioun am Ufank de Gedanken, dass dat Ganzt sollt verkaf ginn an domadder sech dee Klotz vum Been e bëssen ewech sollt gehale ginn. Ëmsou méi frou si mer, dass en elo net verkaaft gëtt, dass mer nach ëmmer Déifferdenger Patrimoine erhalen, an dass d'Re-

précier. Elle rappelle que de nombreuses idées ont été collectées, mais que la mise en œuvre a échoué en raison des couts élevés de rénovation.

Elle mentionne que la coalition actuelle avait initialement envisagé la vente du site. Elle se réjouit que le site ne soit finalement pas vendu, que le patrimoine soit préservé et que l'État prenne en charge la rénovation sans impacter les finances communales.

Elle regrette cependant que seuls des groupes cibles spécifiques soient visés par le projet. Elle note qu'il existe déjà un centre sociothérapeutique pour enfants à Soleuvre et un centre pour l'autisme à Leudelange. Elle déplore la perte de la multifonctionnalité initialement envisagée pour le lieu. Le citoyen ordinaire de Differdange n'aura plus accès au site, qui deviendra fermé.

Elle rappelle les diverses propositions passées : une crèche proche de la nature avait été envisagée (la ferme pédagogique posait des questions sur l'entretien des animaux), des espaces pour les clubs et des lieux pour organiser des fêtes, qui manquent à Differdange. Tout cela disparaît avec le projet actuel.

Laura Pregno comprend que le collège échevinal n'avait pas 100 000 choix concernant ce qui devait être réalisé dans ce projet. Elle pense que cette décision est principalement dictée par les contraintes financières et de réalisation. De ce point de vue, elle peut comprendre la démarche et approuve ce projet.

---

**GUY TEMPELS (CSV)** exprime la satisfaction de son parti de voir enfin un projet complet se concrétiser sur le site du Lommelshaff. Il souligne que tous les projets précédents présentaient toujours des aspects problématiques.

Il explique qu'une ferme pédagogique ou une crèche n'aurait pas fonctionné à cet endroit en raison des contraintes d'accès et de livraisons. Il s'interroge sur qui aurait géré une telle structure, notant l'absence de terrain adjacent, sauf pour élever quelques poules et lapins. Il affirme que ce projet correspond

## 6. Actes et conventions

*bien à Differdange et apportera une valeur ajoutée à la commune.*

*Il reconnaît que le site ne sera plus accessible à tous comme c'était déjà le cas récemment.*

*Son parti vote en faveur du projet.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *commence par un dicton sur les occasions manquées. Il résume le projet en évoquant les nombreuses idées qui ont été proposées. Il rappelle que la première réaction importante, dont on peut encore profiter aujourd'hui, a été de protéger le site après qu'un promoteur avait tenté d'en tirer le maximum et obtenu des autorisations de construction sans les réaliser. La commune a alors demandé une protection patrimoniale et a décidé d'acheter le site pour garantir la préservation du patrimoine. Avec ce projet, la commune reste propriétaire et le patrimoine est préservé.*

*Il mentionne toutes les idées qui auraient pu apporter une activité différente à Differdange et bénéficier au commerce local en créant plus de circulation.*

*Il souligne le manque de places de crèche, rappelant que Differdange ne dispose que de deux crèches publiques. Une crèche supplémentaire aurait été utile, mais cela aurait représenté un investissement considérable pour les finances communales. Il note que l'État finance désormais l'intégralité des coûts de rénovation, ce qui n'était pas acquis au départ, compte tenu de l'ampleur des travaux nécessaires pour résoudre les problèmes d'humidité. Le projet crée une offre pour un public qui en a besoin, située près du centre-ville et des transports publics.*

*Il conclut qu'il faut faire le deuil des autres possibilités envisagées, même si certaines auraient pu bénéficier à un public plus large. Il précise qu'il ne veut pas dénigrer ce projet, qu'il trouve beau, bon et important, mais qu'il faut le mettre en relation avec toutes les autres idées proposées.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *estime qu'après cette excellente synthèse des différents groupes, il reste peu à ajouter. Son parti s'est également penché longuement sur ce dossier*

*novatioun vum Staat iwwerholl gëtt, wat d'Déifferdenger Keess net be-laascht.*

*Wat mer schued fannen, ass, dass elo hei eng bestëmmten Zilgrupp, oder zwou dann, viséiert sinn. Dir sot eng Stonn Faart – also e Centre socio-thérapeutique fir Kanner gëtt et zu Zolwer, dat ass elo net esou wäit. Natierlech ginn da méi Plaze geschaf.*

*Wa mer vun Autismus schwätzen, okay, dann ass et Leideleng. Ech kann och verstoen, dass et flott ass, wann een dat méi nobäi huet.*

*Wat mer e bësse regrettéieren, dat ass, dass déi Multifunktionalitéit vun deem Lieu, dee geduecht war, verschwënnt. Den Déifferdenger Ottonormalbierger, firdeen ass dat herno een zouene Site, wou en zwar ka laanscht spadséieren a kucken, wéi schéi renovéiert et ass, an hie kuckt och dee schéine Bam – ech si ganz frou ze héieren, dass dee weiderhi geschützt gëtt –, mee u sech huet dee Bierger elo näischt méi dovunner.*

*Deemools war eng Crèche ugeduecht, et war net Bauerenhaff ugeduecht, well ee sech d'Fro gestallt huet: Wéi geet dat mat deenen Déieren? Wie kann dee ganzen Dag d'Betreiung assuréieren vun deenen Déieren? Dat war alles gekuckt ginn, deemools, déi Projeten. Et war eng naturno Crèche ugeduecht. Maison relais war schwieereg, et wären net genuch Plazen. D'Schoul ass wäit. Do waren eng Rei Pisten ugeduecht ginn, déi awer och deels erëm rejetéiert goufen.*

*Wat awer och geduecht war, ware Raim, wou Clibb sech kéinte versammelen. Et sollt eng Plaz sinn, wou Fester kéinte gefeiert ginn, well och dat feelt eis zu Déifferdeng. Dat heescht, dat verschwënnt alles.*

*Ech ka mer awer iergendwou virstellen, dass de Schäfferot keng honnertdau-send Choix méi hat, wien a wat doranner komme sollt. Ech denken, dass dat hei warscheinlech och eng Decisioun ass, déi de Finanzen an der Realisatioun einfach ënnerläit. Vun deem Standpunkt hier, kënne mer et iergendwou novollzéien a stëmmen dëse Pro-jet.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

*Merci, Madamm Pregno. Den Här Tempels, wannechgelift.*

**GUY TEMPELS (CSV):**

*Merci alleguerten. Mir als CSV si frou, dass endlech elo ee Projet op de Lommelshaff kënnt, dee komplett schéngt ze sinn. All déi aner, et war ëmmer ier-gendeppes, wat net gepasst huet. Ee Bauerenhaff oder eng Bauerenhaff-Crèche, oder wéi ee se nenne wëllt, hätt op dëser Plaz hei net funktionéiert, well do gëtt et Oploen. Dat ass alles net esou einfach. Wie wäert dat geréieren? Et ass keen Terrain derbäi. Ausser Dir wëllt een Hong an eng Kanéngchen halen. Ech mengen, dat ass alles net esou ein-fach.*

*Eiser Meinung no ass dëse Projet ee Projet, deen op Déifferdeng passt an deen eis och ee Méiwäert brénge wäert.*

*Natierlech, den Haff wäert net méi zougängelech si fir jiddwereen. War en zwar och bis elo déi lescht Zäit net!*

*Mir stëmmen dee Projet hei mat Jo. Merci.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

*Merci, Här Tempels. Här Diderich.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

*Jo, hätten an haten, sinn zweeërlee Ta-ten.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

*Staaten.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

*Souwäit sinn ech ni komm.*

*(Gelaachs)*

*Dat ass e bëssen esou, wéi een dee Pro-jet hei resüméiere kéint. Ech mengen, et ware ganz vill Iddien do. Deen éischte*



# 6. Actes et conventions

Reflex war ee ganz wichtege a vun deem kënne mer elo nach profitéieren, nodeems ee Promoteur, ech weess net wéi vill Tier gedréit huet, fir de Maximum do erauszehuelen an am Fong scho Baugeneemegungen hat, an et einfach net gemaach huet, datt dunn eng Protektioun gefrot ginn ass, déi mir och ënnerstëtzt hunn als Gemeng. Hu mer dann een nächste Schratt gemaach, gesot, mir kafen et a mir stelle sécher, dass dee Patrimoine erhale bleift.

Mat deem heite Projet stelle mer elo sécher, dass d'Gemeng Proprietär bleift an de Patrimoine och als Gebai an der Gemeng erhale bleift. Déi Case hu mer dann emol ofgehaakt. Dat ass gutt.

Op där anerer Säit sinn all déi Iddien, a si si scho genannt ginn, wat een do hätt maache kënnen, fir eng aner Aktivitéit nach an Déifferdeng eranzebréngen, wat vläicht och der Geschäftswelt eppes bruecht hätt. Do hätte mer e bëssen en ekonomeschen Eck direkt do vis-à-vis och kritt, wann een do nach méi Vae-t-vient kritt hätt. Da wär dat och, mengen ech, bénéfique gewiescht.

Et feelt u Crèchèplazen. Mir hu just zwou ëffentlech Crèchen zu Déifferdeng, dat ass d'Kornascht an d'Bëschcrèche. Eng weider ze maachen, hätt eis net geschuet. Do hätte sech bestëmmt Weeër fonnt. Mee et wär ganz sécherlech ee groussen Invest gewiescht fir eis Keess. Dat heescht, et ass och, mengen ech, eng budgetär Fro hei: Bleift dat elo erhalten?

De Staat bezilt déi ganz Renovatiounskäschten, dat wousst jo och kee vu vir-eran, dat huet sech eréischt au fur et à mesure erausgestallt, wéi opwänneg dat dann och géif ginn, fir dat doten esou ze renovéieren, dass d'Fiichtegkeet net ëmmer erëm der Saach ee Stréch duerch d'Rechnung mécht. Dat huet eeben ee gewëssene Käschtepunkt. Fir dee Käschtepunkt kënnt de Staat elo op.

Et gëtt eppes geschafe fir e Public, wou et Plaze brauch. Eng flott Offer. An déi kënnt och relativ no an den Zentrum vun Déifferdeng, no un den ëffentlechen Transport gebonnen. Ech mengen, dat sinn alles Virdeeler. Mee et muss een einfach hei den Deuil maachen, dass mer eng ganz Rei Saachen elo net kréien, déi ee sech hätt kënne virstellen.

Mee ech fäerten, dofir ass och einfach ze vill Zäit verluer gaangen.

Et ass eng Sortie, déi okay ass, déi akzeptabel ass, och wann ee sech méi schéi Saachen hätt kënnen erdreemen, also „méi schéin“ – Saachen, déi méi engem breede Publikum och nach zegutt komm wären.

Ech wëll elo net falsch verstane ginn, de Projet ass ee schéine Projet, ee gudde Projet, ee wichtege Projet, fir dat, wat do elo geschafe gëtt. Dat wëll ech net schlechtschwätzen. Mee et muss een et eeben a Relatioun setze mat allen aneren Iddien, déi och do waren. Ech soen Iech Merci.

---

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Här Muller, wannechgelift.

---

## ERNY MULLER (LSAP):

No dëser flotter Synthèse vun deene verschiddene Bänken a wierklech ganz gudden Interventiounen, ass net méi ganz vill ze soen.

Och d'LSAP hat sech mat deem Dossier länger Zäit beschäftegt, wéi och déi aner Parteien. A mir haten och aner Iddien. Ech wollt emol dat hei soen, dat ass, wéi mer elo ukomm sinn, dass dat Wichtigst ass, dass de Patrimoine geschützt gëtt. Dass mer elo awer trotzdem ee Projet kréien, deen herno e Vorzeigeobjekt ass a gläichzäiteg ee wichtege Rôle an eiser Gesellschaft, an eiser Formatioun, do erfëllt gëtt, am Kader vun eise Kanner an eise Jugendlechen.

Déi Fro, ob een domat zesumme kann déi Dieren opmaachen an och nach aner Saache vläicht zesumme mat deem maachen, dat dierft wuel schwiereg ginn, mee dat sollt een awer vläicht probéieren. Well et wëll ee jo och keng Exklusioun, mir wëllen Inklusioun. Vläch ass et awer méiglech, déi nei Aktivitéit méi an d'Liewe vun eiser Stad anzubannen. Dat sief nach dohigestallt.

Am Moment bedauere mer vläicht, wat mer hätten eventuell alles maache kënnen, mee mir si frou, dass mer hei ee

*et avait d'autres idées. Il considère que le plus important est la protection du patrimoine et que le projet deviendra un objet de référence tout en remplissant un rôle important pour la formation des enfants et des jeunes.*

*Il s'interroge sur la possibilité d'ouvrir les portes et d'intégrer d'autres activités, souhaitant l'inclusion plutôt que l'exclusion. Il espère que la nouvelle activité pourra s'intégrer davantage dans la vie de la ville. Tout en regrettant ce qui aurait pu être réalisé, il se réjouit de la solution trouvée et remercie le collègue échevin d'avoir trouvé un partenaire. Il souligne positivement que la commune reste propriétaire du terrain et du patrimoine.*

*Son parti soutient l'idée et votera pour.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** reprend la parole, reconnaissant qu'il existe des structures d'accueil pour enfants à Soleuvre et Leudelange, mais déplore les longues listes d'attente, qui empêchent de répondre à tous les besoins. Il se réjouit donc de créer cette nouvelle structure pour accueillir les enfants qui en ont besoin.

*Guy Altmeisch affirme que les citoyens ayant des enfants avec des besoins spéciaux dans leur quotidien sont satisfaits que le Lommelshaff soit désormais adapté à cette destination. Il souligne que cet établissement sera aménagé pour accueillir ces enfants et les aider dans leur situation actuelle, ce qui représente une grande plus-value pour ces familles.*

*Il explique que le patrimoine reste préservé, car, en cas de vente, la commune n'aurait eu aucune influence sur l'avenir du bâtiment. L'acheteur aurait assumé la responsabilité du bâtiment et de son apparence, même si celui-ci est protégé. La commune n'aurait pas eu de contrôle sur ce qui se passe derrière les murs protégés. Cette considération a renforcé la décision de procéder ainsi.*

*Il ajoute que financièrement, le projet aurait été difficile à réaliser, car les études ont révélé d'importants travaux de rénovation nécessaires. Lorsque l'État ou la commune entreprend des rénovations,*

## 6. Actes et conventions

*l'ITM doit être impliquée, ce qui augmente les couts, comme le montrent régulièrement les budgets lors de rénovations d'écoles ou de bâtiments publics.*

*Concernant l'installation de crèches sur ce site, l'accessibilité aurait été problématique en raison du manque de places de parking appropriées. Il confirme néanmoins que la commune négocie avec un promoteur important à Oberkorn près du cimetière pour y installer une crèche. Des terrains communaux sont impliqués dans ce projet, notamment la maison où habitait le fossoyeur dans la rue Duchscher, où une infrastructure pour crèches sera aménagée.*

*Il mentionne également le projet de rénovation de l'ancien bâtiment Servior dans le centre de Differdange, l'ancien couvent, où une grande crèche est prévue pour les habitants du centre-ville.*

*Quant à l'idée d'utiliser le site pour des festivités, il reconnaît le besoin de la commune pour de tels espaces, mais précise qu'ils doivent être sans voisins proches et avec suffisamment de parking, conditions non remplies au Lommelshaff.*

*(Vote)*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** présente une convention avec l'État concernant les structures SEA, incluant les maisons relais et les crèches Kornascht et Bësch. Il précise que rien ne change fondamentalement dans la convention, excepté l'interdiction générale des téléphones portables dans les écoles et maisons relais à partir de janvier pour les enfants de 0 à 4 ans, et après Pâques pour ceux de 4 à 12 ans. Les plateformes numériques continuent de s'avérer utiles à des fins éducatives et administratives, par exemple pour diffuser des informations importantes auprès des parents grâce à l'application e-Bichelchen.

*Il soutient pleinement cette démarche du ministère de l'Éducation, soulignant le rôle exemplaire du personnel vis-à-vis des enfants et des parents. Les services se réuniront le 25 février pour planifier les changements après Pâques.*

gudden Auswee fonnt hunn. A soen dem Schäfferot Merci, dass se dee richtige Wee gaange sinn, fir ee Partner ze fannen. En plus, dat ass och schonn hei gesot ginn, dass mer Proprietär bleiwe vum Terrain a vum Patrimoine iwwer déi gesamt Zäit. Dat ass séier positiv.

Mir kënne nëmme soen, mir ënnerstëtzen déi Iddi a wäerten och dofir stëmmen. Merci.

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Keng weider Wuertmeldung.

Erlaabt mir e puer Wuert dozou. Ech kann zwar net esou gutt reime wéi den Här Diderich, mee ech wëll awer nach e puer Wuert soen zu Ären Aussoen an zu Äre Bemierkungen.

Et ass richtig, Madamm Pregno, wéi Dir gesot hutt, dass et zu Zolwer an zu Leideleng esou Structure-d'accueil gëtt fir d'Kanner, mee leider gëtt et do immens laang Waardelëschten. An do kann net ëmmer all Kand, wat ee Besoin huet, betreit ginn, senge Besoinen entsprechend. Dofir si mir frou, eng weider Struktur hei ze schafen, fir déi Kanner dann hei betreien ze kënnen.

Een aneren hei am Sall huet gesot, d'Bierger hätten am Fong geholl dann näischt méi esou vum Lommelshaff. Ma ech kann Iech awer garantéieren, dass déi Leit, déi esou Kanner am Alldag ronderëm sech hunn, Familljen, déi mat esou Kanner liewen, dass déi warscheinlech awer frou sinn, dass de Lommelshaff elo där doter Destinatioun entsprécht, an dass de Lommelshaff esou ausgeriicht gëtt, dass en op ass, fir esou Kanner ze accueilléieren a fir de Kanner an hirem Ist-Zoustand ze hëllefen. Dat ass fir déi Leit op jidde Fall dann awer eng grouss Plus-value.

De Patrimoine, dee bleift an deem Sënn bestoen, well wa mer et verkaaft hätten, wéi och ee Moment hei ugeschwat ginn ass, dann hätte mer guer keen Afloss méi gehat op d'Zukunft vun deem Haus. Dann hätte mer net gewosst, wat dermat geschitt wär, wat de Keefer dermat gemaach hätt.

Bei engem Verkauf kritt een eng gewësen Zomm Suen an dann hat et sech domat. Deen, deen et kaaft huet, huet d'Responsabilitéit vum Gebai, vun der Zukunft vum Gebai an och vum Ausgesinn, deelweis – quitte, dass et geschützt ass. Mee wat hanner deene geschützte Mauere geschitt, hu mir net ëmmer Afloss. Dat huet eis och gestärkt, fir op dee Wee do ze goen.

D'autant plus, well et finanziell och, wéi Der gesot hutt, e schwéier-stemmbar Projet gewiescht wier, well mer Etüde maache gelooss hunn a festgestallt ginn ass, dass awer vill ze renovéiere gewiescht wier. An Dir wësst, wann de Staat oder d'Gemeng eppes renovéiere léisst, da muss och d'ITM mat an d'Boot geholl ginn, fir deementsprechend dat anzeriichten. An dass dat de Bau an eng Renovatioun net méi bëlleg mécht, dat gesitt Der allkéiers an deene Budgeten, déi mer nostëmme loosse mussen, wa mer eng Schoul renovéieren oder wa mer ëffentlech Gebailechkeete renovéiere respektiv nei bauen.

Déi aner Saach, vu Crèchen op där doter Plaz, vu dass mer net déi richtig Parkplazen hunn an net dee richtigen Zougang hunn, wier dat schwéier accessibel gewiescht fir d'Leit.

Ech kann Iech awer confirméieren, dass mer amgaange sinn, mat engem gréisser Promoteur, deen zu Uewerkuer beim Kierfecht ee Projet amgaangen ass, wou mer och nach verschidden Terraine mat draeie hunn, do auszuhandelen, dass mer do eng Crèche hikréien. Dat heescht Uewerkuerer Kierfecht, wou mer dat Haus als Gemeng nach hunn, wou soss den Doudegriewer dra gewunnt huet an der Duchscher Strooss, fir dass Der wësst, vu wat ech schwätzen, déi Wisen, déi riets dovunner leien, do kréie mer eng Bausubstanz amplaz, fir do Crèchen ze amenagéieren, fir déi Leit, déi ee Besoin hunn.

Net ze vergiessen, hei Déifferdenger Zentrum, Dir wësst, dass mer plënnere an dat Aalt Servior-Gebai, deen ale Klouschter, wa mer hei d'Gemeng renovéieren. An do hannendrun ass och virgesinn, fir d'Leit, déi am Zentrum wunnen, fir do nach eng gréisser Crèche ze amenagéieren.

Dat anert, wat gesot ginn ass, et wier och eng flott Plaz gewiescht fir Fester ze

## 6. Actes et conventions

feiere fir eis Leit. Eng Plaz, wou mer wierklech als Gemeng ee Besoin hunn. Ech kann Iech just confirméieren, esou eng Plaz musse mer sichen an esou eng Plaz hu mer deelweis fonnt, mee esou eng Plaz ass just gutt ouni Noperen a mat Parkplaz. Dat hu mer bei där Situatioun um Lommelshaff leider net. Soudass mer déi Plaz och fir déi doten Destinatioun ausgeschloss hunn.

Ech kann, am grouse Ganzen, zréckbehalen, dass Der de Projet matstëmme wäert an ech sinn och frou doriwwer, fir déi Informatiounen matzehuelen a fir an Zukunft ze wëssen wou mer mam Lommelshaff histeieren an Iech an Zukunft och wäert driwwer informéieren, wéi wäit d'Aarbechte virugeschrott sinn. Respektiv wäert Der dat sur place gesinn oder vun eis dann informéiert ginn. Ech soen Iech Merci.

Mir kënnen zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le protocole d'entente signé avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg portant sur l'aménagement et le financement de l'immeuble Lommelshaff à Differdange.*

---

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 6b), enger Konventioun vun der Bëschrèche an dem Kornascht. Do géif ech dem Här Wagner d'Wuert ginn, wannechgelift.

---

### SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Hei ass eng Konventioun mam Staat betreffend eisen SEA-Strukturen. Dat sinn eis Maison-relais-Haiser, mee och d'Crèche Kornascht a Bësch.

Et ass esou, dass un där Konventioun näischt Extraes changéiert, ausser de generellen Handyverbuet an de Schoulen an an de Maison-relais ab Januar, dëst Joer fir Kanner tëschent null a véier Joer an no Ouschtere fir déi tëschent véier an zwielef Joer.

Natierlech wäert weiderhi kënnen op de Support numérique zréckgegraff gi fir pedagogesch an administrativ Zwe-

cker. Ech denken do un d'E-Bichelchen, mee och eis Dimmi-App, déi an de Maisons relais genotzt gëtt, fir den Eltere wichteg Infoen ze vermëttelen.

Sécherlech ass dat eng gutt Saach. Mir ënnerstëtzen dës Demarche vum Bildungsministère zu 100 %. Eisem Personal ënnerläit eng wichteg Aufgab. Si stinn do als Virbild fir d'Kanner, mee och vis-à-vis vun den Elteren. Eis Servicer gesi sech de 25. Februar, fir d'Changement no Ouschteren ze planzen an dann och kloer ze vermëttelen.

Ech kann Iech déi éischt Estimatioun, wat d'Finanzement vun eisen Haiser ugeet, soen. Eis Crèche wäerten 2.634.686 Euro kaschten, déi zu 100 % vum Ministère rembourséiert ginn. D'Maison-relais-Strukture gi mat 21.897.946 Euro chiffriert, wou mer eis als Gemeng mat 25 % dru bedeelegen, also 5.474.000 Euro.

Merci, fir dës Konventioun esou matzestëmmen.

---

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Den Här Olten, wannechgelift.

---

### CLAUDE OLTEN (CSV):

Merci fir d'Wuert. Et ass elo villes erklärt ginn. Mir begrëssen dës Konventioun fir d'Maison-relais an d'Crèche, och wann et eppes ass, wat all Joer erëmkënnt.

Dëst ass e wichtegt Dokument, wat de Kader tëscht dem Staat an der Gemeng setzt, notament wat d'Personal an eise Betreuungsstrukturen ugeet.

Ech wëll bemierken, dat ass scho gesot ginn, dass et gutt wär, wa mer effektiv nach eng Crèche géife bäikréien. D'Demande ass grouss.

Mir stëmmen dat op jidde Fall mat Jo.

---

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Olten. Den Här Meisch, wannechgelift.

*Il présente les estimations financières: les crèches couteront 2 634 686 €, remboursés à 100 % par le ministère, tandis que les structures de maisons relais sont chiffrées à 21 897 946 €, avec une participation communale de 25 %, soit 5 474 000 €.*

---

**CLAUDE OLTEN (CSV)** exprime son soutien à cette convention annuelle, qui établit le cadre entre l'État et la commune, notamment concernant le personnel des structures d'accueil. Il souligne le besoin d'une crèche supplémentaire face à la forte demande.

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** rappelle l'évolution depuis 1987 avec l'ouverture de la première cantine scolaire au centre de Differdange avec seulement trente enfants. Aujourd'hui, des centaines d'enfants fréquentent les maisons relais et une centaine ont une place en crèche. Il confirme que la convention fixe les modalités financières pour 2025 et remercie l'ensemble du personnel des structures d'accueil pour leur engagement.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** prend la parole pour souligner le travail précieux qui est accompli. Il explique que cette convention, qui revient chaque année et doit être renouvelée, conserve toute sa valeur malgré son caractère répétitif. Il note positivement que l'État contribue à hauteur de 75 %, même si cela signifie que la commune doit encore apporter 25 %.

Il attire l'attention sur le fait que Differdange a toujours été historiquement bien positionnée dans ce domaine, mais qu'il est important de ne pas rater le coche et de risquer d'avoir à nouveau des listes d'attente plus importantes. La commune connaît une croissance et doit suivre avec les places en maisons relais.

Il insiste sur le besoin de créer davantage de crèches publiques. Ce sont les crèches publiques communales, qui permettent d'organiser mieux la circulation et les places de parking dans les quartiers, plutôt que de laisser cela au hasard. Il évoque le problème des crèches qui s'installent dans des maisons unif-



## 6. Actes et conventions

*miliales les unes après les autres, sans qu'on sache comment gérer la circulation quand les parents viennent déposer et chercher leurs enfants.*

*Il rappelle que la participation de l'État est encore plus élevée pour les crèches, ce qui devrait encourager Differdange à poursuivre ses efforts. L'objectif devrait être d'avoir au minimum une crèche publique par localité, mais la commune en est encore loin avec seulement une crèche à Niederkorn et la crèche forestière pour toute la commune.*

*Erny Muller (LSAP) profite de l'occasion pour féliciter tout le personnel des maisons relais et des crèches pour son travail précieux dans l'intérêt des enfants et des parents. Il partage l'opinion qu'il faut continuer à travailler sur le projet d'une crèche supplémentaire pour offrir une crèche publique de plus aux habitants. Cela éviterait que chaque local commercial prévu se transforme en crèche privée à but commercial.*

*Il trouve problématique que cette activité commerciale soit reconnue et puisse s'installer dans des locaux normalement destinés au commerce. Il s'inquiète systématiquement quand un nouveau projet immobilier avec local commercial est construit, craignant qu'une crèche s'y installe, citant l'exemple d'un grand projet récent près de la place du Marché.*

*Il affirme que la commune ne veut plus de cette situation, mais souhaite créer des places pour les enfants tout en résolvant les problèmes de livraison et de récupération des enfants dans les quartiers, où la circulation pose déjà problème. Il note que l'accès au bâtiment n'est pas considéré dans l'agrément d'une crèche privée.*

*Il reconnaît néanmoins que la commune figure parmi les meilleures du pays pour l'offre de places en maisons relais et crèches, notamment avec la crèche forestière et le Kornascht, mais maintient l'objectif que chaque enfant obtienne une place dans une crèche ou dans une maison relais communale.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** prend brièvement la parole, saluant l'an-

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, wéi all Joer ee klengt Statement zu dësem Punkt.

Alles gongt un 1987 mat der Ouverture vun der éischter Schoulkantin am Déifferdenger Zentrum, mat deemools just engen 30 Kanner. Mëttlerweil sinn et Honnerte Schoulkanner an enge vun eise Maison-relais, déi ageschriwwen sinn. Do derbäi kommen dann nach eng honnert Kanner, wou eng Plaz an enger vun eisen zwou Crèchen hunn.

D'Detailer goufen all genannt a stinn am Dossier. D'Konventioun leet am Fong déi finanziell Modalitéit fir d'Joer 2025 fest. Dat ass zumindest den Hauptpunkt.

Vun der Estimatioun vun e bësse méi wéi 22 Milliounen Euro iwwerhëlt de Staat 75 % an d'Gemeng déi iwwer 25 %. D'Crèche gi ganz vum Staat iwwerholl.

Ech profitéieren dovunner, fir dem ganze Personal an eise Betreuungsstrukture villmools Merci ze soen fir hiren Asaz. Mir stëmmen déi Konventioun hei ganz gär mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt och eppes dozou soen, well hei eng ganz wäertvoll Aarbecht gemaach gëtt. Et ass och eng vun deene Saachen, wéi mer der e puer haut hunn, wat all Joer erëmkënnt. Dat ass eng Konventioun, déi muss eeben all Joer erneiert ginn, dofir gëtt dat dann iergendwann repetitiv, dat verréngert awer net d'Wäert vun der Aarbecht, déi hei gemaach gëtt a wéi wichteg déi Konventioun ass. An dass et och emol gutt ass, dass de Staat 75 % bäileet, dat heescht awer och nach ëmmer, dass mir der 25 % opbréngen müssen.

Et muss een och mol drop opmierksam maachen, dass Déifferdeng, historesch, relativ gutt ëmmer opgestallt war an deem dote Beräich. An et do wichteg

ass, net den Zuch ze verpassen an iergendwann erëm riskéiert, méi grouss Waardelëschtchen ze kréien. Ech mengen, mir hunn ee Wuesstum ze verzechnen a mir müssen och do mat de Maison-relais-Plazen nokommen an eeben hei nach eng Kéier de Message eeben och vum Besoin no weideren ëffentleche Crèchen.

Et sinn déi eege geschafene ëffentlech Crèchen, déi sécherstellen, dass mer de Verkéier, d'Parkplazen och méi organiséiert kréien an dat net einfach an all de Quartieren dem Zoufall ze iwwerloossen – dat Theema hate mer schonn hei a verschiddene Kommissiounen. Och wéi maache mer et, dass net an Eefamilljenhaiser eng Crèche no där aner opgeet an da wësse mer net, wéi do soll de Verkéier gereegelt ginn, wann d'Leit hir Kanner bréngen a siche kommen.

D'autant plus, dass hei d'Bedelegung vum Staat jo och nach méi héich ass fir d'Crèchen, denken ech, dass mer als Déifferdenger Gemeng do definitiv weider Efforte maache sollten. D'Zil misst am Fong sinn, dass mer pro Uertschaft op d'mannst eng ëffentlech Crèche hunn. An dovu si mer nach wäit ewech, mat enger fir Nidderkuer an enger Bëschcrèche, déi fir d'ganz Gemeng ass. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir als LSAP wollt vum der Geleeënheet profitéieren, fir dem ganze Personal vun de Maison-relais an de Crèchen ze felicitéieren fir hir wäertvoll Aarbecht am Interesse vun de Kanner an och den Elteren.

Mir sinn och der Meenung, dass mer sollte weiderhin um Projet vun enger Crèche schaffen, fir de Leit eng zousätzlech ëffentlech Crèche nach unzëbilden. Dat géif dann och vermeiden, dass an all Geschäftslokal, also wou da soll ee Geschäftslokal drakommen, eng Crèche drakënnt, mam Zil, dass dat och als kommerziell Aktivitéit – ech

## 6. Actes et conventions

fannen dat e bëssen ee staarkt Stéck, dass dat als kommerziell Aktivitéit unerkannt gëtt. An dofir kann dat och dann a Lokaler kommen, wou normalerweise Commerce virgesinn ass.

Et grault mir ëmmer, wann erëm iergendwéi eppes gebaut gëtt mat engem Geschäftslokal, da froen ech direkt: Wat kënnt dann dohin? A bei engem leschte grouse Projet hunn ech dann als Äntwert kritt: eng Crèche. Dat ass vis-à-vis vun der Maartplaz. Nëmme fir ze soen.

An dat ass e bëssen dat, wat mer net méi wëllen. Mir wëlle Plaze schafe fir eis Kanner. Mir wëllen déi Problematik, déi den Här Diderich ugeschnidden huet, vum Uliwweren an Ofhuele vun de Kanner an de Quartieren, wou scho Problemeer si mam Verkéier. Wat oft op Plazen ass, wou iwwerhaupt Gefore bestinn, awer dat gëtt guer net consideréiert am Agreement vun enger Crèche. Do gëtt just d'Gebai gekuckt an net den Accès fir bei dat Gebai.

Fir de Rescht, kënne mer awer trotzdeem soen, mir si mat un der Spëtzt vun de Gemengen am Land, wat d'Offer u Plaze fir Maison-relais ubelaangt. An ech mengen, och Plazen an de Crèchen hu mer awer trotzdeem nach eng Partie, mat der Bëschcrèche a mam Kornascht. Mee virun allem Weiderfuere mat der Zilsetzung, dass all Kand eng Plaz hei an der Gemeng an enger Crèche an och an enger Maison relais kritt. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Madamm Schütz, wannechgelift.

---

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudd Moien Iech alleguerten an och dobaussen, léif Nolauschterer. Ech wollt eigentlech näischt soen, well et jo eppes ass, wat all Joer zrëckkënnt, mee ech hunn awer geduecht, als gréng Partei sollte mer dann och, well all Partei sech gemellt huet, d'Wuert huelen.

Ech begrëissen, Här Altmeisch, dass Der eis éinescht gesot hutt, dass vläicht eng nei Crèche dann op Uewerkuer

kënnt, well a menger Budgetsried, vun deem Joer scho virdrun, hat ech dat schonn erwänt, dass et wichtig wär, als esou eng grouss Gemeng, nach eng weider Gemengcrèche ze hunn.

Ech profitéieren dann och dovun, dem ganze Personal Merci ze soen. A mir hu jo gesinn, dass dat all Joer erëmkënnt, mee dass awer kleng Changementer allkéiers drakommen. Och do ass näischt a Stee gemeesselt, wéi Dir ëmmer sot, Här Altmeisch. An dat ass och eng gutt Saach, dass do och ëmmer erëm weider gekuckt gëtt fir dat Joer duerno, wat nach u Wichtigkeet gefeelt huet. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Den Här Wagner, nach eng Kéier.

---

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Ech wëll just kuerz drop äntworten. Dat ass elo näischt, wou ech onbedéngt direkt muss eng Äntwert liwweren, mee trotzdeem, mat de Crèchen, wollt ech ënnersträichen, wat den Här Buergermeeschter gesot huet, dass mer amgaange sinn ze kucken, fir effektiv weider Crèchen ze kréien, ze schafen, déi awer dann a Gemenghand sinn, respektiv déi och zentral sinn.

Dat heescht an allen Ecker vun der Uertschaft, wat och elo scho gesot ginn ass, ass et immens wichtig, och do erëm, déi kuerz Weeër ze hunn. An natierlech muss een och da Parkplaze schafen, dass d'Kanner och gutt, ech soen elo emol ganz pauschal, ausgedee kënne ginn. Mee dat ass awer wichtig, wat an de Quartiersplazen net ëmmer esou einfach ass. An déi Leit, déi an der Noperschaft wunnen, dat och net ëmmer esou cool fannen.

Mee, wéi gesot, mir sinn do drun, fir Crèchen ze baue respektiv nei Plazen ze schafe fir eis Kanner. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Mir kommen zum Vott.

*nonce du bourgmestre concernant une possible nouvelle crèche à Oberkorn, qu'elle avait déjà évoquée dans son discours budgétaire. Elle remercie le personnel et note que, même si ce point revient annuellement, de petits changements sont toujours apportés.*

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** répond en soulignant que la commune travaille effectivement à créer de nouvelles crèches, qui resteront en mains communales et seront centralisées. Il est important d'en avoir dans tous les coins de la localité, avec des trajets courts et des places de parking pour déposer les enfants en sécurité, même si les voisins n'apprécient pas toujours.

(Vote)

Thierry Wagner présente le point suivant concernant une convention pour mettre en place deux classes CTSA destinées aux enfants du cycle 1 à 4 souffrant de troubles du spectre autistique. Ces deux classes, situées actuellement à l'école Prince-Henri d'Oberkorn, accueillent respectivement quatre et cinq enfants, dont quatre de la commune.

Il affirme le plein soutien de la commune à ce projet, qui ne vise pas à économiser de l'argent, mais à offrir une bonne solution et une chance à tous les enfants ayant des difficultés, car ils sont tous égaux.

Les modalités financières entre l'État et la commune sont clairement définies dans la convention. Bien que la gestion de la cantine ne soit pas spécifiée dans cette convention, mais dans une autre avec les SEA, les enfants bénéficient naturellement des repas communaux.

Thierry Wagner souligne l'importance du passage de l'article 6, qui établit que les enfants de la commune sont pris en priorité. Il précise que ce principe est également souligné dans le préambule de la convention, qui stipule que les trajets doivent effectivement être courts afin de favoriser une intégration sociale et culturelle proche du domicile. Il remercie le conseil communal pour le soutien apporté à cette convention.

(Vote)

## 6. Actes et conventions

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** introduit ensuite le point concernant une convention entre trois parties sur le financement des activités de l'office social de Differdange.

**JERRY HARTUNG (CSV)** présente cette convention, qui est votée chaque année. L'objet de cette convention concerne le financement et le fonctionnement de l'office social. Par cette convention, l'office social s'engage à fournir aux personnes et aux familles en détresse les aides prévues par la loi. La commune et le ministère se partagent à égalité de parts le financement de tout ce qui en découle. Cela comprend les frais de personnel, le loyer des locaux, les secours versés aux personnes et d'autres dépenses. Au total, environ 2,2 millions d'euros sont couverts à moitié par l'État et la commune. Il conclut en remerciant chaleureusement tous les membres de l'office social et du conseil d'administration pour leur travail et demande de voter en faveur de cette convention.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** indique que son groupe vote comme chaque année cette convention avec l'office social, qui effectue un travail très important et précieux. Cependant, il exprime le souhait que ce travail ne soit pas nécessaire, car recourir à l'office social signifie se trouver dans une situation, où l'on ne peut pas subvenir complètement à ses propres besoins.

Il déplore que de plus en plus de personnes qui travaillent soient concernées et ne puissent couvrir leurs besoins existentiels avec leur salaire. Il affirme que ce n'est pas une fatalité, mais le résultat d'une politique qui va dans la mauvaise direction depuis des années, où un nombre toujours plus restreint de personnes deviennent toujours plus riches.

Il critique la politique fiscale, qui permet cette accumulation de richesses et le manque de courage pour augmenter le salaire minimum de 300 €.

Il s'inquiète spécifiquement de la hausse des prix de l'énergie depuis le 1er janvier 2025 et demande si l'office social constate déjà une augmentation des demandes d'aide

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention bipartite 2025 du service d'éducation et d'accueil signée avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg pour les maisons relais de la Ville de Differdange.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention bipartite 2025 du service d'éducation et d'accueil avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg pour le foyer de jour Kornascht et la Bëschcrèche.*

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 6c), wou ech d'Wuert nach eng Kéier un den Här Wagner ginn, fir eis d'Detailer ze ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci nach eng Kéier. An dëser Konventioun geet et dorëms, zwou Klassen CTSA en place ze setzen, wou Kanner aus de Cyclë 1 bis 4, wou ënner Beantrachtungen am Autismusspektrum leiden, kënnen ënnerbruecht ginn. Dëst gouf jo schonns e puermol hei am Gemengerot gesot. Et sinn déi zwou Klassen, wou mer aktuell an der Prince Henri zu Uewerkuer hunn. Do hu mer, Stand haut, eemol véier an eemol fënnef Kanner. An dovunner véier aus eiser Gemeng. Wéi beim Lommelshaff, ass dat hei och eng gutt Saach, a mir stinn do voll derhanner. Fir eis ass dat keng Léisung, fir Suen ze spueren, mee fir all eise Kanner eng gutt Léisung ze bidden an all eise Kanner, déi Schwieregkeeten hunn am Liewen, eng Chance ze ginn. Fir eis si se all gläich.

D'Modalitéite sinn an där Konventioun genau definéiert, esou dass d'Finanzement säitens dem Staat an der Gemeng kloer festgehalten ass. An dëser Konventioun steet elo net, wéi et mat der Kantine gehandhaabt gëtt, mee dat ass an enger anerer Konventioun mat den SEA definéiert ginn. Mee d'Kanner profitéieren natierlech vun eisem Iessen, alles anescht wär jo och Nonsens.

Wichtig ze ënnersträichen ass de Passus am Artikel 6, wou festgehalé gëtt,

dass d'Kanner aus eiser Gemeng prioritär geholl ginn. Dëst gëtt och an der Préambule vun der Konventioun ënnerstrach, dass effektiv d'Weeër solle kuerz sinn, och fir eng sozial a kulturell Integratioun no beim Doheem ze fërderen.

Merci, fir dës Konventioun matzedroen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Wuertmeldungen zu deem Punkt? Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention bipartite 2025 avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg relative à l'organisation de la scolarisation spécialisée de deux classes CTSA sur le territoire de la Ville de Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 6d), enger Konventioun mat dräi Parteien iwwer d'Finanzement vun den Aktivitéite vum Office social vun Déifferdeng. D'Wuert geet un den Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Hei hu mer eng weider Konventioun, déi mer all Joer hei stëmmen.

Wéi den Här Buergermeeschter sot, den Objet heivunner ass d'Finanzement an d'Funktionement vum Office social. Den Office social verpflichtet sech mat dëser Konventioun, de Leit an de Familien an Nout, déi Hëllef zoukommen ze loossen, wéi se vum Gesetz hier virgesi sinn. D'Gemeng an de Ministère deele sech zu gläiche Moossen d'Finanzement, vun allem, wat hei ufält. Hei sinn d'Personalkäschten, de Loyer vun de Lokalitéiten, d'Secoursen, déi un d'Leit ausbezuelte ginn an aner Saachen dran enthalen. Am Ganze ronn 2,2 Milliounen Euro, déi zur Hallschent vu Staat a Gemeng gedeckt ginn.



## 6. Actes et conventions

Ofschléissend wéilt ech all de Leit aus dem Office social an dem Conseil d'administration ee grouse Merci auschwätze fir hir Aarbecht a bieden Iech, dës Konventioun matzestëmmen. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Hartung. Den Här Diderich, wannechgelift.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Hartung. Mir stëmmen, wéi all Joer, och déi Konventioun mam Office social, deen eng ganz wichteg a ganz wäertvoll Aarbecht mécht. Wou mer awer, mengen ech, alleguerten am Léifsten hätten, se misst net gemaach ginn, well wann ee bei den Office social geet, dann heescht dat, dass een an enger Situatioun ass, wou een net komplett fir seng eege Besoinen opkomme kann.

An dat Trageschst bei der Saach ass, dass ëmmer méi Leit, déi schaffen, dovunner beträff sinn an net duerch hire Verdéngscht vun hirer Aarbecht am Fong kënnen komplett hir existenziell Besoine couvréieren.

Dat ass keng Fatalitéit, dat fält net vum Himmel, dat ass keen Zoufall – dat ass d'Resultat vun enger Politik. An enger Politik, déi zënter Joren ëmmer méi staark, an zënter Joerzëngte schonn, an déi falsch Richtung geet. Dass ëmmer manner Leit ëmmer méi räich ginn an dass – ech weess net, ob Der déi lescht Chiffere vum Oxfam-Bericht gekuckt hutt. Also et freet ee sech, wat Leit kënnen mat esou vill – also, et kann een emol net laang genuch liewen, fir all déi Suen do iergendwéi op eng vernënfteg Aart a Weis auszeginn.

An Däitschland, a Frankräich, an den USA an an alle westleche Länner geet d'Unzuel vu ganz, ganz räiche Leit an d'Luucht. An d'Montanten, déi se an hirem Besëtz hunn, eeben och. An dat ass d'Resultat vun enger ongerechter Politik. Well d'Steier-Politik esou gemaach gëtt, dass sech dat esou ka produzéieren.

Och zu Lëtzebuerg hu mer ee vill ze niddrege Spëtzesteiersaz. An da sinn d'Moyenen net do, fir eng Sozialpolitik ze maachen. An de Courage ass net do, fir de Mindestloun ëm 300 Euro an d'Luucht ze setzen. Wat net der Staatskeess eppes géif kaschten, mee der Staatskeess eppes géif abréngen. Mee wou eeben déi Leit, déi Sue maachen an accumuléieren op der Aarbecht vun aneren – ech schwätzen elo net vu klenge Handwierksbetriber, mee eebe vu grouse Multinationallen, déi zéien eebe Suen eraus aus där Ongerechtheet.

Dat gesot, pardon fir déi ganz allgemeng Analys, mee dat revoltéiert mech. Ech kann deem net einfach ëmmer erëm nokucken, wann ech déi Berichter gesinn.

An ech wollt hei spezifesch nach soen, ab dem 1. Januar 2025 sinn d'Präisser op der Energie, d'Hallschent vum Deckel ass opgehuewe ginn. An ech wollt froen, ob den Office social do schonn ze spiere kritt, dass méi Aiden ugefrot ginn. Et sinn zum Deel jo och méi Aiden agefouert ginn. An awer!

An eeben och, et ass jo och a leschter Instanz, wann ee seng Rechnungen net méi bezilt, dann, ier den Uschloss gekappt gëtt, kann een nach bei den Office social goen. An do wollt ech froen, och wann Der elo vläicht d'Äntwert net direkt hutt, mee vläicht an enger nächster Sëtzung, ob dat sech bemierkbar mécht, ob vill Leit op eemol kee Stroum oder Gas méi hunn zu Déifferdeng wéinst ze héije Rechnungen. A wéi den Office social mat där Situatioun ëmgeet. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Den Här Muller, wannechgelift.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Kollegeinnen a Kollegen, Dir wësst, ech hu jo eng duebel Kap op. Ech versichen, do e bëssen derduerchzekommen. Duerfir kann ech och vläicht elo kuerz op Froen äntwerten, déi den Office social direkt ubelaangen.

*et comment il gère les situations de coupures d'électricité ou de gaz pour factures impayées.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** répond d'abord sur la convention elle-même, qui définit le cadre du travail social et des ressources, qu'elles soient de nature personnelle ou financière. L'engagement de l'office social envers les personnes en détresse et les aides prévues par la loi y sont définis. Il précise qu'au sein de l'office social existe l'ARIS (Agence régionale d'inclusion sociale) avec cinq travailleurs sociaux, qui s'occupent du revenu d'inclusion sociale et des mesures de réinsertion professionnelle.

Concernant les couts énergétiques soulevés par monsieur Diderich, il constate effectivement une augmentation des problèmes. Le souci principal est que les personnes viennent souvent trop tard à l'office social, après avoir accumulé des dettes importantes. Il précise néanmoins que l'office social est informé par les fournisseurs d'énergie avant toute coupure, ce qui permet d'intervenir en amont.

Erny Muller explique qu'en règle générale, les personnes reçoivent une aide directe très rapidement. Il souligne cependant qu'il y a une accumulation de problèmes. De nombreuses personnes tombent tragiquement dans des situations difficiles, par exemple lorsqu'elles oublient de s'inscrire au bureau de l'emploi pendant leur période de chômage. Quand elles sont convoquées et ne se présentent pas au rendez-vous, leurs indemnités sont supprimées pendant trois mois. Il demande d'imaginer la gravité de la situation quand on se retrouve sans revenus pendant trois mois.

Ces cas sont de plus en plus fréquents et l'Entente des offices sociaux examine ce problème pour trouver une solution. Il n'est pas souhaitable que l'office social doive intervenir uniquement pour réparer des erreurs administratives. L'ADEM ne voit peut-être pas d'autre possibilité, et cette semaine aura lieu l'inauguration de nouveaux locaux. Il insiste sur l'importance de discuter de ce sujet et de trouver une solution de rechange,

## 6. Actes et conventions

*car ces situations se répètent régulièrement.*

*Concernant l'énergie, Erny Muller indique attendre beaucoup dans ce dossier. Il reconnaît que les mesures arrivent toujours avec du retard. La seule action possible est d'informer les personnes pour qu'elles se manifestent à temps. Quand les gens arrivent trop tard, ils ont déjà accumulé de nombreuses factures et risquent de se faire couper l'électricité ou le gaz. Il promet de revenir sur le sujet de l'office social dans les prochains mois pour faire le bilan des principaux problèmes de la population concernant les coûts énergétiques et le plafonnement des prix. Il assure que chaque cas sera traité avec soin et rapidité dans l'intérêt des personnes. Si les coûts explosent sur ces postes budgétaires, ils dépassent le budget prévu, mais toutes les aides nécessaires et justifiées sont garanties et payées.*

**EMINA CEMAN (CSV)** souligne l'importance capitale de cette convention pour la Ville de Differdange, qui règle la collaboration entre trois parties concernant l'organisation et le financement des activités de l'office social. Elle rappelle que l'office social étant un établissement public, une telle convention doit être établie chaque année. Elle remercie tous ceux qui ont élaboré ce document.

*La convention est importante, car l'office social remplit des missions extrêmement importantes, étant légalement obligé de soutenir les personnes dans le besoin, tant financièrement qu'administrativement. Elle exprime sa gratitude envers tous les employés de l'office social pour leur travail passé et futur au service de tous les habitants de Differdange.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** reconnaît l'existence d'injustices sociales et la nécessité de travailler à les minimiser, même s'il est impossible de tout éliminer. Il souligne l'importance cruciale de l'office social et remercie monsieur Muller pour ses explications détaillées concernant les demandes énergétiques.

*Il souligne que l'État a augmenté l'allocation pour la vie chère et le salaire minimum, même si c'est une*

Ech wäert fir d'éischt op d'Konvention agoen an da kommen ech op déi Froen zréck, déi gestallt gi si vum Här Diderich.

D'Konvention kënnt all Joer erëm, dat huet den Här Hartung jo gesot. Am Fong gëtt dee ganze Volet, de Kader vun der Sozialaarbecht an och vun de Ressourcen, ob dat Personal- oder finanzieller Natur ass, doran definéiert. Och dat ganz Engagement, dat den Office social géigeniwwer deene Persounen, déi an Nout sinn, do ze leeschten huet, wat fir Hëllef vum Gesetz an deem Kader, virgesi sinn.

Dat Ganzt kascht, wéi den Här Hartung sot, d'Gemeng 1,1 Millioun an de Staat 1,1 Millioun Euro. Ech fanne fir eng Stad, wéi mir eng sinn, ass dat nach bescheiden. All Euro ass ze vill, dee mer müssen de Leit ginn. Ech hätt léiwer, mir kéinten dorop verzichten, mee mir wëllen awer ëmmer no faire Krittären an op Basis vu kompletten Dossieren, de Leit esou vill wéi méiglech hëllegen.

Wat sech am Kontrakt selwer geännert huet, dat gesäit een net direkt eraus. Mee Dir wësst vläicht, am Office social gëtt et nach eng weider Administration, dat ass d'ARIS, d'Agence régionale d'inclusion sociale. An där Administration si fënnf Leit, fënnf Sozialaarbechter, déi sech ëm de Revis bekëmmere. Dat heescht Leit, déi Usproch hunn op de Revis. Dat ass eng wichteg Saach. An zweetens kucken déi dann och, fir d'Leit erëm an Aarbechtsmesuren ze kréien. Dat sinn déi sougenannten TUC, Travaux d'utilité collective. Iwwer esou Aarbechtsinitiativen, d'Leit, déi de Revis kréien, erëm ze valoriséieren, doduerch, dass se awer enger Aarbecht kënnen nokommen.

Well ech mengen, dat ass jo dat Wichtigst fir de Mënsch, dass e kann eng Tätigkeet ausféieren a sech och nützlich maachen an der Gesellschaft. Well do si jo awer vill Leit, déi och net fir hiren Zoustand kënnen.

Do ginn 30 % vun deene Käschten, déi vum Coordinateur an dem Sekretär, zu jee 30 % iwwerholl vun der ARIS oder dem ONIS, dem Office national de l'inclusion sociale. Soudass mer am Fong déi stonneméisseg kéinte kompenséieren um Niveau vum Office social.

Wat awer elo ass, Här Diderich, mir stelle fest, elo méi an der Vergaangenheet wéi d'Energiekäschten, mee d'Energiekäschten natierlech och. Mir hu vill Rechnungen. An de Problem ass deen: D'Leit kommen op den Office social ganz oft, wann et ze spéit ass. Si accumulieren dat immens während enger längerer Zäit, bis et op eemol guer net méi geet, dass hinnen d'Waasser bis zum Hals steet, wéi een ëmmer seet op Lëtzebuerger. An da komme se bei eis.

Awer ech muss soen, den Office social gëtt informéiert, wann esou Fäll sinn, souwuel iwwer Sudenergie wéi och, wann et sech ëm Stroum handelt. Do hu mer schonn ofgemaach mat deene Gesellschaften, dass mer do matzäiten informéiert ginn, wann do am Raum géif stoen, dass ee géif de Stroum oder de Gas zougedréit géif kréien. Soudass mer kënnen agéiere virun.

An der Reegel, an dat ass meeschtens de Fall, kréien déi Leit direkt gehollef. Ganz, ganz schnell.

Et muss een awer soen, et ass eng Accumulation vun allem. Dat heescht: Mir hu ganz vill Leit, an dat ass tragesch, déi an ee Lach falen, well se zum Beispill vergiess hunn, sech um Arbeitsamt ze mellen, wa se am Chômage sinn a si gi convoquéiert a si ginn net op deen Termin. Da kréie se hir Indemnisation gestrach an dat während dräi Méint. Während dräi Méint. Stellt Iech vir, Dir hätt dräi Méint kee Revenu, wat een do an ee Lach fält.

An där Fäll hu mer ëmmer méi. An do muss op engem anere Plang – och d'Entente vun den Offices sociaux befaasst sech mat där do Situation – eng Lösung fonnt ginn. Well et ass och net d'Léiung, dass dann den Office social aspréngt, fir esou, ech géif emol soen, administrativ Feeler ze reparéieren. D'ADEM gesäit do vläicht keng aner Méiglechkeet.

Dës Woch, mengen ech, gi mer jo nach déi nei Raimlechkeeten aweien, ech weess awer elo net, ob do déi Leit sëtzen, déi do iwwerhaupt eppes ze soen hunn. Mee et ass awer wichteg, dass een doriwwer schwätzt. Ech mengen, do misst eng aner Lösung fonnt ginn, wéi eleng just déi do. Well där Fäll hu mer reegelméisseg.

## 6. Actes et conventions

Elo zur Energie. Här Diderich, mir erwaarden eis ganz vill an deem Dossier. Natierlech och do kënnt et ëmmer erëm avec retardement. Mir kënnen och do, leider, näischt maachen, wéi d'Leit informéieren, dass se sech matzäite melen an esou weider. Mee et ass ee Retardement, wann herno guer näischt méi leeft, da kommen d'Leit an da si schonn esou vill Rechnungen accumuléiert an da riskéiere se, d'Elektresch zougedréit ze kréien oder de Gas.

Mir komme jo sécher nach zrëck op den Office social ze schwätzen an deenen nächste Méint, dann zéie mer eng Kéier de Bilan, wou elo d'Hauptproblemer sinn um Niveau vun der Populatioun am Ëmgang mat deene Froen do: Energiekäschten, Präisdeckelung an esou virun an esou weider.

Fir de Moment kann ech dozou, leider, nach net méi soen. Mee ech kann Iech versprechen, mir wäerten all Fall, deen un eis erugedroe gëtt, mat där néideger Suergfalt an och mat Rapiditéit am Interêt vun de Leit léisen. An da gesi mer jo, wann eis déi Käschten explodéieren op deene Positiounen, dann explodéieren se. Mir brauchen eis do net un e Budget ze halen. All déi Secoursen, déi néideg sinn, déi kënnen gemaach ginn an déi ginn och assuréiert, déi gi bezuelt. Da geet et, wann et tragesch gëtt, iwwer de Budget eraus. Mee mir kënnen awer jiddwer Demande entgéintkommen, wa se berechtegt ass.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir d'Wuert.

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Madamm Ceman, wannechgelift.

---

### **EMINA CEMAN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kollegeinnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, gudde Moien. Dës Konventioun ass immens wichteg fir eis Stad Déifferdeng. Se reegelt d'Zesummenaarbecht tëschent dräi Parteie punkto Organisatioun a Finanzement vun den Aktivitéiten vum Office social.

Vu datt den Office social en Établissement public ass, muss esou eng Konventioun all Joer gemaach ginn. Merci, all deene Leit, déi dat Ganzt ausgeschafft hunn.

Wéi gesot, dës Konventioun ass wichteg an zwar, well den Office social extreem wichteg Aufgaben iwwerhëlt. Den Office social ass verpflichtet, bedierfteg Persounen ze ënnerstëtzen, egal ob finanziell oder administrativ. Esou steet et am Gesetz.

Fir ofzeschléissen, soen ech all deene Leit, déi am Office social schaffen, Merci fir déi Aarbecht, déi se bis elo geleescht hunn a weider leeschte wäerten, fir hiren Asaz fir all Déifferdengerin an Déifferdenger. Merci.

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Ceman. Da géif ech dem Här Hartung d'Wuert nach eemol ginn, wannechgelift.

---

### **SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Här Diderich, ech sinn do ganz bei Iech, et besti sozial Ongerechtekeiten. Mir müssen dru schaffen, déi ze minimiséieren. Awer alles kritt een ni ewech. Duerfir ass en Office social immens wichteg.

Ee grouse Merci un den Här Muller fir déi ausféierlech Erklärungen mat den Demanden, och punkto Energie.

Ech géif just nach gären drun erënnere: De Staat huet d'Allocation de vie chère an de Mindestloun gehéicht. Natierlech ass dat just eng Drëps op de waarme Steen. Och mir als Stad Déifferdeng hunn eis Allocation de solidarité deementspreechend eropgesat. Mee et bleiwen ëmmer Leit an, leider, hei zu Déifferdeng hu mer der immens vill, déi en détresse sinn, déi gehollef musse kréien. Duerfir ass d'Aarbecht vum Office social immens wichteg.

Merci.

*goutte d'eau dans l'océan. La Ville de Differdange a également augmenté son allocation de solidarité en conséquence. Malheureusement, de très nombreuses personnes à Differdange restent en détresse et nécessitent une aide, rendant le travail de l'office social extrêmement important.*

*(Vote)*

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** présente une convention sur le service jeunesse, indiquant que la principale modification est la contribution communale au fonctionnement du Jugendtreff. Un éducateur supplémentaire de grade C4 est ajouté, répondant à la demande de la commune pour ce poste important sur le terrain.

Le contingent conventionné compte désormais 9,5 équivalents temps plein, avec 3,5 éducateurs gradués et 6 de grade C4. La commune finance 50 % des coûts, l'État prenant en charge l'autre moitié, représentant 510 897 € pour 2025.

Une nouveauté stipule qu'une éventuelle augmentation budgétaire étatique doit être demandée avant le 1er mars pour être intégrée au budget de l'année suivante. Le Service national de la Jeunesse est désormais responsable des maisons de jeunes sous tutelle ministérielle.

---

**CLAUDE OLTEN (CSV)** exprime sa satisfaction concernant cette convention et souligne le bon travail effectué par les maisons de jeunes, qui accueillent de nombreux jeunes.

Claude Olten souligne qu'ils ont jusqu'à présent un travailleur de terrain, qui fait du bon travail. Il annonce l'arrivée d'un deuxième poste, ce qui a du sens pour aider les jeunes, par exemple, à réintégrer le système éducatif ou à accéder au marché du travail. Il insiste sur l'importance de cette mission, car les jeunes ont besoin de perspectives. Il affirme que son parti soutient cette initiative importante.

---

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** intervient ensuite. Comme chaque année, il salue la mise en place de cette convention entre le ministère de l'Éducation nationale, de l'En-



## 6. Actes et conventions

fance et de la Jeunesse, la Ville de Differdange et le Jugendtreff Déifferdeng, qui garantit aux jeunes de la commune des espaces d'échanges, d'apprentissage et de développement personnel. Il souligne que l'accompagnement socioéducatif doit être une priorité et que cette convention montre vraiment la volonté politique en ce sens.

Cependant, il exprime sa préoccupation face à une nouvelle réalité cette année. Contrairement aux années précédentes, où quatre structures étaient disponibles pour accueillir les jeunes, il n'en reste désormais plus que trois. Il rappelle que cette réduction résulte directement d'une décision de la coalition LSAP/CSV de fermer la structure pour jeunes à Lasauvage. Cette fermeture prive les jeunes d'un lieu essentiel de rencontre, d'échange et d'activités sans proposer de véritable solution de rechange adaptée à leurs besoins locaux.

Il critique le fait que l'installation d'un bureau en remplacement de la structure ne constitue pas selon lui une véritable solution. Il s'interroge également sur l'accessibilité de ce lieu, notamment pour les personnes à mobilité réduite, et sur la conformité des sorties de secours aux normes de sécurité.

Malgré cette situation, il reconnaît des points positifs, notamment l'engagement de l'équipe éducative du Jugendtreff Déifferdeng. Il remercie également les membres du conseil d'administration et les bénévoles qui gèrent la structure depuis de nombreuses années.

Il salue également le renforcement du service Outreach Youth Work, qui réalise un travail remarquable sur le terrain, remerciant particulièrement madame Gomes pour son engagement et son professionnalisme. Il se réjouit de l'ajout d'un nouveau poste d'éducateur diplômé, qui vient renforcer ce système et rendre l'accompagnement encore plus efficace pour les jeunes de 16 ans et plus. Il rappelle qu'en 2023, ce service a géré 66 dossiers, dont 29 suivis réguliers, représentant environ 724 contacts en une année. Il remercie le ministère pour son engagement à financer ce poste

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung, fir déi Erklärung. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention tripartite relative à l'organisation et le financement des activités de l'office social de Differdange pour l'exercice 2025.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 7e), eng weider Konventioun a Relatioun mat der Organisatioun an dem Financement vum Service fir eis Jugend. Den Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. An dëser Konventioun ass elo näischt Extraes, wat ännert, ausser natierlech de Montant, dee mer als Gemeng fir d'Fonctionnement vun der Jugendtreff ASBL bäisteieren.

Et ass esou, dass een Outreach am Grad C4 vum Educateur bäikënnt, wat eng gutt Saach ass, well mer als Gemeng jo och Demandeur ware fir dee weidere wichtige Posten um Terrain. Esou dass mer elo ee Contingent vun 9,5 konventionéiert ETPen am Jugendhaus hunn. Esou dass mer elo 3,5 Leit als Educateur gradué matfinanzéieren a sechs am Grad C4.

Wann ech soe matfinanzéieren, heescht dat, dass mir 50 % iwwerhuelen an de Staat déi aner Hallschent. Dat mécht fir d'Gemeng 510.897 Euro aus fir d'Joer 2025.

Nei an der Konventioun ass, falls eng Budgetserhéijung säitens dem Staat noutwendeg wär, dass dat ugefrot muss ginn a virum 1. März, fir dass et an de Staatsbudget kann opgeholl gi fir dat Joer duerno.

Och nei ass, mee dat erkennt een elo just indirekt an der Konventioun, an zwar am Logo vun der Entête, dass ab elo de Service national de la Jeunesse, SNJ, zoustänneg ass fir d'Jugendhaiser,

ënner der Tutelle natierlech vum Educatiouns-, Kanner- a Jugendministère.

Ech bieden Iech, dës Konventioun matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Wuertmeldungen? Den Här Olten, wannechgelift.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Mir sinn op jidde Fall frou iwwer dës Konventioun. D'Jugendhaiser maachen eng gutt Aarbecht. Do komme jo och vill Jonker hin.

Bis elo hate mir een Outreach, deem eng gutt Aarbecht gemaach huet. Do kënnt elo een zweeten dobäi, wat Sënn mécht, fir déi Jonk zum Beispill ze ënnerstëtzen, erëm an de Bildungssystem zrëckzekommen oder ze hëllefen, op den Aarbechtsmarché ze kommen. Dat ass wichteg, well déi Jonk brauche Perspektiven.

**ENG STËMM:**

Ganz gutt!

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Dat ass eng wichteg Aufgab. An deem Sënn ënnerstëtze mir dat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Olten. Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Monsieur le Bourgmestre, chers collègues, schéine gudde Moie vu menger Säit. Comme chaque année, nous saluons la mise en place de cette convention entre le ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, la Ville de Differdange et le Jugendtreff Déifferdeng de garantir aux

# 6. Actes et conventions

jeunes de notre commune des espaces d'échanges, d'apprentissage et de développement personnel. Surtout, un accompagnement socioéducatif doit être une priorité. Cette convention montre vraiment notre volonté.

Mais cette année, malheureusement, nous sommes confrontés à une nouvelle réalité. Contrairement aux années précédentes, où nous disposions de quatre structures pour accueillir les jeunes, avec tous les espaces, nous n'en comptons désormais plus que trois.

On rappellera que cette réduction est le résultat direct d'une décision, à notre avis, de la coalition LSAP/CSV de sacrifier la structure des jeunes à Lasauvage. En fermant cet espace, on prive les jeunes d'un lieu essentiel de rencontre, d'échange et d'activités sans proposer de véritable solution de rechange adaptée aux besoins des jeunes locaux.

L'installation d'un bureau et le remplacement d'une structure équipée ne constituent pas, selon nous, une véritable solution.

De plus, nous nous interrogeons sur l'accessibilité de ce lieu. Est-il réellement adapté aux personnes à mobilité réduite? Les sorties de secours sont-elles bien signalisées et conformes aux normes de sécurité pour un bureau qui accueille des jeunes, afin de garantir une évacuation rapide et efficace en cas d'urgence?

Malgré cette situation, un point positif est l'engagement de l'équipe éducative du Jugendtreff Déifferdeng. Un grand merci aux membres du conseil d'administration, des bénévoles qui gèrent la structure depuis de nombreuses années.

Un autre point positif de cette convention est le renforcement d'Outreach Youth Work, un service qui réalise un travail remarquable sur le terrain. Un grand merci à madame Gomes pour son engagement et son professionnalisme.

L'ajout, comme monsieur Wagner a bien dit, d'un nouveau poste d'éducateur diplômé vient de renforcer ce système et rend l'accompagnement encore plus efficace aux jeunes de 16 ans et plus. Et surtout, il permet d'assurer un

accompagnement sur le terrain très important.

Pour rappel : En 2023, ce service a géré 66 dossiers, dont 29 suivis réguliers, environ 724 contacts en une seule année. Je pense que ces chiffres sont aussi importants pour nos habitantes et habitants, pour savoir ce qu'ils font vraiment sur le terrain.

Ce renfort est une excellente nouvelle. Nous tenons à remercier l'engagement du ministère de l'Éducation nationale de financer ce poste. Merci beaucoup de m'avoir écouté. Nous voterons positivement cette convention.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Den Här Diderich.

---

## **GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter, d'Jugendhaus ass eng Konventioun, déi mer all Joer stëmmen. Déi wichteg ass. Wou och interessant ass, den Historique ze maache vum Jugendhaus, wat mer am Zentrum haben, wat deemools eent vun deenen éischte war zu Lëtzebuerg. A wat och op eng Aart a Weis funktionéiert huet, déi ganz vill och op d'Organisation, d'Matbedeelegung vun den Jonke gesat huet.

Ech wollt an deem Kader d'Fro opbrénge, awéiwäit méi Raim fir Jonker am öffentleche Raum, oder am zouene Raum, kënnen geschaf ginn, wou Jonker sech selwer organisieren. Wou et net forcement muss encadréiert sinn oder net esou staark encadréiert sinn, wéi dat an eisen aktuelle Jugendhaier de Fall ass. Net dass dat net gutt wär, dass dat esou ass, mee et ginn einfach verschidde Besoine fir verschidde Jonker, déi verschidde kënnen erfëllt ginn. An ech mengen et soll een do net just op ee Modell setzen.

Iwwregens, Jugendhaier hunn an der Geschicht vu Lëtzebuerg och scho verschidde Modeller erkannt gehat. Zu Esch war e selbstverwaltend Jugendhaus, an der Stad war eent an och hei zu Déifferdeng, dat war schonn immens staark selbst verwalt. Dat ass dat eent.

et annonce que son parti votera positivement cette convention.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** prend ensuite la parole. Il rappelle que la convention sur la maison des jeunes est votée chaque année et qu'elle est importante. Il évoque l'historique de la maison des jeunes du centre, qui était l'une des premières au Luxembourg et qui fonctionnait avec une forte participation et une forte organisation des jeunes eux-mêmes.

Il soulève la question de créer davantage de lieux pour les jeunes dans l'espace public ou dans des espaces fermés, où les jeunes peuvent s'autoorganiser sans être nécessairement encadrés ou du moins pas aussi fortement encadrés que dans les maisons de jeunes actuelles. Il précise que différents besoins existent pour différents jeunes et qu'il ne faut pas se limiter à un seul modèle. Il rappelle que, dans l'histoire du Luxembourg, les maisons de jeunes ont connu différents modèles, citant l'exemple d'Esch-sur-Alzette avec une maison de jeunes autogérée, ainsi que celle de Luxembourg-Ville et de Differdange, qui étaient très fortement autogérées.

Il mentionne également la convention du CollecDiff, qui concerne aussi les jeunes et demande comment s'organise la coordination pour éviter les doublons et assurer la meilleure concertation possible. Il termine en demandant où en est le Plan communal jeunesse, notant qu'il n'a plus entendu parler de ce processus depuis un certain temps, tout en reconnaissant que les acteurs concernés sont actifs dans le comité de pilotage.

---

**ERNY MULLER (LSAP)** exprime le soutien de son parti à cette organisation concernant le financement des maisons de jeunes. Il salue l'initiative d'augmenter l'Outreach Youth Work d'une à deux personnes, soulignant l'importance d'avoir des interlocuteurs directs pour les jeunes, particulièrement ceux qui se sont écartés du droit chemin, afin de les réintégrer dans des mesures scolaires ou autres pour qu'ils puissent se développer normalement. Il mentionne égale-

## 6. Actes et conventions

*ment l'initiative Youth & Work, qui joue un rôle important dans ce cadre global.*

*Concernant la fermeture de la maison de jeunes de Lasauvage, il indique attendre des informations sur le transfert des activités vers une autre maison de jeunes et sur le transport éventuel des jeunes si nécessaire. Il évoque la Jugendfabrick comme l'une des maisons de jeunes les plus renommées et les plus grandes du pays, rappelant avoir posé des questions sur d'éventuelles synergies avec des activités pour seniors dans le cadre d'activités intergénérationnelles. Il demande au conseiller responsable si de telles initiatives ont été mises en place.*

*Il conclut en exprimant le soutien du LSAP à toutes les activités en faveur de la jeunesse et en remerciant chaleureusement les personnes qui travaillent dans les maisons de jeunes pour tout ce qu'elles font pour les enfants de la commune.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** aborde plusieurs points soulevés dans la discussion. Concernant l'« Outreach » demandé conjointement par la maison des jeunes et la commune, il exprime une légère déception, car seul un diplômé leur a été accordé au lieu d'un éducateur gradué. Il considère néanmoins que cela peut représenter une opportunité d'adopter une approche différente et se réjouit d'avoir obtenu ce deuxième poste, qui apporte une aide considérable.

Thierry Wagner répond à la question de monsieur Diderich concernant le CollecDiff. Il explique que l'Outreach est responsable d'une certaine tranche d'âge, principalement la structure jeunesse, tandis que le CollecDiff s'adresse à tous les âges. Il souligne que ces deux services collaborent étroitement et trouvent des synergies importantes. Parfois, certains jeunes préfèrent ne pas parler avec l'« Outreach », et, dans ces cas, le CollecDiff prend le relais, et inversement. Cette collaboration sur le terrain fonctionne très bien et il juge essentiel qu'ils travaillent ensemble plutôt que de manière séparée.

Concernant Lasauvage, Thierry Wagner rappelle que leur commune est la seule du pays à avoir eu

Dat anert, wat ech soe wollt, och well et herno ëm d'Konventioun vum Collec'Diff geet, an där Konventioun steet och eppes dra vu Jonken, do eng Kéier nozefroen, wéi sech do organiséiert gëtt, dass keen double Emploi gemaach gëtt, dass dat esou gutt wéi méiglech concertéiert ass.

Déi lescht Fro dat ass déi, wou mer mam Jugendkommunalplang dru sinn. Well am beschte Fall schreift sech jo esou eng Aarbecht och vun engem Jugendhaus, vun engem Outreach an esou weider doranner an. Ech weess, dass déi Leit selwer an deem Comité de pilotage, dass déi Leit eeben och ganz do mat aktiv sinn. Mee ech hunn elo eng Zäitchen näischt méi vun deem Prozess héieren an ech wollt dofir eng Kéier froen, wou mer do dru sinn. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Den Här Muller.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir als LSAP begrëssen dës Organisatioun betreffend d'Finanzement vun eise Jugendhaiser.

Dir hutt et gesot, an dat fanne mer eng ganz gutt Initiativ, dass mer elo den Outreach Youth Work eropsetzen ëm zwou Persounen, vun enger Persoun op zwou. Dat heescht, dat ass eng wichteg Saach, dass mer do direkt op deem Niveau USPriechnpartner si fir déi Jonk, haaptsächlech déi Jonk, déi e bësse vum Wee ofkommen, dass mer déi erëm op dee richtege Wee bréngen. Sief et se kënnen ze integréieren a schoulesch Mesuren oder an anerer, wou se sech erëm kënnen normal entwéckelen. Do-fir hu mer jo och nach déi aner Initiativ, wéi heescht se elo scho méi, Youth & Work, déi och eng wichteg Roll spillt an deem gesamte Kader.

Et gëtt ëmmer bemängelt, dass elo ee Jugendhaus zougemaach huet. Mir kréien do nach Informatiounen, souwäit ech héieren hunn, sollt jo do déi Aktivitéit op een anert Jugendhaus iwwerdroe ginn an dann och déi Jugendlech dohin transportéiert ginn, wann

do een Transfert néideg wär. Do gi mer vläicht eppes gewuer, ob do schonn eppes leeft.

Dat anert ass, dass mer trotzdeem mat der Jugendfabrick, eent vun deene renomméiertste Jugendhaiser iwwerhaapt hunn, eent vun deene Gréissten am Land an och renomméiertst am Land. Do hate mer awer och virun enger Zäitchen do mol Froe gestallt, ob do Synergie vläicht méiglech wäert mat Aktivitéite vu Senioren. Elo weess ech net, ob dat scho geschitt ass. Do kann den zoustänneg Schaffen eis vläicht eppes derzou soen, wéi dat leeft.

Dat ass vläicht net einfach, mee mir hu jo intergenerationell Aktivitéiten, an där Richtung wär dat jo awer interessant.

Als LSAP begrësse mir op jidde Fall alleguer déi Aktivitéiten an deem Kader vun eiser Jugend. Mir felicitéieren a soen de Leit, déi um Niveau vun de Jugendhaiser beschäftegt sinn, ee grouse Merci, fir alles, wat si fir eis Kanner aus eiser Gemeng leeschten. Merci, fir d'Wuert.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Wagner.

---

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech ginn op déi puer Punkten an, déi gesot gi sinn.

Ee Bemoll goufe et fir den Outreach, dee mer ugefrot hunn, d'Jugendhaus wéi och d'Gemeng, fir een Educateur gradué ze kréien. Mir hunn nëmmen een Educateur diplômé zougestane kritt. Wat och vläicht eng Chance ka sinn, vläicht eng aner Approche ze hunn. Op jiddwer Fall si mer frou, dass mer iwwerhaapt een zweete kritt hunn, wat eis awer immens vill hëlleft.

Do schwätzen ech dann och direkt déi Fro vum Här Diderich un, mam Collec'Diff. Effektiv, den Outreach ass, per se, fir eng gewëssen Altersstruktur zoustänneg, also d'Jugendstruktur, an de Collec'Diff ass am Fong fir all Alter do.



## 6. Actes et conventions

An et ass awer bewisen, dass déi zwee immens staark zesummeschaffen an och Synergië fannen, wat och wichtig ass. Well deelweis sinn och emol Jonken, déi net onbedéngt mat eiser Outreachin, soen ech elo mol, schwätze wëllen, dann hëlleft op där anerer Säit de Collec'Diff an ëmgedréit och.

Dat fannen ech awer gutt, eigentlech sollte se zesummeschaffen an net zwee-gleiseg fueren. An dat funktionéiert um Terrain awer deementspreechend ganz gutt.

Zu Lasauvage ass ze soen, dass mer – dat hunn ech jo schonn e puermol gesot –, déi eenzeg Gemeng am Land sinn, déi véier Jugendstrukturen hat. Wat jo am Fong geholl och net schlecht ass, awer net onbedéngt ëmmer noutwendeg war, wann een einfach d'Zuele gekuckt huet, wéi et zu Lasauvage eebe war. Och zu Nidderkuer.

Wat awer elo gutt ass, dass zu Nidderkuer eebe lo Ressourcë bäikomm sinn, déi elo net méi zu Lasauvage gebraucht ginn. An Nidderkuer funktionéiert am Moment ganz gutt – oder besser, wéi gesot. Mee dat muss sech jo elo erweisen, mat der Zäit. Mee do hu se elo méi Stonnen op, fir och déi Nidderkuerer Jonker do ze empfänken. Eng gutt, flott Zesummenaarbecht och mat eiser Maison relais, déi jo och niewendru praktesch ass, am Ierpeldengshaus.

Lasauvage, zou ass et jo net direkt. An Dir hutt jo awer och an der Press gelies respektiv am Diffmag, dass d'Jugendhaus ee flott Konzept opgebaut huet, wat mir och voll ënnerstëtzen, zesumme mat Kreativatelieren, déi sur place sinn, fir eppes zesummen ze maachen, opzebauen. A mir sinn der Meenung, dass mer dat voll och sollen ënnerstëtzen, well dat ass och eng gutt Saach.

Wat elo d'Sécherheet vum Gebai ubelaangt, stellen ech d'Fro: Dann dierfen déi Kreativatiere jo och net dobanne sinn, wann een dat esou gesäit. Mee mir kucken dat awer no. Ech weess dat elo net direkt. Ech kann elo keng Äntwert ginn. Mee mir kucken dat awer no, wéi dat effektiv sur place ass.

D'Place aux jeunes, war nach eng Fro vum Här Diderich, oder eng Suggestioun. Dat hunn ech schonn an der Budgetsdebatt gesot, dass mer op der

Sich sinn no enger Place des jeunes. Eng, déi och d'Strooss hält a wou si sech och gäre wëllen ophalen. Well dat si jo deelweis Jonker, déi net onbedéngt wëllen an ee Veräin, respektiv och net wëllen an ee Jugendhaus. Déi, effektiv, wéi Der och richtig sot, Här Diderich, sech sur place einfach emol wëllen treffen, matenee schwätzen a wéi ee sou schéi seet op nei jonk Lëtzebuergesch: squatten. Wat, per se, jo net ëmmer eppes Schlechtes ass.

Dat wëlle mer dëst Joer ëmsetzen op enger Plaz, déi hu mer och scho fest am A. Doru si mer amgaangen ze plangen. Soubal dat definéiert ass, wäerte mer Iech dat natierlech och soen. Mir sinn awer och schonn amgaangen, no zwou anere Plazen ze sichen. Mee eng ass emol fest geplangt, fir dëst Joer opzemaachen. Elo maache mer dat net. Dat huet elo kee Sënn. Dat soll awer, wann d'Wieder e bësse besser ass, da gi se jo och éischter eraus.

Da war nach eng Fro vum Här Muller mat de Generatiounen. Do waren zwee Projeten am Jugendhaus gelaf, déi ech ganz positiv fonnt hunn. Deen ee war de PosiDiff, dass d'Generatiounen sech och emol eng Kéier a Fro stellen, wéi war ech, wou ech jonk war? Do war jo ee Sondage mat Postkaarten erauskomm. Do hat ech deslescht am Jugendhaus nogefrot, wou mer do stinn. Dat soll awer elo nach eng Kéier ugepaakt ginn a Statistiken erauskommen, respektiv wat een dorop kann nach ënnerhuelen.

Respektiv sollt an der Jugendfabrick d'Buvette och intergenerationell sinn. Déi awer guer net gutt funktionéiert huet, besser gesot, et ass kee komm. Vlächicht war et falsch ugepaakt ginn oder et war einfach net de Moment, fir et ze maachen. Dat sief dohigestallt. Si si selwer amgaangen ze kucken am Jugendhaus, wéi een dat besser upake kann.

Ech mengen, de Wëlle war do, de Projet och ganz interessant, mee d'Leit, haaptsächlech vum drëtten Alter oder Erwuessener respektiv Jonker hu sech net do zesumme fonnt. An do musse mer kucken, oder besser d'Jugendhaus mat eiser Ënnerstëtzung natierlech, fir dee Projet, deen awer ganz interessant ass, trotz allem un d'Rullen ze bréngen.

*quatre structures jeunesse. Bien que cela ne soit pas négatif en soi, ce n'était pas toujours nécessaire au vu des chiffres observés à Lasauvage et à Nidderkorn. Il note positivement que les ressources qui ne sont plus nécessaires à Lasauvage sont maintenant allouées à Nidderkorn, où la situation s'améliore. Les jeunes de Nidderkorn disposent désormais de plus d'heures d'ouverture, avec une bonne collaboration avec la maison relais située à proximité dans la maison Erpelding.*

*Thierry Wagner précise que l'antenne de Lasauvage n'est pas complètement fermée. La maison des jeunes a développé un beau concept en collaboration avec les ateliers créatifs sur place, projet que la commune soutient pleinement. Concernant la sécurité du bâtiment soulevée, il s'interroge sur la cohérence si les ateliers créatifs peuvent y rester, mais promet de vérifier cette situation.*

*Répondant à la suggestion de monsieur Diderich sur la «place aux jeunes», Thierry Wagner confirme qu'ils recherchent activement un lieu, où les jeunes peuvent se retrouver dans la rue. Il s'agit de jeunes qui ne souhaitent pas nécessairement rejoindre une association ou une maison des jeunes, mais simplement se rencontrer et discuter. Un emplacement a déjà été identifié et la planification est en cours en vue d'une ouverture au plus tard à la fin de l'année. Deux autres emplacements sont également à l'étude.*

*Concernant les projets intergénérationnels, Thierry Wagner mentionne deux initiatives: PosiDiff, où les générations se questionnent sur leur jeunesse avec des cartes postales, et la buvette dans la Jugendfabrick, qui devait être intergénérationnelle. Cette dernière n'a malheureusement pas fonctionné, personne n'étant venu. La maison des jeunes réfléchit à une meilleure approche pour relancer ce projet intéressant.*

*(Vote)*

**JERRY HARTUNG (CSV)** présente ensuite la convention avec le club Kordall Aktiv, anciennement Club Senior Prënzebiërg. Ce changement

## 6. Actes et conventions

de nom résulte de la nouvelle loi d'août 2023 concernant les services pour personnes du troisième et quatrième âge, visant une appellation plus ouverte sans limites d'âge inférieures.

L'association propose diverses activités sociales, artistiques et sportives, organise des excursions et voyages, et combat l'isolement des personnes âgées. Six postes sont prévus, avec l'État finançant 87 % des coûts de personnel plus 10 000 € de fonctionnement, les quatre communes du bassin de la Chiers couvrant le reste.

**EMINA CEMAN (CSV)** souligne l'importance d'une convention cruciale pour la commune, particulièrement pour les seniors. Elle rappelle que la génération âgée de Differdange ne doit pas être oubliée. C'est pourquoi il existe non seulement le service Senior Plus, mais également le club Aktiv Plus.

Le club propose aux personnes âgées diverses prestations pour promouvoir leur autonomie, leur indépendance, leurs compétences et leurs ressources. Elle précise que le club n'est pas uniquement destiné aux seniors isolés, mais aussi aux personnes approchant de la retraite qui souhaitent se préparer à cette nouvelle phase de vie, ainsi qu'aux personnes âgées qui veulent simplement participer à des activités agréables.

Elle profite de l'occasion pour remercier tout le personnel, particulièrement madame Anouk Franck, qui remplace depuis un certain temps madame Geneviève Faber, la chargée de direction. Elle salue le travail formidable accompli jusqu'à présent. Le CSV vote certainement oui à cette convention.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** souhaite revenir sur l'histoire du club. Elle rappelle qu'il a été fondé en 1989 sous le nom de Club Senior Prënzebiërg et était alors hébergé dans la maison de retraite de Niederkorn. Lorsque celle-ci s'est agrandie, ils ont dû déménager et se sont installés en 2007 à leur adresse actuelle, rue Michel-Rodange, après un arrêt intermédiaire.

Elle note que, maintenant que la commune s'est agrandie avec les

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Mir kommen zum Vott vun deem Punkt.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention tripartite relative à l'organisation et le financement des services pour jeunes pour l'exercice 2025.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 6f), eng weider Konventioun a Relatioun mat der Organisatioun an dem Financement, dat ass mam Club Kordall aktiv. An do géif ech d'Wuert ginn un den Här Hartung Jerry.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Dir hutt d'Konventioun am Dossier. Um Inhalt, gesitt Der, huet sech näischt geännert. Nei ass den Numm. Sait leschem Joer nenne si sech net méi Club Senior Prënzebiërg, mee heesche mëttlerweil Club Kordall Aktiv. Dës ass bedéngt duerch dat neit Gesetz vum 23. August 2023 bezüglich de Servicer fir Leit am drëtten a véierten Alter.

Wat e bësse méi een Numm sollt virginn, dee méi oppen un d'Clientèle sech eruntraut, also net méi vu Club Senior schwätzt, mee eebe vun engem Club Aktiv Plus. Deemno gëtt et och keng Altersgrenz méi no ënnen. A Kordall – ech mengen, dat ergëtt sech vum selwen, well de Club eeben déi véier Kordall-Gemengen, Käerjeng, Péiteng, Suessem an Déifferdeng, regruppéiert.

D'nämmlecht bliwwe sinn déi dräi Partner an d'Aufgabeverdeelung. Zum engen d'Associatioun Prënzebiërg, déi divers Aktivitéiten ubidden. Do si si ganz aktiv a kreativ. Si decke souwuel de sozialen, kënschtlereche wéi sportleche Beräich of. Si hunn hir geselle Kaffisstuff an organiséiere Fester. Si ënnerhuelen Trëppeltier, Dagesausflich, organiséiere gréisser Reese mat hire Memberen. Wéi gesot, eng breetgefächert Offer, wou jiddereen eppes fir sech fanne misst.

Vun deser Plaz aus wëll ech der ganzer Ekipp vum Club, hire Mataarbechter a Benevollen, well et sinn och ganz vill Benevollen, déi sech do engagéieren, ee grouse Merci fir hiren Asaz ausschwätzen. Hir Aarbecht ass immens wichteg am Senioreberäich generell, awer och virun allem an der Preventioun an am Kampf géint d'Isolatioun am Alter.

Fir dat alles ëmzesetzen, sinn, nieft de Benevollen, sechs ganz Poste virgesinn. Deen zweete Partner, de Staat, deen iwwerhëlt 87 % heivunner a weider 10.000 Euro fir Funktionementskäschten. Deen drëtten Partner an der Konventioun, dat sinn déi véier Kordall-Gemengen, déi déi reschtlech 13 % Personalkäschten an déi reschtlech Funktionementskäschten ofdecken.

Ech bieden Iech, dës Konventioun matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Madamm Ceman, wannechgelift.

**EMINA CEMAN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Och hei hu mer eng ganz wichteg Konventioun fir eis Gemeng, méi prezis fir eis Seniorinnen a Senioren. Eis eeler Generatioun zu Déifferdeng dierf net vergiess ginn. Dofir ass net just de Service Senior Plus do, mee eeben och de Club Aktiv Plus.

De Club bitt eelere Leit ganz vill verschidden Déngschtleeschungen un, fir datt hir Autonomie, Onofhängegkeet, Kompetenzen a Ressourcë gefërdert ginn.

Fir d'Leit dobause wollt ech betounen, datt de Club net just fir isoléiert Senioren ass, mee och fir Leit, déi kuerz virun der Pensioun stinn a sech op d'Pensionszäit, also op eng nei Liewensphas, virbereede wëllen. Oder fir eeler Leit, déi einfach esou u flotten Aktivitéiten deelhuele wëllen.

Ech notzen d'Geleeënheet, fir dem ganze Personal Merci ze soen, ganz besonnesch der Madamm Anouk Franck, déi

## 6. Actes et conventions

eng Zäitche schonn d'Madamm Geneviève Faber, d'Chargée de direction, ersetzt. Si huet bis elo eng formidabel Aarbecht geleescht.

D'CSV stëmmt dës Konventioun ganz sécher mat Jo. Merci fir d'Nolauscheren.

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Ceman. Madamm Schütz, wannechgelift.

---

### **MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech wollt e bëssen op de Récapitulatif vun dësem Club agoen. En ass 1989 gegrënnt ginn als Club Senior Prënzeberg, war déi Zäit zu Nidderkuer am Altersheem ënnerbruecht. Wéi dat vergréissert ginn ass, si si do eraus geplënnert, mat engem klengen Tëschestopp, a sinn 2007 op hir aktuell Adress, an d'Rue Michel Rodange geplënnert.

Natierlech hu mir eis als Gemeng vergréissert, eis Nopeschgemengen, Käerjeng, Péiteng a Suessem, si sécherlech och méi grouss ginn. Déi Raimlechkeeten, an deene se aktuell sinn, sinn, wéi et schéngt, ze kleng ginn. An et gëtt iwwer Plënnere nageduecht.

Wéi Dir gesot hutt, Här Hartung, huet dës Club elo mat Club Aktiv Plus een neien Numm. Et ass eng Plus-value fir dee Quartier, wou se am Moment sinn, hei zu Déifferdeng. En ass gutt erreechbar, mam T.E.-Bus, eisem Diffbus, an och d'Gare respektiv de Contournementsparking sinn net wäit ewech. Duerfir war et flott, Dir Härten a Madamm aus dem Schäfferot, Iech vläicht Gedanken ze maachen, dass, wa se plënnere missen – oder si plënnere jo, wéi et schéngt –, dass de Club awer iergendwou Raimlechkeeten hei an eiser Gemeng géif behalen, well dee Club gëtt et zënter 36 Joer. Okay, et sinn déi véier Gemengen, an awer géif ech et eng flott Iddi fannen oder eng flott Saach fannen, wann en hei zu Déifferdeng op enger anerer Plaz ënnerkomme kéint. Ech soen Iech Merci.

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Den Här Hartung nach eng Kéier, wannechgelift.

---

### **SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Jo, et ass schonn zënter zimmlech laangem, wou se kucken, sech ze vergréissere. Si hunn deene véier Gemengen déi Demande formuléiert. Et ass am Moment effektiv zu Rodange, d'Gemeng Péiteng, déi eppes virgesäit, wou se méi gréisser Raimlechkeeten hätten. Wat och immens flott ass, well direkt drënner eng Sportsinfrastruktur ass.

Ech denken, wann ee vu Club Kordall Aktiv schwätzt, dann däerf een net nëmme vu Raimlechkeete schwätzen. Si bidde ganz vill Aktivitéiten, an de Gros vun den Aktivitéite sinn ausserhalb, déi sinn net an hirer Lokalitéit selwer, déi sellegen Ausflug an dat alles. Dat ass jo net un eng Plaz gebonnen.

Do gi mer Iech komplett Recht, natierlech muss de Club hei zu Déifferdeng bleiwen. Dat ass u sech, wou mir eis staark maachen, datt eeben eng Antenn hei zu Déifferdeng, um Site wou se elo sinn, mat Kaffisstuff an allem, wat elo do ass, bleift.

Mee, et muss een dat einfach méi global denken. Ech mengen, do si jo och dann all déi Aktivitéiten. Och elo maache se scho Sportsaktivitéiten, wou se op Suessem ginn, wou se bei eis an den Hall O ginn, wou se op Suessem an den Artikuss ginn an zu Käerjeng an den Treff. De Club ass jo net nëmme Déifferdeng, et sinn eeben déi véier Gemengen. An do muss mer mam Ministère elo Diskussiounen ustriewen, fir ze soen, déi véier Gemenge mussen ofgedeckt sinn a mussen gläichberechtegt Partner an och gläichberechtegt Offere hunn.

Wéi d'Madamm Ceman richtig gesot huet, decke si vill Voleten of. Engersäits déi Sozialaarbecht géint den Isolement, bidde vill flott Aktivitéiten un oder einfach eng Plaz, wou se mëtten kënnen higoen, sech austauschen, sech mat anere Mënschen treffen. Et ass wichteg, datt mer déi gesamt Vue kucken an net nëmme just d'Kierchtuermpolitik zu Déifferdeng. Mee datt mer wierklech ku-

*communes voisines de Kayl, Pé-tange et Sanem, les locaux actuels semblent devenus trop petits et qu'un déménagement est envisagé. Elle confirme que le club a pris le nouveau nom de club Aktiv Plus et représente une valeur ajoutée pour le quartier où il se trouve actuellement à Differdange. Il est facilement accessible par les bus TICE, le Diffbus, et la gare ainsi que le parking du Contournement ne sont pas loin.*

*Elle suggère aux membres du collège échevinal de réfléchir, en cas de déménagement, à ce que le club conserve des locaux dans la commune, car il existe depuis 36 ans. Même s'il concerne les quatre communes, elle trouverait positif qu'il puisse rester à Differdange à un autre endroit.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** *confirme que, depuis assez longtemps, le club cherche à s'agrandir et a formulé une demande aux quatre communes. Actuellement, c'est la commune de Pétange, qui prévoit à Rodange des locaux plus grands, ce qui est très bien, car une infrastructure sportive se trouve directement en dessous.*

*Il souligne qu'on ne peut pas parler uniquement de locaux, car le club propose de nombreuses activités, dont la majorité se déroule à l'extérieur, avec de nombreuses excursions, qui ne sont pas liées à un lieu spécifique. Il confirme l'importance de maintenir le club à Differdange et précise qu'ils s'engagent pour qu'une antenne reste sur le site actuel avec l'espace café et tout ce qui existe déjà. Il explique qu'il faut penser plus globalement, car les activités sportives se déroulent déjà à Sanem, au Hall O, à l'Artikuss et au Treff à Kayl.*

*Le club concerne les quatre communes et des discussions doivent être menées avec le ministère pour que ces quatre communes soient couvertes équitablement avec des offres égales pour tous les partenaires. Il insiste sur l'importance de voir l'ensemble du concept et non pas seulement une politique de clocher à Differdange, afin d'avoir des locaux sur les quatre sites permettant de planifier toutes les activités sans devoir chercher constamment*



## 6. Actes et conventions

des salles disponibles dans les communes. Les discussions sont toujours en cours et rien n'est encore définitif.

(Vote)

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** présente le point suivant concernant une convention entre les communes de Differdange, Kayl, Pétange et Dippach relative à l'école de musique et donne la parole à monsieur Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV)** souligne l'importance d'une offre d'éducation musicale pour les citoyens, des jeunes aux moins jeunes. Differdange peut être fière d'avoir une école de musique qui fonctionne bien et propose cette offre.

Actuellement, la collaboration se fait avec Pétange et Kayl. La commune de Sanem, qui n'a pas d'école de musique, est rattachée à ces trois écoles par une convention.

La nouvelle convention révisée a été présentée au conseil communal le 29 novembre 2024. Cette convention stipule que la commune sans école de musique, en l'occurrence Sanem, verse mille euros par an et par élève inscrit dans une école d'une autre commune pour contribuer aux frais financiers. Ce montant représente une valeur moyenne des frais après déduction des subsides étatiques. La même convention est maintenant proposée pour la commune de Dippach avec les trois communes possédant une école de musique.

Pour Differdange, l'impact n'est pas important, car la plupart s'inscrivent généralement dans l'école de musique la plus proche, ce qui devrait logiquement être Kayl. Differdange compte soixante élèves de Sanem, mais seulement six de la commune de Dippach.

La collaboration avec Kayl et Pétange permet à chacun de profiter de toute l'offre, car toutes les écoles ne proposent pas forcément tous les instruments. Il est donc logique que les trois communes signent cette convention, qui serait valable pour l'année scolaire actuelle ainsi que pour les quatre prochaines années scolaires. Il demande naturellement le vote favorable du conseil communal.

cken, ee flott Konzept hannendrun ze hunn, wou op deene véier Plazen herno eppes ass, wou se Lokalitéiten hunn, wou se u sech all hir Aktivitéiten d'office kënnen plangen, ouni allkéiers, wa se eppes wëlle plangen, erëm mussen an de Gemenge kucken, kënnen mer do an den Turnsall, wou ass nach fräi, an hei an do.

Mee mir sinn nach a Gespräicher, et ass nach guer näischt definitiv. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Et gëtt keng Wuertmeldung méi, mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention relative à l'organisation et au financement des activités du club Aktiv Plus pour l'exercice 2025.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 6g), eng weider Konventioun tëschent de Gemengen Déifferdeng, Käerjeng, Péiteng an Dippech a Relatioun mat der Museksschoul. Här Hartung, wannechge-lift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Eng Offer u musikalescher Bildung fir d'Bierger, vu jonk bis manner jonk, ass eppes immens Wichteges. Dofir kënnen mir hei zu Déifferdeng frou sinn, datt mer eng gutt funktionéierend Museksschoul hunn, déi dëst ubitt.

Aktuell schaffe mer mat Péiteng a Käerjeng zesummen. D'Gemeng Suessem, déi selwer keng Museksschoul huet, ass iwwer eng Konventioun un dës dräi Museksschoulen ugeschloss. Den 29. November 2024 hate mer déi nei iwwerschaffte Konventioun am Gemengerot, also nach net allze laang hier.

Déi Konventioun beseet, datt déi Gemeng, déi keng Museksschoul huet, an dësem Fall Suessem, pro Schüler der Gemeng, wou een Awunner vun hinnen ageschriwwen ass, am Joer 1.000 Euro

iwwerweist, fir de finanziellen Opwand vun där anerer Gemeng matzedroen. Dëse Montant stellt een ongeféiere Mëttelwäert vun de Fraisen duer, nodeems déi staatlech Subsiden ofgezu sinn.

Genee déi selwecht Konventioun hu mer elo hei virleie fir d'Gemeng Dippech, mat deenen dräi Gemengen, déi eng Museksschoul hunn.

Fir Déifferdeng huet dëst kee gréisseren Impakt, schreiw sech jo déi meescht an der Reegel an déi Museksschoul an, déi am noosten ass. Wat dann hei éischter Käerjeng misst sinn, no dëser Logik.

Mir ziele bei eis 60 Schüler aus Suessem, par contre just sechs Schüler aus der Dippecher Gemeng. Mee an Zesummenaarbecht mat Käerjeng a Péiteng, ënner anerem, fir datt jidderee vun all Offer soll kënnen profitéieren. Et ass jo net all Museksschoul, déi onbedéngt all Museksinstrument ubitt. Dofir ass et gutt, datt mer zu dräi zesummeschaffen, datt d'Offer méi grouss ass. An da mécht et eeben och Sënn, datt déi dräi Gemengen dës Konventioun ënnerschreiwen. Si géif fir dat aktuell sou wéi fir déi kommend véier Schouljoren zielen, wa mir dëst da stëmmen. Wou mer Iech natierlech drëm bidden. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Eng Wuertmeldung/Bemierkung dozou? Nee. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention entre les communes de Differdange, Käerjeng, Pétange et Dippach au sujet de l'enseignement musical.*

Ech soen Iech Merci. Nach eng Kéier den Här Hartung, fir eis Erklärungen ze gi betreffend dem Punkt 6h). Här Hartung, wannechge-lift.

# 6. Actes et conventions

## SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Hei ass d'Konventioun fir eis Streetworker. Déi gouf iwwerschafft. Inchangeiert ass se bliwwen, wat d'Finanzement an d'Funktionnement vum Projet ugeet. D'HUT ASBL, also Hëllef um Terrain, ass weiderhin zoustänneg fir d'Personal an d'Gestioun vum Projet, während den Office social dës Onkäschen iwwerhëlt. D'Gemeng stellt weiderhin d'Raimlechkeeten an d'Material zur Verfügung.

No de puer Joer Lafzäit war et deenen dräi Partner wichteg, Verschiddenes méi ze preziséieren. Sou gesitt Dir am Dossier, datt d'Missiounen op de Säiten 1 an 2 elo vill méi kloer definéiert sinn. Zum engen, wat den Deel Streetwork an Travail de rue soll ausmaachen, an op där anerer Säit den Deel Travail social communautaire.

HUT soll an dësem Sënn dann och e Concept d'action général ausschaffen, fir d'Theorie an d'Praxis ëmzesetzen. Wou mir natierlech och matagebonne sinn a matschwätzen.

Am neie Schreiwes schwätze mer elo vu Zones sensibles, wou si zum Asaz kommen, an net méi vu vereenzelte Quartieren, wat virdrun effektiv tel quel esou drastoung. Well eeben och festgestallt gouf, datt Fluktuation ass.

Eis ass et wichteg, datt mer do flexibel sinn an, ëmmer an Ofsprooch mat den dräi Partner, datt d'Streetworker iwwerall intervenéiere kënnen. Wat se och meeschtens gemaach hunn. Mee effektiv stoungen déi Plazen net an der Konventioun.

Des Weidere gëtt d'Zesummenaarbecht tëscht HUT, dem Office social an der Gemeng méi formaliséiert. Reegelméisseg Echange si fixéiert. A fir effizient ze schaffen, ass et wichteg, datt mir vun hinnen d'Rapporten an d'Statistiken zäitno kréien. Dëst alles, fir zesumme stänneg d'Aarbecht ze evaluéieren an d'Evolution um Terrain ze suivéieren, fir dann och séier reagéieren ze kënnen an déi néideg Moossnamen unzepas-

Ech bieden Iech, dës nei Konventioun esou matzestëmmen. Merci.

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Den Här Muller, wannechgelift.

## ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Den Här Hartung huet dat meescht gesot. Ech war och dru bedeelegt, um Ausschaffe vun dëser Konventioun. Duerch den Transfert vun der bestoender Aktivitéit duerch d'Caritas an déi nei Gesellschaft HUT, war d'Ausschaffe vun enger neier Konventioun néideg.

D'Modalitéite sinn zesumme mat de Responsabele vum Office social, dem Service Vivre-ensemble, dem zoustänneg Schaffen, dem Här Hartung, an de Verrieder vun HUT, baséierend op den Erfahrungen um Terrain vun der Gemeng Déifferdeng, opgestallt ginn.

Et war un der Zäit, fir ee kleng Bilan ze maachen an ze kucken: Wat war un där Relatioun an der Vergaangenheet gutt? Wat kéint awer nach verbessert oder nei definéiert ginn?

Dobäi ass d'Typologie vun der Sozialaarbecht méi kloer definéiert an detailléiert ginn. Den Här Hartung huet et scho gesot, dat ass déi Notioun vun de Quartieren, wou mer kloer virdrun drastoen haten, do sinn Aktivitéiten am Park, Ooder si sinn op enger bestëmmter Plaz oder an engem Schoulhaff. Dat war ëmmer un ee Lieu gebonnen. Dat hu mer opginn, an do hu mer „Zones sensibles“ draus gemaach.

Dat heescht am Fong, sech besser den Noutwendegkeeten unzepassen an och méi schnell reagéieren ze kënnen op Faiten, déi virkommen a gewëssenen Zonen. An och méi flächendeckend ze reagéieren. Dat heescht, dat kann zu Nidderkuer sinn, dat kann um Fousbann sinn. A jee nodeem, wat un de Service erugedroe gëtt, vum Collec'Diff respektiv anere Gemengeservicer, déi en Input do kréien – dat ass oft iwwer den Office social, awer och ganz vill iwwer de Service Vivre-ensemble, wou dat gemellt gëtt –, musse mer eng Aktioun starten op där enger oder anerer Plaz, fir do Probleemer ze kucken a se och ze reegelen, awer virun allem se an de Grëff ze kréien.

(Vote)

Jerry Hartung présente la convention pour les éducateurs de rue, qui a été remaniée. Il explique que le financement et le fonctionnement du projet restent inchangés. L'association HUT (Hëllef um Terrain—Aide sur le terrain) reste responsable du personnel et de la gestion du projet, tandis que l'office social prend en charge les couts. La commune continue de fournir les locaux et le matériel.

Après plusieurs années de fonctionnement, les trois partenaires jugent important de préciser différents aspects. Les missions sont désormais définies plus clairement sur les pages 1 et 2 du dossier. D'une part, la partie « travail de rue » est précisée, d'autre part, la partie « travail social » communautaire est détaillée. HUT doit élaborer un concept d'action générale pour mettre en œuvre la théorie et la pratique. La commune participe activement à ce processus.

Le nouveau document parle maintenant de « zones sensibles », où les interventions ont lieu, et non plus de quartiers isolés comme c'était le cas auparavant, car des fluctuations ont été constatées. Il est important d'être flexible et de permettre aux éducateurs de rue d'intervenir partout, en concertation avec les trois partenaires. Même s'ils le faisaient déjà généralement, ces lieux n'étaient pas mentionnés dans la convention.

HUT, l'office social et la commune ont renforcé leur collaboration en la structurant davantage. Des échanges réguliers sont fixés. Pour travailler efficacement, il est important de recevoir les rapports et statistiques en temps voulu. Tout cela permet d'évaluer constamment le travail et de suivre l'évolution sur le terrain pour réagir rapidement et adapter les mesures nécessaires.

**ERNY MULLER (LSAP)** Confirme les propos de monsieur Hartung. Il a participé à l'élaboration de cette convention. Pour que l'activité actuelle de Caritas soit transférée à la nouvelle entité juridique, HUT, un nouvel accord est requis. Les détails des procédures ont été élaborés en collaboration avec les dirigeants de l'assistance sociale et du

## 6. Actes et conventions

département du vivre-ensemble, à savoir monsieur Hartung et les porte-paroles de HUT, tout en tenant compte des enseignements tirés des initiatives locales menées par la Ville de Differdange.

*Il est temps de faire un petit bilan et d'examiner ce qui fonctionnait bien dans la relation passée et ce qui pourrait être amélioré ou redéfini. La typologie du travail social est définie plus clairement. La notion de quartiers, qui liait les activités à des lieux spécifiques comme le parc ou une cour d'école, est abandonnée au profit de « zones sensibles ». Cela permet de mieux s'adapter aux besoins et de réagir plus rapidement aux faits survenant dans certaines zones.*

*Une mission de l'éducation de rue est la prévention en milieu urbain, comprenant les tournées quotidiennes. Les personnes en situation précaire ou sans-abris sont identifiées et accompagnées. Differdange compte moins de cas liés à la drogue ou au sans-abrisme que d'autres communes. Les personnes à risque sont orientées vers les services adéquats.*

*Les facteurs importants du travail social communautaire incluent la lutte contre l'isolement et le renforcement des liens sociaux. La promotion du vivre-ensemble et de la cohésion sociale est essentielle. La prévention et le soutien auprès des jeunes sont primordiaux. Des actions comme des tournois de football ou du hip-hop sont organisées pour intégrer socialement les jeunes non affiliés à des associations.*

*La collaboration avec tous les réseaux existants dans la commune est cruciale: département du vivre-ensemble, office social, service du logement. Le besoin de logements d'urgence, identifié par les éducateurs de rue, a mené à l'initiative de la rue Duchscher.*

*Un concept d'action générale (CAG) a été établi pour l'organisation et les échanges entre HUT, l'office social et le département du vivre-ensemble. Des réunions bimestrielles rassemblent tous les acteurs, incluant désormais les représentants des éducateurs de rue pour qu'ils puissent entendre les discussions et confirmer la réalité du terrain.*

Eng weider Missioun vum Streetwork ass d'Preventioun am Milieu urbain. Dat heescht, dat sinn déi deeglech Tournéeën. Déi däerfen natierlech net ofhuelen. Mee do gëtt jo dann erkannt, oder do ginn ëfters Leit begéint, déi an enger Situatioun sinn, loosse mer soen, sans-abris. Mir hu manner esou Leit hei, Dir wësst, dass an anere Gemenge ganz vill Streetworking nëmmen an déi Richtung gemaach gëtt: Sans-abris, Drogeproblematik an esou weider. Mir hunn däers e bësse manner hei.

Mir hunn natierlech och Leit hei, Persounen, déi an engem Risk vu Sans-abrisme oder sou kënne kommen. An déi Leit, déi ginn dann do, virun allem, betreit. An et gëtt versicht, se aus enger prekärer Situatioun erauszekréien, an och, se da richtig ze orientéieren a si ze begleeden an déi adequat Servicer heifir. Ech mengen, do héiert dann d'Aarbecht vum Streetworker op. Mee do ginn d'Leit effektiv un aner Servicer weidergeleet oder aner Kompetenze geleet, wou se dann déi richtig Hëllef kréien.

An dofir ginn och déi zwee wichteg Facteure vum Travail social communautaire definéiert, wéi zum Beispill Lutte contre l'isolement et le renforcement des liens sociaux. Dat ass ee wichtige Begrëff. Do gëtt versicht, déi Leit erauszefannen, déi an Isolement liewen oder, wéi gesot, wou de Lien social net méi do ass. Dofir ass eng wichteg Aufgabe vun de Streetworker d'Zesummeliewen, d'Förderung vum Zesummeliewen an och der sozialer Kohäsion.

Net zulescht, séier wichtig: Prévention et soutien auprès des jeunes. Dat ass jo schonn hei erkläert ginn. Och déi Jonk spillen eng wichteg Roll an der Gesellschaft a sollen och deen néidege Soutien kréien, zesumme mat der Sozialkohäsion. Mir ginn ëmmer dovun aus, déi Jugendlech sinn alleguer a Veräiner, mee dat ass oft nach laang net esou. An et mierkt een: Déi, déi net a Veräiner sinn, deene feelt déi sozial Kohäsion e bëssen.

Duerfir ginn um Niveau vu Streetworking Aktiounen gestart, fir déi Situatioun ze förderen. Wéi zum Beispill e Futtballturnéier oder Hip Hop oder wat weess ech. Eppes, wat déi Jonk interesséiert, kéint een do maachen an déi do mat eranzéien an esou si sozial bannen.

Wat awer och immens wichtig ass fir eise Collec'Diff, dat ass d'Zesummeschaffe mat alle Reseauen, déi et scho gëtt an der Gemeng. Zum Beispill dem Vivre-ensemble, dem Office social, dem Service logement – och séier wichtig. Ech mengen, och op Initiative heivun ass de Besoin vun de Logements d'urgence zum Beispill erauskomm. Déi Initiativ an der Rue Duchscher ass och op Basis vu Situatiounen, déi hei erkannt gi sinn op deem Niveau an d'Wee geleet ginn.

An da selbstverständlech dem Youth Outreach, well och do sinn d'Streetworker ganz enk och ëmmer a Kontakt. A virun allem och mat allen anere lokale Partner. Also ech mengen, dat ass séier wichtig, dass do net eng Aktioun eenzel stattfënnt, mee dass déi ëmmer kollektiv an ëmmer koordinéiert an zesumme stattfënnt, am Kontakt, dass déi Reseauen zesummeschaffen.

Wat d'Organisatioun an den Echange tëschent dem Partner HUT ubelaangt, dem Office social an dem Service vivre-ensemble respektiv der Gemeng, sou ass hei ee Concept d'action général (CAG) festgehale ginn. An op där Basis, dat ass bekannt, wéi dat ze funktionéieren huet. Ech ginn do elo net an d'Detailer, mee do huet jiddweree sech drun ze halen – an och HUT. Dass déi kloer wëssen, wéi hu se de Reporting ze maachen? Wéi geschitt den Echange? Wéi ass wat organiséiert? Wéi huet déi Ekipp ze funktionéieren? An esou weider.

An duerfir ass bimensuel, dat heescht all zwee Méint, eng Reunioun tëschent HUT an eise Verrieder, wou de Responsabele vum Office social an de Responsabele vum Service vivre-ensemble dobäi ass, an eventuell den Här Hartung an ech. An dann och de Collec'Diff. An dat ass nei, d'Verrieder vun de Streetworker sinn och do dobäi.

An der Vergaangenheet hunn déi ni un esou Sitzungen deelgeholl, a mir sinn awer der Meenung, déi sollen integréiert ginn, dass déi och kënnen héieren, wat do beschwat gëtt. An och confirméieren, dass dat och esou um Terrain ass oder respektiv, wa si do Differenzen hunn, déi och kënne soen a kënnen drop awierken.



## 6. Actes et conventions

An da sollen och déi Rapporten gemaach ginn, trimesteruell Rapporten, annuell Rapporten. An och mat de Statistiken, wat jo och wichteg ass fir d'Auswärtung um Terrain, ob mer och Resultater opzeweisen hunn an der Aarbecht oder wéi dat dann eeben ass.

Dofir si véier ETPen, Équivalents temps plein, Sozialaarbechter respektiv -aarbechterinnen am Kader vum Projet agesat. D'Qualifikatioun respektiv d'Méiglechkeet vun der Karriär, déi sinn am Virfeld definéiert. Et steet ganz kloer dran, wat fir eng Qualifikatioun déi Leit, déi do agesat ginn, mussen hunn. Déi ginn eis dann och allkéiers proposéiert, wa se kommen. HUT ass zwar zoustänneg fir d'Ernennung vun deene Leit, mee et gëtt awer mat eis zesammen och do geschwat.

An dann nach vläicht zum finanzielle Volet – dovun ass elo nach net geschwat ginn. Fir d'Stad Déifferdeng, d'Gemeng hei, an de Schäfferot ass dat jo och eng wichteg Aufgab. Et ass ee Pilier vun der Sensibiliséierung an der Sécherheetsverbesserung an eiser Stad. Dee Pilier, dee loosse mer eis och eppes kaschten, an zwar kascht dat do 557.000 Euro d'Joer. An déi 557.000 Euro ginn agespeist vun engem Fong, dat ass dee vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. Dee Fong ass virgesi fir speziell Aufgaben, also speziell Projeten, am Kader vun den Aktivitéite vum Office social.

An ech mengen, déi sinn eis dat wäert. Mir hunn do zirka 2,5 Milliounen Euro zur Verfügung. Mee, wéi Dir gesitt, mat 557.000 Euro gëtt een der awer och séier erëm aus. Mee si sinn awer gutt ugeluecht.

An et muss ee soen, do si 497.000 Euro Personalkäschten. 7,5 % dervu si Frais de gestion, dat si 37.000 Euro. Dat ass fir déi iwwergeuerdent Organisatioun, also d'Betreiung vun HUT a Frais de gestion, déi HUT an hirem Kader mécht fir dat Ganzt. An dann, Frais de fonctionnement: 23.000 Euro. Dat ass dat, wat am Fong Streetworker kéinten ausgi fir Organisatiounen um Terrain, déi si dann ënner hirer Regie maachen.

Ech hunn Iech elo zimmlech vill gesot, mee et war awer vläicht néideg, dass mer eng Kéier Transparenz och do erabréngen, dass Dir wësst, wat do

leeft. An dass och déi Rapporten an alles heihikënnt, dass och d'Detailer hei an de Conseil kommen an zu där néideger Zäit. Ech soen Iech Merci fir d'No-lauchteren.

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Aguiar.

---

### **PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Que dire de plus! Je pense que vous avez très bien présenté, Monsieur Muller, le projet en soi. Je vous remercie également.

De notre côté, comme vous savez, du début du projet, nous l'avons mis en place, nous saluons cette convention.

C'est très important aussi de rappeler que ce projet, c'était pendant la pandémie, après la pandémie, où les personnes avaient vraiment un sentiment d'insécurité, il fallait absolument intervenir et nous, en tant que représentants, on a mis en place différents projets tout autour. En fait, ce serait une question : Où sommes-nous par rapport à ce Plan local de sécurité ? Parce qu'on on a parlé souvent du réseau. Mais le Plan local de sécurité, ça doit faire partie également du réseau. Et après on y pourrait éventuellement élargir ce réseau-là, même s'ils sont en contact avec le département vivre-ensemble, mais peuvent être également en contact avec les associations locales, pourquoi pas ! De vraiment introduire justement les jeunes qui sont en difficultés.

Et quelque chose, qui est très important, si on regarde dans le rapport, que j'ai demandé, il n'y pas que des jeunes, il y en a des moins jeunes, il y a des personnes qui ont aussi plus que 50 ans, qui sont dans le cas de cette précarité et qui ont besoins aussi d'un soutien social respectivement d'une relation d'aide. C'est important aussi de le dire.

En ce qui concerne le rapport, c'est très important aussi que nous, en tant que conseillers communaux, on puisse l'avoir et non seulement avoir toutes les années, parce que on l'a eu maintenant, j'ai vu le rapport de 2023, donc le rap-

*Erny Muller explique que des rapports doivent être établis, incluant des rapports trimestriels et annuels accompagnés de statistiques. Ces éléments sont essentiels pour évaluer les résultats obtenus sur le terrain dans le cadre du travail effectué.*

*Dans le cadre de ce projet, quatre équivalents temps plein de travailleurs sociaux sont mis en place. Les qualifications et les possibilités de carrière sont définies en amont. Il précise clairement quelles qualifications ces personnes doivent posséder. Bien que HUT soit responsable de la nomination de ces personnes, les discussions se font en collaboration avec la commune.*

*Concernant l'aspect financier, il souligne que, pour la Ville de Differdange et le collège échevinal, il s'agit d'une mission importante, représentant un pilier de la sensibilisation et de l'amélioration de la sécurité dans la ville. Ce pilier représente un investissement de 557 000 € par an. Cette somme est financée par un fonds de l'Œuvre grande-duchesse Charlotte, prévu spécifiquement pour des missions et projets spéciaux dans le cadre des activités de l'office social. Il considère que cet investissement en vaut la peine.*

*La commune dispose d'environ 2,5 millions d'euros dans ce fonds, mais il note qu'avec 557 000 € de dépenses annuelles, ce montant s'épuise rapidement, même si l'argent est bien investi. Il précise que 497 000 € sont destinés aux coûts du personnel, que 37 000 € correspondent aux frais de gestion pour l'organisation coordinatrice, HUT, et que 23 000 € serviront aux dépenses opérationnelles, que les travailleurs de rue pourront utiliser pour les organisations qu'ils supervisent.*

---

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** salue cette convention, rappelant que ce projet a été mis en place pendant et après la pandémie, période, où les citoyens ressentaient un fort sentiment d'insécurité nécessitant une intervention. Il s'interroge sur l'avancement du Plan local de sécurité. Il suggère d'élargir ce réseau aux associations locales pour

## 6. Actes et conventions

*mieux intégrer les jeunes en difficulté.*

*Il souligne un point important du rapport: les bénéficiaires ne sont pas uniquement des jeunes, mais incluent également des personnes de plus de cinquante ans en situation de précarité nécessitant un soutien social et une relation d'aide. Il insiste sur l'importance pour les conseillers communaux de recevoir et discuter ces rapports annuellement, permettant des discussions de fond sur les politiques à mettre en place.*

*Il s'interroge également sur l'adéquation du local du Collec'Diff face aux nombreux passages (plus de 700) et aux 545 participations aux activités, suggérant un possible agrandissement.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *confirme que les rapports continueront à être transmis aux commissions, notamment à la Commission sociale, où les travailleurs de rue se présentent régulièrement. Concernant le Plan local de sécurité, il indique qu'il est élaboré et que diverses mesures sont déjà en place ou en cours de mise en œuvre, notamment l'installation de caméras de sécurité. Le comité de prévention continue de fonctionner avec des réunions régulières.*

*Concernant le local, il reconnaît que l'équipe, passée de trois à quatre personnes, est victime de son succès. Les travailleurs effectuent désormais davantage de travail en réseau et reçoivent plus de visiteurs. Il souligne la nécessité de réorienter certains cas vers l'office social pour éviter de surcharger le cadre du travail de rue et permettre aux travailleurs de rester présents sur le terrain. La recherche d'un local adapté reste une priorité, avec quelques pistes envisagées, notamment en lien avec l'office social et l'aide sociale.*

*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie l'assemblée et propose d'examiner le point 6e, qui concerne le cinquième avenant à une convention entre la commune et l'État, plus précisément avec le ministère de la Culture. Il explique que la commune reçoit rétroactivement, pour*

*port de 2024 il va bientôt sortir, qu'on puisse également ici en discuter.*

*Et qu'on puisse aussi avoir vraiment des discussions de fond, de mettre la politique en place: Où est-ce qu'elle y est? Se poser vraiment des vraies questions. Parce que les gens de l'extérieur, et ça va dans le sens de cette convention, les gens de l'extérieur, ils ont beaucoup de difficultés et de pouvoir discuter de ces difficultés ici am Kader vum Gemengerot. Dat ass awer wichtig.*

*Nous saluons naturellement cette convention tripartite. Et juste pour vous dire quelque chose, qui est très important, le local du Collec'Diff, il est toujours présent. On s'est posé la question: Est-ce que le local il est encore convenable ou pas. Vu tous les passages qui se font, on s'est posé la question. Le local, ne faut-il pas éventuellement l'agrandir? Avec tellement de passages, 700 et quelques, si je ne me trompe pas, avec 545 participations activités, c'est énorme. On voit vraiment l'action du Collec'Diff. On s'est juste posé cette question.*

*Ech soen Iech villmools Merci.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

*Merci, Här Aguiar. Den Här Hartung nach eng Kéier, wannechgelift.*

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

*Merci fir dee konstruktiven Input. D'Rapporten, déi gi mer natierlech gäre weider, soubal mir se kréien, och un d'Kommissiounen. Dat ass an der Vergaangenheet och ëmmer esou gewiescht, datt d'Streetworker ëmmer an d'Sozialkommissioun komm sinn.*

*Zum PLS, de Plan local de sécurité, deen ass ausgeschafft ginn. Verschidde Saache si schonn en place gesat ginn, Verschiddener sinn nach amgaangen en place gesat ze ginn. Ee grousst Thema sinn do déi ganz Sécherheetskameraen.*

*De Comité de prévention, dee fonctionéiert ëmmer weider. Do si weider Reuniounen. Deen ass u sech esou opgestallt, datt een e Kär huet an dann, au*

*besoin, gi verschidde Partner erbäi geruff. Do kënnen och d'Streetworker erbäigeruff ginn, wann et Theeme sinn, déi si concernéieren.*

*Et waren dräi Froen, elo hunn ech eng vergiess – ah d'Lokal, richtig. Si ware jo ëmmer zu dräi, elo si se zu véier. Si goufen och e bëssen Affär vun hirem eegenen Erfolleg, wat och eeben déi ganz Aide sociale ugeet. Wéi se gestart sinn, ware se méi um Terrain ennerwee. Elo gëtt Reseausaarbecht geleescht an d'Leit kommen dann eeben och elo bei si. Effektiv mussen mer do no engem Lokal kucken.*

*Woubäi een awer och muss soen, si leeschte vill Aide sociale, wou mer awer och, wou mer an den Diskussiounen zesumme waren, gesot hunn: Dir musst awer och elo Saachen un den Office social weiderginn. Dir kënnt jo mat de Leit zesumme bei eis ASe kommen, well soss sprengt et einfach de Kader och vum Streetwork. Soss hu se net méi genuch Zäit, fir selwer um Terrain present ze sinn.*

*An do, natierlech, muss een ëmmer kucken: Wien ass fit genuch, fir selwer da bei den Office social ze goen? Wie muss suivéiert ginn? Oder wien kucke se awer nach am Ufank, am Collec'Diff ze hëllefen?*

*Do kann een net einfach elo mol d'Mauern – ech mengen, et ass riets a lénks ugebaut, da muss een och eng gëeegent Plaz fannen. Dat ass net ëmmer esou einfach. Mir hunn awer do déi eng oder déi aner Iddi, besonnesch wann ee Richtung Office social denkt, Aide sociale, mee do mussen mer awer elo nach kucken. Merci.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

*Merci, Här Hartung. Da kéime mer zur Ofstëmmung.*

## 6. Actes et conventions

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention tripartite avec l'office social de Differdange et l'ASBL HUT — Hëllef um Terrain pour l'exécution de la suite du projet Streetwork — CollecDiff à Differdange.*

---

Ech soen Iech Merci. Géife mer nach de Punkt 6e) duerchhuelen. Dat ass dee fënneften Avenant zu enger Konvention, déi d'Gemeng mam Staat huet, an zwar mam Ministère de la Culture. Do kréie mer réckwierkend fir den Exercice 2024 ee Montant extraordinaire vun 13.500 Euro nogereecht fir eng Preparatioun vun engem Projet Urban Art. Dat ass eng positiv Saach an eng eemoleg Saach. Et muss een dat just am Gemengerot votéiere loossen.

Wann et dozou keng Wuertmeldung gëtt, kéime mer zur Ofstëmmung. No der Ofstëmmung – mir sinn an der Hallschent –, géife mer eis zéng Minutte Paus gënnen. Wannechgelift.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le cinquième avenant à la convention conclue le 25 juin 2020 avec l'État pour le centre culturel Aalt Stadhaus.*

---

Ech soen Iech Merci. Maache mer zéng Minutte Paus.

(Paus)

Kéime mer zum Punkt 6j), dat ass ee Contrat de location a Relatioun mat engem Gemengenhaus, fir eng Photovoltaik-Installatioun opzeriichten. Do géif ech der Madamm Charlé d'Wuert ginn, wannechgelift.

---

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Et ass eng Konvention, wéi mer se elo schonn e puermol haten, iwwer Photovoltaikanlagen op eise Gemengegebaier. Et ass fir e Gebai, wat zukünfteg hei stoe wäert. Dat ass eréischt an e puer Joer fäerdeg, mee et ass ëmmer ganz wichteg, schnellstméiglech esou Kontrakter ofzeschléissen.

sen. Aus deem Grond, ier d'Renovatiounsarbechten ufänken, dass ee schonn am Viraus déi Gainé leet, déi gebraucht ginn, déi elektresch Gainen, déi musse geluecht gi fir erop. Do ass et ganz wichteg ze wëssen, wéi vill Kilowatt kënne geluecht ginn uewendrop, fir ze produzéieren. Fir eeben ze wëssen, wéi vill Gainen oder wat genau do gebraucht gëtt.

Hei wäerte mer eng Surface vu 485 Quadratmeter der Sudenergie zur Verfügung stellen, wou ongeféier dann 30 Kilowatt Peak kënne produzéiert ginn.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Detailer. Madamm Pregnò, wannechgelift.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Mir begreissen ëmmer erëm esou Installatiounen vu Solarzellen. Ech hätt just eng Fro, firwat hei keng Biergerbedeelegung virgesinn ass. Villmools merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Madamm Charlé.

---

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Bei deenen eenzele Photovoltaikanlagen, wéi mer se elo iwwerall op de Gemengegebaier virgesinn hunn, ass bis elo d'Biergerbedeelegung net virgesinn. Et ass awer esou, dass mer wäerte gréisser Projeten hunn, wou mer dat wäerte virgesinn. Mee dann einfach den Opwand vläicht – mee dat eent schléisst dat anert trotzdeem och nach net aus. Et sinn trotzdeem Saachen, déi een am Nachhinein ëmmer nach ka maachen.

An dëser Konvention geet et einfach drëm, dass déi Pannoe kënne geluecht ginn. Mee ech mengen, wa mer zu deem Moment kommen, mir hate jo och d'leschte Kéier geschwat vun de Wandrieder an esou weider, wäerte mer d'Biergerbedeelegung op jidde Fall op déi éischt Stell stellen. Dat ass ganz

l'exercice 2024, un montant extraordinaire de 13 500 € pour la préparation d'un projet d'art urbain. Il souligne qu'il s'agit d'une initiative positive et unique, qui nécessite l'approbation du conseil communal.

(Vote et pause)

Guy Altmeisch présente le point 6j concernant un contrat de location relatif à un bâtiment communal pour l'installation de panneaux photovoltaïques. Il donne la parole à madame Charlé.

---

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** explique qu'il s'agit d'une convention similaire à celles déjà conclues pour des installations photovoltaïques sur les bâtiments communaux. Elle précise que cette convention concerne un bâtiment, qui sera construit dans quelques années, mais qu'il est crucial de signer ces contrats le plus tôt possible. Cette anticipation permet, avant le début des travaux de rénovation, de prévoir les installations électriques nécessaires.

Il est essentiel de connaître la capacité en kilowatts qui peut être installée sur le toit pour déterminer précisément les besoins techniques. Sur une surface de 485 m<sup>2</sup>, environ trente kilowatts-crête pourront être produits.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** intervient pour exprimer son soutien aux installations de panneaux solaires et pose une question sur l'absence de participation citoyenne dans ce projet.

---

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** répond que, pour les installations photovoltaïques individuelles sur les bâtiments communaux, la participation citoyenne n'est pas prévue actuellement. Elle précise cependant que des projets plus importants incluront cette dimension, même si cela n'exclut pas la possibilité de l'ajouter ultérieurement.

Cette convention vise simplement à permettre l'installation des panneaux, mais la participation citoyenne reste une priorité pour les projets, notamment pour les éoliennes et autres installations, où les citoyens pourront s'impliquer.



## 6. Actes et conventions

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande pourquoi la commune travaille systématiquement avec SU-Denergie et si d'autres prestataires ont été consultés, notant que le prix proposé pour cette toiture est relativement bas.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que la commune est actionnaire de SU-Denergie en proportion de la densité de population communale, ce qui justifie cette collaboration. Cette relation de partenariat permet à la commune de bénéficier automatiquement d'une ristourne sur ses investissements.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *s'interroge sur la capacité de production de trente kilowatts-crête pour 485 m<sup>2</sup>, estimant qu'il pourrait y avoir une marge d'amélioration. Il compare avec sa propre installation domestique, qui produit cette puissance sur seulement 220 m<sup>2</sup>.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *précise qu'il s'agit d'une estimation minimale, qui peut être revue à la hausse.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *explique que les trente kilowatts-crête représentent un minimum garanti, mais que la configuration du toit impose certaines contraintes sur l'emplacement des panneaux. Si une capacité supérieure est possible, elle sera exploitée.*  
(Vote)

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *présente le point 6k concernant un contrat de mise à disposition gratuite par l'État d'une maison abritant le musée Eugène-Pesch. Il révèle que, lors d'une restructuration, la commune a découvert qu'elle n'était pas propriétaire du bâtiment malgré dix années de location.*

*À la suite de discussions avec l'État, une convention est proposée pour une mise à disposition gratuite sous certaines conditions: la commune doit assurer l'entretien et la surveillance, et maintenir le bâtiment en bon état. Le bourgmestre estime ces conditions acceptables compte tenu de l'utilisation et des bénéfices que la commune tire de ce bâtiment.*

wichtig, dass d'Leit sech och kënne be-deelegen. A mir hu jo och schonn aner Anlagen, wou dëst de Fall ass.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt zu deem Punkt nofroen, firwat mer ëmmer mat Sudenergie schaffen. Huet dat ee spezifische Grond? Et gi jo och anerer. Hei ass elo, vergläichsweis, nach ee relativ niddrege Präis, dee mer do kréie fir déi Diech. Sudstrom maachen dat och. Ech weess elo net, wat si ubidden. Mee hu mer do eng Kéier den Tour gemaach, wie wat dofir bezilt, oder ass dat – also et ass jo och novollzéibar, mir sinn Aktionär bei der Sudenergie, dass mer mat hinne schaffen. Mee ech wollt einfach do nofroen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech géif Iech, Här Diderich, dorop eng Äntwert ginn. Aus deem Grond, well mer Partner sinn. Prozentual, an der Densitéit vun eiser Gemeng, si mer Partner bei Sudenergie. Dohier schaffe mer zesumme mat Sudenergie. Well mer do jo automatesch, wéinst eiser Partnerschaft vun X Prozent, eng Ristourne hu vun deem, wat mer do als Gemeng investéieren. Et ass dowéinst, dass mer mat Sudenergie schaffen, an deem Sënn.

Eng weider Wuertmeldung? Den Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech hu séier mol nogekuckt, wat een esou brauch fir 30 Kilowatt Peak u Surface. Et schéngt mer, wéi wann do nach e bësse Sputt no uewe wär. Ech hu selwer eng doheem elo viru Kuerzem geluecht. Do hunn ech 220 Meterkaree Fläch fir déi dote Leeschtung. Besteet d'Méiglechkeet fir méi? Oder firwat ginn nëmmen 30 Kilowatt Peak produzéiert, kéinten et net méi sinn? Just eng Fro.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Wann ech mech net ieren, ass dat eng Estimatioun. Awer déi Estimatioun, déi ass no uewen ausdeenbar. Et ass just eng Estimatioun.

Madamm Charlé.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

30 Kilowatt Peak ass e Minimum, dee sécher wäert kënne gemaach ginn. Op der leschter Säit vun der Konventioun, do gesitt Der wéi den Daach soll aussinn, well een do awer verschidde Constraints huet, wou een näischt hi leeë kann oder wéi ee se genau leet. Dat do ass emol ee Minimum. Mee, natierlech, wann do méi dran ass, gött méi erausgeholl.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, fir déi Wuertmeldungen. De Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de location de toiture sur le bâtiment Nei Annexe vum Gemengenhaus pour installer des panneaux photovoltaïques.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 6k) ass ee Contrat de mise à disposition, wou mer vum Staat en Haus fir näischt zur Verfügung gestallt kréien, wou de Musée Eugène Pesch dran ass. Ech muss dozou bemierken, wéi mer eng nei Ëmstrukturéierung vum Haus gemaach hunn, ass eis opgefall, dass d'Gemeng net Proprietär wär vun deem Haus, trotz, dass mer do zéng Joer laang Locatioun gemaach hunn.

Doropshi si mer mam Staat zesumme-komm, hunn doriwwer diskutéiert an dunn hu si eis eng Konventioun proposéiert, déi mer elo haut an de Gemen-gerot bréngen, fir vun Iech votéiert ze kréien, dass si eis d'Haus gratis zur Verfügung stellen, wa mir verschidde Konditiounen erfüllen. Ënner anerem, dass mir den Ënnerhalt maachen, d'Surveil-

## 6. Actes et conventions

lance maachen, dass mir den Entretien vum Haus géife maachen, dass mir d'Haus an engem gudden Zoustand halen. Ech mengen, dat si Konditiounen, deene mer kënnen zoustëmmen, fir dat, wat mir fir Besoin vum Haus hunn a wou mir vum Haus profitéieren.

Gëtt et Wuertmeldungen zu där Konventioun? Mir kommen zur Ofstëmmung.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de mise à disposition gratuite avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg relatif à l'immeuble connu sous la dénomination musée Eugène-Pesch sis à Lasauvage dans la rue Principale.*

---

Ech soen Iech Merci. Punkt 6l), ee Contrat de mise à disposition vum engem Logement d'urgence. Do géif den Här Hartung eis d'Detailer ginn, wannechgelift.

---

### SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Hei hu mer zwee Kontrakter, eemol fir eng Eenzelpersoun an eemol fir eng Famill an der Urgence ze logéieren. Bei deem enge gouf et een Déguerpissement wéinst Faillite vum engem Café. Do hu fënnf Eenzelpersoune gewunnt, déi dann op d'Strooss gesat ginn.

An esou Fäll versichen ons Servicer ëmmer, Léisungen am Virfeld ze fannen. Fir véier Leit konnt eng Léisung fonnt ginn. Fir eng Persoun net. Déi ass elo emol an enger Chambre d'urgence vum enger Gemengewunneng ënnerkomm. Mam Office social kucke mer hei, wéi et weidergeet.

Dat anert ass e Relogement, do war ee Feier an engem Haus zu Nidderkuer. D'Fra, mat hiren erwuessene Kanner, konnte mer direkt relogéieren an engem vun eisen Appartemenster, wou grad de Locataire erausgeplënnert war.

D'Mise à disposition ass op sechs Méint, well d'Renovatiounsaarbechte schéngeschonng eng gewëssen Envergure ze kréien. Wa si natierlech éischter zrëck kann oder eng aner Léisung

fënnt, muss si net déi sechs Méint bezuelen. Mee esou huet d'Famill Zäit, fir mat allen a Rou alles ze klären. Ech denken och un d'Assurancen. Dat brauch ëmmer e bëssen, an dann hoffe mer, datt se erëm séier op eegene Bee steet.

A béide Fäll ee grouss Merci un all eis Servicer, déi séier sur place waren, gutt zesummege schafft hunn an de Leit proaktiv hëllef konnten. Merci.

---

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Här Diderich, wannechgelift.

---

### GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat heiten ënnerstëtze mer natierlech. De Besoin no Urgencëwunnengen ass immens grouss. Et ass een Theema, wat mer scho ganz vill an der Logementskommissioun och ugeschwat hunn.

Wéi mir an der Sektoun vum déi Léink deen doten Dossier gesinn hunn, hu mer eis nach eng Kéier Gedanke gemaach an och gesinn, dass jo awer, zum Beispill, Gemenge wéi Schëffleng oder Stroossen an déi Richtung vum Tiny Houses gaange sinn. Fir och zum Deel Baulücken oder Terrainen, déi temporär eidel stinn, ze notzen.

Wann een do och just fir fënnf Joer een Terrain huet, da lount sech dat schonn. Déi kann een och ëmstellen, relativ einfach.

Mir hunn eis e puer Gedanke gemaach punkto Terrainen, déi dofir a Fro komme kéinten. Ënner anerem, zum Beispill, an der Kéier zu Nidderkuer, virum Spidol. Do ass een Terrain, ech hat elo beim Jerry Hartung nogefrot, deen ass jo reservéiert, fir d'Schoul eng Kéier auszubauen. An dat wäert jo awer net an deenen nächste fënnf Joer geschéien, bis do emol dru geplangt gëtt oder esou. Da kéint een, mengen ech, relativ gutt – do ass een un der Strooss, et ass een um Kanal –, do awer direkt e puer esou Tiny-Haiser opriichten. Dat ass wierklech kee grouss Budget, deen een dofir brauch.

(Vote)

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** explique que la commune traite deux contrats pour loger des personnes en situation d'urgence, l'un pour une personne seule et l'autre pour une famille. Dans le premier cas, cinq personnes vivant dans un café ont été expulsées à la suite de la faillite de l'établissement. Les services communaux tentent toujours de trouver des solutions en amont pour éviter ces situations. Une solution a pu être trouvée pour quatre personnes, mais la cinquième est actuellement hébergée dans une chambre d'urgence d'un logement communal. L'office social examine avec elle les possibilités pour la suite.

Le second cas concerne un relogement à la suite d'un incendie dans une maison à Niederkorn. La femme et ses enfants adultes ont pu être immédiatement relogés dans un appartement communal qui venait de se libérer. La mise à disposition est prévue pour six mois, car les travaux de rénovation semblent avoir une certaine envergure. Si la famille peut réintégrer son logement plus tôt ou trouve une autre solution, elle n'aura pas à payer les six mois complets. Cette période permet à la famille de régler sereinement toutes les démarches, notamment avec les assurances, qui prennent toujours un certain temps.

Jerry Hartung remercie chaleureusement tous les services qui sont intervenus rapidement sur place, ont bien collaboré et ont pu aider proactivement les personnes concernées.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** soutient naturellement cette démarche. Il souligne que le besoin en logements d'urgence est immense, un sujet souvent abordé en Commission du logement. En examinant ce dossier au sein de leur section, ils ont constaté que des communes comme Schiffange ou Strassen se sont orientées vers les « tiny houses » pour utiliser temporairement des terrains vides ou des dents creuses. Même pour une durée de cinq ans seulement, cela reste rentable, car

## 6. Actes et conventions

*ces habitations peuvent être facilement déplacées.*

*Gary Diderich propose plusieurs terrains qui pourraient convenir, notamment un terrain à Niederkorn devant l'hôpital, réservé pour une future extension scolaire qui ne se fera pas dans les cinq prochaines années. Ce terrain, situé près de la route et du canal, pourrait accueillir quelques « tiny houses » sans nécessiter un budget important.*

*Il mentionne également une maison récemment acquise rue des Lignes avec un terrain à l'arrière, où des négociations avec l'État concernant leurs terrains pourraient facilement durer cinq ans. Il suggère d'examiner plusieurs terrains de ce type pour éviter de devoir recourir aux chambres d'hôtel.*

*Il constate que, depuis son retour au conseil communal, aucun bail pour un logement d'urgence n'a été voté et que, dans la plupart des cas, les chambres ou logements sont occupés pour plus de trois ou six mois, limitant ainsi la disponibilité.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** prend note des suggestions. Il précise que les logements d'urgence en cas d'incendie restent généralement vides pour être disponibles en cas de besoin. La commune pense régionalement pour ces situations, qui restent relativement rares, avec de bons échanges avec d'autres communes du sud, notamment Esch-sur-Alzette, qui dispose de telles installations et a déjà aidé d'autres communes.

*La commune agrandit actuellement son patrimoine immobilier, ce qui permet lors des rotations de locataires de trouver des solutions provisoires, comme dans le cas présent. Le contrat est limité à six mois, car la cellule logement et le ministère du Logement doivent ensuite reprendre le dossier selon la procédure RENLA, qui filtre les priorités.*

*Concernant les chambres dans les cafés, la commune y travaille activement. Une lettre a été envoyée l'année dernière avec de premières mesures, et d'autres étapes sont prévues après le printemps avec différentes réflexions en cours.*

*(Vote)*

Fläicht gëtt et nach aner Plazen. Mir hunn an der Rue des Lignes een Haus kaf mat Terrain hannenaus. Wou jo mol nach mam Staat geschwat gëtt, mat hiren Terrainen. Bis een do iergendeppes Konkreetes huet, kann ech mer virstellen, dass ee schnell bei fënnef Joer ass. Esou schnell dréien d'Mille jo och net.

Soudass een no e puer esou Terraine kéint kucken, fir dass mer do besser ausgestatt wäeren an net op Hotelszëmmer missten zrëckgräifen. Zënter ech elo erëm am Gemengerot sinn, hu mer hei keen esou ee Bail gestëmmt, fir esou eng Urgence-Wunneng. Dat heescht, an deene meeschte Fäll si mer bei méi wéi dräi oder sechs Méint, wou déi Zëmmeren oder déi Wunnenge besat sinn, wann ech net falsch leien. Dat heescht, dass mer selten déi Disponibilitét hunn.

Dat eent ass wierklech eng Urgence, wa Feier ass. Dat anert ass jo, dass mer no Léisunge siche fir d'Cafészëmmeren, déi am Fong missen zougemaach ginn. An do wär dat heiten, mengen ech, eng ganz gutt Léisung. Eleng déi Terrainen, déi ech elo opgezielt hunn. An Dir sidd sécherlech nach besser informéiert, wéi eng Terrainen nach a Fro komme kéinten. Do kéint ee schonn een esou ee Café zoumaachen, deen a schlechte Konditiounen ass. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Här Hartung.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Ech huelen dat emol mat. Effektiv d'Urgence, wa Feier ass. Et muss ee wëssen, dat ass u sech Wunnraum, deen een eidel stoe léisst, fir de Fall, wou eng Kéier eppes geschitt. An do denke mir méi regional, well dat kënnt awer zimmlech seele vir. Mir hate gutt Echangé mat anere Südgemengen, ënner anerem, Esch. Déi hunn esou eppes, si hunn do schonn anere Gemengen ausgehollef. Noutfalls kéint een dorop zrëckgräifen.

Hei hu mer elo intern eng Léisung fonnt, well mer d'Méiglechkeet hunn. Ech mengen, mir si jo och amgaangen,

eise Patrimoine, wat de Logement ugeet, ze vergréisseren. Do ass jo dann och ëmmer ee Wiessel, wéi et eeben dës Kéier da flott opgaangen ass, datt een do eeben dann eng provisoiresch Léisung huet. Natierlech reng temporär, dofir de Kontrakt och just op sechs Méint.

Effektiv, ech mengen, do ass dann d'Cellule logement an och de Ministère du Logement hannendrun, wou mer dann awer dat mussen erëm richtig verginn. Ech mengen, soss géife mer jo och dann eis ege Prozedur ëmgoen. Et ass u sech d'Prozedur vum RENLA vum Logementsministère, wou mer d'Leit mussen erausfilteren, wie Prioritéit huet, soss géife mer dat jo ëmgoen.

Déi Saach mat de Cafészëmmeren, do si mer drun. D'lescht Joer hat mer jo ee Bréif erausgeschéckt, wou mer schonn éischt kleng Mesurë geholl hunn. Mer hoffen dëst Joer, nom Fréijoer, do weider Schrëtt kënnen ze entaméieren. Awer do hu mer och scho verschidden Iwwerleeungen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de mise à disposition de logement d'urgence sis à Differdange au 41, avenue Charlotte, avec monsieur José Henrique Araujo.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de mise à disposition de logement d'urgence sis à Differdange au 1, rue du Parc-Gerlache avec madame Sissy Nunes.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 6m), deen ass an zwéi gedeelt. Dat Éischt ass ee Contrat de bail am 1535° vun enger neier Firma. Wady Films heescht déi. Firwat si mer op déi dote Firma komm? Dat ass d'Resultat vum Comité de



## 6. Actes et conventions

sélection, do waren e puer Kandidaten, an déi hu sech fir déi Firma entscheet. Als Gemeng hale mir eis meeschtens un de Comité de sélection, well déi déi verschidde Krittären ënnersichen an analyséieren, ier se zu enger Konklusioun kommen.

Deen zweete Fall dat ass een Avenant, wou ee bestoende Locataire eng aner Parzell wëll, déi op deem selwechte Stack ass, mee déi e bësse méi grouss ass.

Ech wier frou, wann Der mer déi géift stëmmen, da kéinten déi Leit ufänke mat schaffe respektiv viru schaffen.

Keng Wuertmeldung dozou, mir kommen zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant au contrat de bail avec monsieur Éric Chenal au 1535° Creative Hub.*

---

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec Wady Films SÀRL au 1535° Creative Hub.*

---

Ech soen Iech Merci. Punkt 6n), eng Konventioun, eng Mise à disposition vun engem Emplacement hei ënnen an der Spuerkeess, engem Punkt, wou Foodsharing gemaach gëtt. Do géif ech d'Wuert der Madamm Charlé ginn, wannechgelift.

---

### SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. De Foodsharing-Punkt ass een Zesummeschaffe mat der Foodsharing Associatioun wéi mat eise aktuellen Conseil alimentaire a sëllege Fräiwëllegen. Vun der viischter Fläch vun der fréierer Spuerkeess, wou ëmmer d'Automate waren, fir d'Suen opzehiewen, profitéiere mer, fir e puer Méint – soulaang de Musée des Déchets och nach do ass an dat Emplacement eebe gelount ass – e bëssen een Test ze maachen, zesumme mat der ASBL, fir ze kucken: Hu mer ee Besoin?

Benotzen d'Leit et? Wéi funktionéiert et?

Ech kann Iech elo just soen, säit engen zéng Deeg ass op an et ass wierklech ee grouss Succès. Dat awer och just, well mer ganz vill Benevollen hunn. Also et sinn eng 40 Benevollen, déi hei matschaffen, fir dass dat funktionéiert. Dat si Bierger, dat si Fräiwëlleger vun der Associatioun, dat si Leit aus dem Conseil alimentaire, dat si Leit vun der Gemeng, déi e bëssen do mathëllefen. Haaptsächlech de Service écologique, dee sech do wierklech ganz, ganz vill erageknéit huet, fir dass mer dat dote maache kënnen.

Ech mengen, et war eng Iddi, déi scho laang do war, awer nach net ëmgesat gouf. A mer elo dat awer esou hikruten, dass mer hei kënnen lassleeën. Ech wëll an deem Sënn all deene Leit, déi do matmaachen, ee grouss Merci soen. Jiddwereen, dee sech dohinner beweegt, fir do ze botzen, fir opzespären, zouspären, d'Saachen dohinner ze bréngen an déi d'Leit ze encouragéieren, um Projet deelzehuelen, fir den Déchets alimentaires entgéintzewierken.

---

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Den Här Diderich, wannechgelift.

---

### GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Madamm Charlé, fir dee Projet esou weiderbruecht ze hunn. D'Motioun vun Déi Gréng hunn ech ënnerstëtzt. Als déi Léng hu mir an der Vergaangeneet scho méi Propose gemaach, fir de Gaspillage alimentaire an de Grëff ze kréien, och dass een ee Restaurant géif virgesinn, wou een eebe mat Invenduë géif kache fir d'Leit, an deelweis och mat de Leit.

Hei ass elo eng ganz konkreet Initiativ op enger ganz gudder Plaz. En plus passt dat och elo mam Musée des Déchets direkt do niewendrun. Déi Associatioun, mat der Hëllef vum Service vun der Gemeng, mat Benevollen aus der Gemeng, ass scho gutt opgestallt. Si assuréieren, dass owes zougemaach

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** présente ensuite deux contrats de bail au 1535° Creative Hub pour une nouvelle société, Wady Films, sélectionnée par le comité de sélection parmi plusieurs candidats, ainsi qu'un avenant pour un locataire existant souhaitant une parcelle plus grande sur le même site.

(Vote)

---

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** présente une convention pour la mise à disposition d'un emplacement dans l'ancienne Spuerkeess pour un point de partage d'aliments. Ce projet résulte d'une collaboration avec l'association Food Sharing, le conseil alimentaire actuel et de nombreux bénévoles. L'espace, anciennement occupé par les distributeurs automatiques, sera utilisé pendant quelques mois, tant que le musée des Déchets s'y trouve, pour tester le besoin, l'utilisation et le fonctionnement du dispositif.

Zenia Charlé annonce que le projet est ouvert depuis dix jours et connaît un grand succès. Elle explique que cette réussite est rendue possible grâce à l'engagement d'environ quarante bénévoles, qui travaillent ensemble pour assurer le bon fonctionnement de l'initiative. Ces bénévoles comprennent des citoyens, des membres de l'association, des personnes du conseil alimentaire et des employés de la commune, notamment le service écologique, qui s'est particulièrement investi dans le projet.

Elle précise que cette idée existait depuis longtemps, mais n'avait pas encore été concrétisée. Elle remercie chaleureusement toutes les personnes qui participent activement, que ce soit pour nettoyer, ouvrir et fermer les installations, apporter des denrées ou encourager les habitants à participer au projet de lutte contre le gaspillage alimentaire.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** remercie madame Charlé d'avoir porté ce projet. Il rappelle qu'il a soutenu la motion des Verts et que son parti, déi Léng, avait déjà fait plusieurs propositions par le passé pour lutter contre le gaspillage alimentaire, notamment l'idée d'un restaurant, qui cuisinerait avec des invendus.

## 6. Actes et conventions

*Il souligne que cette initiative concrète est idéalement située à côté du musée des Déchets. L'association, avec l'aide des services communaux et des bénévoles, assure le bon fonctionnement du lieu, notamment la fermeture le soir et la propreté.*

*Il note que cet engagement citoyen a été rapidement mis en place et fonctionne bien. Il constate que le projet est bien accueilli par les habitants de Differdange et raconte avoir encouragé deux femmes hésitantes à entrer pour voir si quelque chose pouvait leur convenir. Il rappelle que tout le monde ne suit pas les informations sur les réseaux sociaux ou internet. Bien qu'il n'y ait pas encore beaucoup de partenaires commerciaux à Differdange pour fournir des invendus, les quantités récupérées sont déjà importantes. Il mentionne que le Smatch, qui fournissait beaucoup d'invendus, a fermé. Il considère cette initiative comme parfaitement adaptée au lieu et à la population, et en accord avec les engagements de la commune en matière de climat, d'environnement et de réduction des déchets.*

**GUY TEMPELS (CSV)** exprime son soutien à ce beau projet. Il insiste sur l'importance de remercier les bénévoles, qui viennent chaque jour pour assurer le succès de cette initiative. Il rappelle que ce projet était en discussion depuis longtemps dans la Commission de l'environnement, mais qu'aucun représentant de l'ASBL n'avait osé se lancer à Differdange. Il se réjouit néanmoins que le projet soit maintenant réalisé et lui souhaite beaucoup de succès.

**LAURA PREGNO (DÉI LÉNK)** salue clairement le projet. Elle rappelle que les Verts y travaillaient depuis longtemps et avaient échoué sur la question du lieu et du manque de soutien pour l'entretien du frigo. Elle félicite particulièrement madame Charlé pour avoir réussi à concrétiser cette idée novatrice dans un collège échevinal plus traditionnel.

*Elle partage son expérience de la veille, où elle a constaté la variété des produits disponibles et le roule-*

*gött, dass dat propper gehale gött. Dat heescht, et ass och een Engagement citoyen, deen do wierklech schnell en place gesat ginn ass an och gutt funktioniéiert.*

Et mierkt een och, dass dat Ganzt gutt ugeholl gött hei zu Déifferdeng. Virgëschter nach hat ech gesinn, wéi zwou Fraen eragekuckt hunn, déi hu sech awer net esou richtig getraut. Do hunn ech hinne gesot: Gitt eran kuckt, ob eppes do ass fir Iech, huet dat mat. Dat heescht, zéckt net, de Leit Bescheed ze soen, wann Der do laanscht gitt a si kucke skeptesch eran. Net jidderee verfollegt d'Informatiounen op de Réseaux sociaux oder um Internet.

Do kann ee sech all Dag dervun iwwerzeegen. An et sinn elo nach net esou vill Partner hei zu Déifferdeng, vun deenen d'Invenduen iwwerholl ginn, mee eleng dat, do kënt scho vill zesummen.

An der Zäit, do, wou soss ëmmer de Smatch war, war nach een, dee ganz vill Invenduen hat, deen ass eeben elo zou. Mee do eleng, bei all Geschäft, wat do esou zesummekënnt, dat ass schonn enorm. An ech mengen, hei hu mer déi richtig Initiativ op där richteger Plaz, fir déi richtig Populatioun och. A fir en Engagement vun de Bierger och, wat, mengen ech, an allen Hisiichte ganz gutt passt bei déi verschidden Engagementer, déi mir als Gemeng hunn am Beräich vum Klima, am Beräich vun der Ëmwelt an an der Reduktioun vum Dreck. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Den Här Tempels.

---

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Dat hei och ee ganz flotte Projet, dee mir natierlech ënnerstëtzen.

Et ass wichteg, dass mer deene Leit, deene Benevolle Merci soen, déi sech all Dag hierginn, fir dass dëse Projet soll oder wäert sécher ee Succès ginn.

Mir haten dee Projet laang virdrun an der Ëmweltkommissioun. Leider hat sech ni een Här vun der ASBL op Déif-

ferdeng getraut, ech weess net firwat. Trotzdeem si mer frou, dass dee Projet elo duerchgezunn ginn ass. Mir ënnerstëtzen dat a wënsche vill Succès. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Madamm Pregno, wannechgelift.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Mir begrëssen de Projet ganz kloer, well, wéi den Här Diderich virdru sot, war et een Uleies vun Déi Gréng, wou mer och scho laang dru geschafft hunn a mer wierklech un der Plaz gescheitert waren, deemools, wéi ech am Schäfferot war. Well mer keng gutt Plaz fonnt hatten an och – ee Moment hate mer zwar eng Plaz, mee dunn net d'Ënnerstëtzung vun de Leit, déi hätte missen dee Frigo e bësse matënnerhalen.

Ëmsou méi begrësse mer deen Akt, well ech ka mech erënneren, dee Moment, wéi mer hei am Gemengerot déi Motioun haten, war et jo awer eng gréisser Diskussioun ginn, wou vill Leit net dofir waren. An ech fannen et immens flott, dass eng jonk Fra dann dat konnt opgräifen an hir Iddien ëmsetze konnt. An esou da vläicht eng net esou konventionell nei Iddi an engem méi al agesiesse Schäfferot duerchbréngen. Dohier meng Felicitatioun, Madamm Charlé, dass Der dat konnt bréngen.

Ech war gëschter, effektiv, och laanscht kucken an hu gesinn, dass eng ganz Rei verschidde Saache schonn do louchen. An een awer och gemierkt huet, dass e bëssen en Turnover war an et sinn awer Leit laanscht gaangen, déi hu gekuckt. Et war emol eng ganz flott éischt Erfahrung. An ech denken, dass dat sech ronderëmschwätzt an dat, hoffen ech op jidde Fall, ee Succès gött.

Flott wier et, wann Der vläicht am nächste Gemengerot drop agoe kéint, wéi d'Evolutioun bis dohinner ass, dass mer einfach dat kënne matverfollegen a kucken, wéi et weider evoluéiert. Merci.

# 7. Règlements communaux

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi flott Informatiounen an dee Luef un den Alter vum Schäfferot. Wa keng Wuertmeldung méi wär, kéime mer zur Ofstëmmung.

Pardon, jo, Madamm Charlé, Dir kënnt awer roueg nach ee Luef ausschwätze fir de Schäfferot.

---

## **SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Ech ginn elo net op Ären Alter an, hei am Schäfferot, mee ech freeë mech, dass ech awer als jonk ...

Den Här Diderich hat iwwer d'Commercë geschwat, déi et scho gött oder vläicht nach net gött. De Service écologique setzt sech aktuell an, fir déi Leit, déi mer an der Géigend hunn oder hei an der Gemeng hunn, e bëssen ze mobiliséieren, se awer och ze informéieren, fir matzemaachen. Dat ass net ëmmer esou einfach, well de Commerçant selwer seng Saachen net kann dohinner bréngen. Dat aus Grënn, wéini wie responsabel ass.

Dat heescht, mir probéieren trotzdeem ze mobiliséieren a mat deene Fräiwëlligen, déi mer dann eeben hunn, d'Liewensmëttel an deem Sënn ze retten. Do si mer jiddefalls drun. A mir hoffen, dass mer ënnerhalb deenen nächsten zwee Méint nach méi Leit kréien, déi matmaachen.

Wat d'Evolution ugeet, ass vläicht e bësse schwiereg, well mer jo elo net een do setzen hunn, deen elo ëmmer e Stréch mécht, wéini wat erakënnt oder wéini et erausgeet. Dat heescht, et komme schonn all Dag zwee- bis dräimol Liewensmëttel un. Mee et ass ëmmer ganz kloer: Bal ënnerhalb vun enger hallwer Stonn sinn déi Saache fort. Dat geet wierklech richtig gutt. Mir bräichten nach méi Saachen, déi do sinn.

Mee fir ganz genee elo ze soen, esou vill Prozent oder dat gött dann trotzdeem ewechgehäit, well et dann net méi gutt ass an net benotzt gött, ass relativ schwiereg. Mee mir wäerten eis jiddefalls beméien, fir erauszefannen, wéi vill Leit laanscht kommen oder wéi de Projet dann esou weiderleeft.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi flott Informatiounen. Mir kommen zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un emplacement en vue de l'installation d'un point de partage alimentaire à Differdange au 52, rue John-F.-Kennedy.*

---

Ech soen Iech Merci. Punkt 7, ginn ech der Madamm Charlé nach eemol d'Wuert betreffend d'Drénglechkeetsreglementer.

---

## **SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Zu den Drénglechkeetsreglementer gött et elo net esou vill speziell Saachen. Et ass wéi ëmmer, e ganze Koup Chantieren, wou d'Leit Plaz virun hirer Dier brauche fir Containeren oder eng Stee an esou weider.

Dann hu mer verschidde Plazen, déi reglementéiert ginn, fir dass een um Schluss vun enger Strooss besser gedréit kritt. Et si verschidde Saachen am Kader vum Chantier vun der Bockschoul, och vum Deménagement vun der Gemeng, wou verschidde Saachen hei um Parking wäerte mussen anescht reglementéiert ginn, respektiv um Parking Nelson Mandela.

An dann och erëm d'Place Jehan Steichen, déi eng Woch zou ass wéinst dem Zirkus.

Dat ass elo eng Kuerzfaassung vun de Saachen, déi Der do erëmfanne kënnt. Wann awer een eng konkreet Fro sollt hunn, stinn ech natierlech gär zur Verfügung.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Detailler. Mir kommen zur Ofstëmmung.

*ment rapide, ainsi que l'intérêt des passants. Elle espère que le bouche-à-oreille fonctionnera et demande une mise à jour sur l'évolution du projet lors du prochain conseil communal.*

---

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** précise que le service écologique travaille actuellement à mobiliser et informer les commerçants locaux pour qu'ils participent. Elle explique que les commerçants ne peuvent pas apporter eux-mêmes les denrées pour des questions de responsabilité, mais qu'ils essaient néanmoins de mobiliser avec l'aide des bénévoles pour sauver ces aliments. Elle espère obtenir plus de participants dans les deux prochains mois.

Concernant l'évolution du projet, elle reconnaît qu'il est difficile de tenir des statistiques précises, car personne n'est présent en permanence pour noter les entrées et sorties. Elle confirme que des denrées arrivent deux à trois fois par jour et disparaissent généralement en une demi-heure, ce qui témoigne du succès de l'initiative. Elle aimerait qu'on offre davantage de produits et s'engage à déterminer le nombre de visiteurs ainsi que l'évolution du projet.

(Vote)

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** donne la parole à madame Charlé concernant les règlements d'urgence.

---

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** explique qu'il n'y a pas beaucoup d'éléments particuliers concernant ces règlements d'urgence. Elle indique qu'il s'agit, comme toujours, de nombreux chantiers, où les habitants ont besoin d'espace devant leur porte pour des conteneurs ou des échafaudages.

Plusieurs emplacements sont réglementés pour faciliter les manœuvres en fin de rue.

Dans le cadre du chantier de l'école du Bock et du déménagement de la commune, diverses modifications de réglementation sont nécessaires sur le parking actuel et sur le parking Nelson-Mandela.

La place Jehan-Steichen est fermée une semaine en raison du cirque.



## 8. Commissions / 9. Questions

Elle précise qu'elle reste disponible pour répondre aux questions concrètes.  
(Vote)

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** informe l'assemblée des changements du LSAP dans les commissions: Émile Mondot remplace Kevin Tiberi dans la Commission des sports et Vincenzo Liberatore remplace João Reboredo dans la Commission culturelle.

Il donne ensuite la parole à monsieur Diderich pour exposer sa question écrite.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** évoque le déménagement des résidents de la maison de retraite de Niederkorn vers Käerjeng. Bien que la nouvelle infrastructure soit mieux adaptée aux besoins actuels, il souligne des augmentations de prix importantes. Une chambre simple à Käerjeng coutera 3500 € par mois, comparativement à 2700 € à 3000 € au CIPA de Niederkorn. Ce montant dépasse de 300 € le plafond couvert par le Fonds national de solidarité pour les personnes dont la pension ne suffit pas. Certains résidents risquent de devoir déménager dans d'autres maisons de retraite et perdre leur réseau social.

Il demande si le collège échevinal est au courant de cette situation, ce qu'il a entrepris pour garantir un logement abordable aux résidents, et ce qu'il advient du CIPA de Niederkorn maintenant qu'il est vide. Il s'interroge aussi sur la façon d'expliquer une telle augmentation tarifaire et sur le fait que Käerjeng soit la maison de retraite la plus chère de toutes celles répertoriées sur Infosénior. Il souligne le paradoxe d'un établissement public, qui ne respecte pas les plafonds du Fonds national de solidarité. Il demande combien de personnes sont concernées et ce qui peut être fait pour préserver leurs liens sociaux.

**JERRY HARTUNG (CSV)** remercie monsieur Diderich pour ces questions importantes, qui concernent environ 150 personnes âgées. Il assure que le nouveau site offre un standard bien plus élevé aux résidents de Servior Niederkorn et que

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 8, dat ass eng Informatioun vun der LSAP Déifferdeng vun de verschiddene Change-menter an de Kommissiounen. Den Här Emil Mondot géif den Här Kevin Tiberi an der Sportskommissioun ersetzen. Den Här Vincenzo Liberatore ersetzt den Här João Reboredo an der Kulturkommissioun.

Dat zur Informatioun zu de Kommissiounen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.*

Da fuere mer weider mam Punkt 9, mat de schrëftleche Froen, déi erakoumen. Do géif ech d'Wuert un den Här Diderich ginn, dass hien eis seng Fro, déi als éischt och erakomm ass, virdroe kann. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Et ass jo esou, dass d'Bewunner vun Nidderkuer aus dem Altersheim, gréisstendeels, op Käerjeng elo musse plënnere. Déi gutt Noriicht ass, dass do eng nei Infrastruktur gebaut ginn ass, déi méi adaptéiert ass op d'Besoinen vun haut.

Et ass awer elo esou, dass mer hei vu konsequente Präiserhéijunge schwätzen. 3.500 Euro pro Mount, fir en einfacht Zëmmer, ass de Präis, deen elo zu Käerjeng wäert gefrot ginn. Woubäi mer aktuell tëschent 2.700 an 3.000 Euro leien am CIPA zu Nidderkuer.

De Probleem ass och, dass déi 3.500 Euro vum CIPA zu Käerjeng, ëm 300 Euro dat iwwertreffen, vun deem, wou de Fonds National de Solidarité dofir opkënnt, fir déi Leit, déi net selwer genuch an der Pensioun hunn, fir sech en Zëmmer ze leeschten, awer mussen an engem Altersheim eebe liewen.

Deels gëtt sech d'Fro gestallt, ob déi Leit net a ganz aner Altersheemer misse plënnere an domadder hire soziale Reseau verloossen, well et finanziell net opgeet.

Dohier meng Froen, fir ze kucken, ob den Déifferdenger Schäfferot au courant ass vun där doter Situatioun a wat den Déifferdenger Schäfferot gemaach huet oder ënnerhuele kann, fir dass awer séchergestallt ka ginn, dass d'Residenten do präiswäert wunne kënnen.

Déi zweet Fro betrëfft d'Implikatioun vun der Gemeng, bei deem Plënnere do: Wat geschitt elo mam CIPA zu Nidderkuer, elo wou deen eidel ass? Ech hunn do scho Saache gesot kritt. Mee ech denken, dass et och wichteg ass, dass d'Bierger hei zu Déifferdeng dorüwer au courant sinn. Do huet de Schäfferot jo awer déi eng oder déi Saach ënnerholl oder Prezisioun kritt.

Dann d'Fro zu deenen Tariffer: Wéi sinn déi ze explizéieren, dass dat esou eng staark Augmentatioun gëtt? Firwat ass Käerjeng dat deierst vun all den Haiser, déi een um Site Infosénior och ka fannen?

Finalement, de CIPA gëtt jo exploitéiert vun engem, mee et ass en Établissement public. An dann hält en awer net déi Plaffonge vum Fonds National de Solidarité an. Dat ass fir eis ee Widder-sproch.

An dann: Wéi vill Leit sinn dovunner betraff? Wat ka gemaach ginn, dass d'Leit zesumme kënnen op déi nämmleche Plaz plënnere an domat och déi sozial Kontakter kënnen oprechterhale bleiwen, déi se hunn? Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Ech ginn dem Här Hartung d'Wuert fir eng Stellungnam, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Villmools merci fir dës Froen, virun allem, datt Der se matzäiten eraginn hutt, datt mer och prezis dorop äntwere kënnen, well et ass eng wichteg Saach, dat

## 9. Questions

läit eis um Häerz. Et betrëfft, wéi Dir sot, ronn 150 eeler Leit, datt si am Alter weider gutt versuergt ginn a sech dës liewensnoutwendeg Offer leeschte kënnen.

Do wëll ech direkt virewech soen, datt deen neie Site an de Bau de Bewunner vu Servior Nidderkuer ee vill méi een héije Standard ubidde wäert, an d'Finanzement fir jiddereen natierlech assuréiert bleift. Spéider kommen ech op d'Finanzement zrëck.

Just als Prezisioun virewech: Genee virun enger Woch, den 29. Januar, sinn déi 150 Awunner, mam 140 staarke Staff u Personal, geplënnert. Déijéineg, déi dëse Méindeg den RTL gekuckt hunn, hu gesinn, datt, en gros, alles gutt geklappt huet. Op jiddwer Fall fir d'Awunner. Fir d'Personal an d'Plënnernfirmen ass dëst natierlech e bësse méi eng stresseg Zäit.

Zu de Froen. Mat Servior hu mer ee ganz gudden Austausch an de verschiddene Prestatiounen, déi si ubidden an och an dësem Dossier. Sou krute mir schonn déi vill Virdeeler, déi deen neie Site den Awunner bidde wäert, gewisen. A mer goufen och zu den Iwwerleeunge zur zukünfteger Notzung vum ale Site matabezunn.

Jidderee weess, datt mir als Gemeng drun interesséiert waren, fir de Site zu Nidderkuer selwer ze iwwerhuelen, well de Bau sech, ënner anerem, och fir Projeten am Logement ugebueden hätt. Servior selwer huet awer och Virstellunge vu munche Projeten, soudatt si decidéiert hunn, de Site ze behalen, selwer ze renovéieren an zukünfteg Aktivitéiten unzebidden, déi an de Kader vun hire Servicer passen. Dat ass jo och verständlech.

An deem Sënn war d'Demande vun eiser Säit, fir hei ee Foyer du jour fir eeler Leit virzegesinn, well dat eppes ass, wat hei zu Déifferdeng feelt an eng Plus-value fir d'Stad a seng Senioren duerstellt. Dat wäert an Zukunft ee vun de Servicer sinn, deen „Op Lauterbannen“ offrëiert gi wäert.

Des Weidere wëlle si ee Pilotprojet vu Vakanzebetter testen, also fir Leit, déi, zum Beispill, no engem Spidolsopenthalt nach Zäit brauchen, fir sech ze erhuelen.

A si notzen e puer Säll als Formatiounsraum fir hiert Personal respektiv d'Personal, dat vu wäit heihi schaffe kënnt, zum Beispill op Käerjeng oder op de Woiwer, datt déi d'Méiglechkeet hunn, eemol an der Woch hei ze schlofen an net dauernd wäit Distanze mussen zrëckleeën. Sécherlech sënnvoll, wann ee bedenkt, datt et am Fleegeseक्टर schwierig ass, Personal ze fannen. A mer wëlle jo, datt d'Bewunner alleguer gutt betreit sinn. Dat zur Zukunft vum ale Site.

Dann déi finanziell Froen.

Ech fänken direkt mam Wichtigsten un. Och wann d'Präisser iwwer dem aktuelle Plaffong vum FNS leien, stellt dëst kee Probleem duer fir déi aktuell oder nei Bewunner, well Servior sech verpflichtet huet, déi Differenz selwer en charge ze huelen.

Mee, effektiv, wann een dat héiert, stelle sech e puer Froen: Wéi kann esou eng Differenz sinn? Servior ass jo en Établissement public a muss all Depense selwer géigefinanzéieren. Et gëtt wuel Engagementer vum Staat fir Servior, déi gesetzlech festgehalen sinn, awer si kréie keng Subside fir d'Exploitatioun.

Den Hick am Ganzen ass, datt d'Servicer de Confort an de Joren eropgesat hunn, net ze schwätze vun all den Deierchten, sief et um materiell wéi op personellem Volet. De Plaffong vum FNS ass zënter 1999 dee selwechten awer bliwwen. Et ass wuel éischter esou, datt dëse Plaffong net méi der Realitéit entsprécht.

Deemno d'Fro, wat da misst geännert ginn – dat ass, datt dëse Plaffong der Realitéit misst ugepasst ginn. An do ass een entspreichende Projet de loi an der Maach.

Zu de Froen betreffend Servior Nidderkuer gouf eng deementspreechend Question parlementaire an der Chamber gestallt, wou d'Äntwert vum zustännegen Familljeminister sech dann hoffentlech mat eisen Ausféierungen deckt. Vlächet kënne si méi Informatiounen zum aktuelle Projet de loi bezüglech dem Fonds National de Solidarité matdeelen.

Firwat de Präis fir d'Nidderkuerer Bewunner elo esou signifikativ erop-

geleescht bleift, ass d'Finanzement restant assuréiert für alle.

Il précise que le déménagement des 150 résidents et 140 membres du personnel s'est déroulé il y a exactement une semaine et s'est dans l'ensemble bien passé.

Concernant l'utilisation future du site, la commune souhaitait le reprendre, notamment pour des projets de logement, mais Servior a décidé de le conserver pour le rénover et y développer de nouvelles activités. La commune a demandé l'implantation d'un foyer de jour pour personnes âgées, service manquant à Differdange. Le site proposera également un projet pilote de lits de vacances pour les convalescents et servira de centre de formation avec hébergement pour le personnel venant de loin.

Jerry Hartung aborde les questions financières. Il affirme que, même si les prix dépassent le plafond actuel du FNS (Fonds national de solidarité), cela ne pose aucun problème pour les résidents actuels ou nouveaux, car Servior s'engage à prendre en charge la différence.

Il soulève néanmoins plusieurs interrogations concernant cette différence de prix. Il explique que Servior est un établissement public, qui doit autofinancer toutes ses dépenses. Bien que l'État ait des engagements légaux envers Servior, l'institution ne reçoit aucune subvention pour son exploitation. Il précise que le problème réside dans l'augmentation des services de confort, tant au niveau matériel qu'au niveau du personnel.

Il fait remarquer que le plafond du FNS reste identique depuis 1999 et ne correspond plus à la réalité actuelle. Selon lui, ce plafond devrait être adapté à la réalité, et un projet de loi correspondant est en cours d'élaboration. Il mentionne qu'une question parlementaire concernant Servior Niederkorn a été posée à la Chambre, et il espère que la réponse du ministre de la Famille compétent correspondra à leurs explications.

Concernant l'augmentation significative des prix pour les résidents de Niederkorn, il explique que le site, les bâtiments et les chambres ne correspondent plus aux attentes actuelles des personnes âgées. Il

## 9. Questions

*précise que Niederkorn possédait 62 chambres de 15 m<sup>2</sup>, avec un seul lavabo, les douches et toilettes se trouvant à l'étage. Il y avait également 32 chambres de vingt mètres carrés avec lavabo et toilettes, mais sans douche, nécessitant l'utilisation de douches communes. Seules soixante chambres disposaient de sanitaires complets sur 23 m<sup>2</sup>.*

*En comparaison, il indique que, à Käerjeng, ils ont désormais 201 chambres individuelles, chacune équipée de toilettes complètes, ainsi que de 27 m<sup>2</sup> d'espace privé. De nouvelles prestations sont incluses dans le prix, qui n'étaient pas disponibles à Niederkorn, comme le Wifi, une télévision et un réfrigérateur dans la chambre.*

*Il insiste sur l'importance de discuter du prix et des possibilités de financement, mais également sur la nécessité d'un hébergement adapté et digne pour les personnes âgées. Il réaffirme que cela reste accessible à tous. Il ajoute que la nouvelle infrastructure est deux fois plus grande qu'à Niederkorn, avec plus de technologie et des équipements modernes, comme les ascenseurs, représentant une augmentation de 100 % de l'entretien et de 30 % du nombre de lits.*

*Il mentionne que 37 résidents de Niederkorn sont actuellement bénéficiaires du FNS. Au niveau national, Servior accueille 40 % de tous les bénéficiaires du FNS, alors qu'ils ne gèrent que 25 % des lits au Luxembourg, démontrant leur engagement social disproportionné envers les personnes âgées.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *aborde la question du marché de Noël, particulièrement le weekend où le Tipi Revival s'est tenu dans le parc Gerlache. Il rapporte que plusieurs remarques leur ont été transmises, notamment concernant l'application de prix différents pour la nourriture et les boissons dans le parc par rapport à ceux prévus pour le marché de Noël.*

*Il mentionne également l'utilisation de chauffages au gaz, interdite sur le reste du marché de Noël.*

*Il considère que ces éléments créent des discussions et du mécontentement parmi les commerçants, et*

*goung, do muss ee bedenken, datt den Nidderkuerer Site respektiv d'Gebai oder d'Zëmmeren net méi grad der haiteger Zäit entsprechen, wat d'Leit sech erwaarden – also net erwaarden, mee wat soll de Leit zur Verfügung gestallt ginn am Alter. Zu Nidderkuer waren 62 Kummere vu 15 Quadratmeter mat just engem Lavabo. D'Toilette an d'Dusch waren zesummen um Stack.*

*Dann hate se 32 Zëmmeren vun 20 Quadratmeter, do war zwar ee Lavabo an eng Toilette am Zëmmer, awer nach ëmmer ouni Dusch. Wou se dann eeben nach ëmmer Gemeinschaftsduschen hatten. Just 60 Zëmmeren hatten dee ganze Sanitär dran op enger Gesamtgréisst vun 23 Quadratmeter.*

*Zu Käerjeng hu se elo 201 Zëmmeren, an do huet jiddweree säin eegene komplette Sanitär integréiert an insgesamt 27 Quadratmeter Privatsphär. Nei Prestatiounen sinn am Präis enthalen, déi zu Nidderkuer net dra waren, wéi: WLAN, ee Fernsee oder och ee Frigo um Zëmmer.*

*Et ass effektiv wichteg, iwwer de Präis respektiv d'Méiglechkeet fir jiddweree vum Finanzement vun enger Plaz an esou enger Struktur ze schwätzen, mee et ass och wichteg, datt d'Ënnerbréngung altersgerecht a wierdeg ass. Wéi gesot, et bleift fir jiddereen accessibel.*

*Des Weideren hält de Confort jo net nëmmen a sengen eegene véier Wänn op. Déi ganz nei Infrastruktur ass duebel esou grouss wéi zu Nidderkuer. An do ass méi Technik a si méi modern Gegebenheeten dran. Ech denken do beispillsweis un d'Lifter. Ass u sech ee Plus vun 100 % vum Ënnerhalt an ee Plus vun 30 % un der Unzuel vu Better.*

*Ausserdeem hätt och de Präis vun Nidderkuer missen ugepasst ginn, well vum 1. Januar u gëllt jo och een neie Kollektivvertrag fir de konventionéierte soziale Sektuer an och de Mindestloun gouf ugepasst. Huet elo net direkt eppes mat hinnen ze dinn, awer indirekt schonn, well d'Fournisseure jo dann och hir Präisser erhéijen.*

*D'Fro, firwat si méi deier si wéi anerer. Fir d'Präisser tëscht de Structures d'hébergement ze vergläichen, muss een och kucken, wat dran enthalen ass. An den Internetsite, deen dës Präisser uweist,*

*weist jo just dee bëllegsten Tarif an all Struktur un, dat heescht déi niddregst Offer. An och an deenen Haiser ginn d'Präisser deemtspriechend erop. Dofir kann een net einfach generell soen, datt si elo déi deierst Zëmmeren hunn.*

*Prinzipiell muss een deemno kucken, wat d'Prestatioun fir de Bewunner ass. Ech mengen, beim Wiessel vun Nidderkuer op Käerjeng ass eleng vum eegenen Zëmmer een Ënnerschied vun Dag an Nuecht. An esou ass et och vun Heem zu Heem anescht.*

*Da gi bei deenen engen Haiser verschidde Prestatiounen separat zousätzlech verrechent, déi hei elo am Basispräis enthalen sinn.*

*An där neier Struktur zu Käerjeng, do muss een och dann ënnersträichen, do sinn déi 201 Zëmmeren all vergläichbar an op engem héije Standard. Soudatt si effektiv just ee Präis hunn an net, wéi anerer, eebe verschidde Präisser. Dat ass jo u sech eng positiv Saach, well dann huet jiddereen, onofhängeg vu senger finanzieller Méiglechkeet, genee dee selwechte Confort.*

*D'Fro, wéi vill Bewunner vun Nidderkuer aktuell Beneficiaire vum FNS sinn. Dat sinn der 37. Um nationalen Niveau wunne bei Servior 40 % vun allen FNS-Beneficiairen, woubäi Servior, wat d'Better ugeet, awer just 25 % hei zu Lëtzebuerg bedreiwen. Dat heescht si hunn iwwerproportional vill Beneficiairen, wat jo dann och fir hiert soziaalt Engagement vun deenen eelere Matmenschen schwätzt.*

*Als Gemeng kucke mer ëmmer, an engem gudden Austausch mat Servior ze sinn. Hei, wéi fir aner Prestatiounen vun hinnen, setze mir op den Dialog, fir eebe Schwierigkeeten preventiv ze vermeiden. Hei krut Dir d'Erklärungen, datt d'Finanzement fir all d'Leit asuréiert ass.*

*Ënner anerem schafft och eise Service Senior Plus enk mat hinnen zesummen, och fir d'Aktivitéiten. Dir wësst, datt do ëmmer jiddweree wëllkomm ass. Do gëtt net no de finanzieller Ressourcë gekuckt.*

*An deem Kontext muss een dann awer och d'Amicale vun deenen Haiser*



# 9. Questions

uschwätzen, well déi spillen och eng ganz wichteg Roll. Dohier versiche mer, déi och beschtméiglech ëmmer ze ënnerstëtzen. Well och si, zousätzlech zu den Aktivitéiten am Haus, der Animation, och eege Saache proposéieren, och Suen erwirtschaften, déi nees heirafleissen. An och do gi mol déi eng oder déi aner finanziell Mëttele benotzt, fir Leit ze hëllefen, wou et néideg ass.

Dofir ware mer eeben och frou, Nidderkuer huet jo eng Amicale, datt sech och um Woiwer virun zwee Joer eng Amicale gegrënnt huet, fir dës wäertvoll Aarbecht ze schëlleren.

Ofschléissend nach ze ernimmen, datt och Servior vill kommunizéiert huet, och intern. Well si hunn eis ugin, datt se nieft den eenzelen Entrevuen och de 4. a 5. November 24 Informatiounsowenter haten, net nëmmen zum neie Confort, mee do hu si eis gesot, datt si och zu den entspriechende Präisser kommunizéiert hunn a si déi Differenz vum FNS géifen decken. An den 11. November goufe begleeten Touren um neie Site organiséiert.

Ech hoffen ech konnt elo op all d'Froen eng Äntwert ginn, haaptsächlech, wéi et mam Nidderkuerer Site weidergeet an eeben, datt fir all Awunner gutt gesuert ass. Wann natierlech elo awer Härtefäll sinn, ech denken, da kënne se sech gären och un eis Servicer oder un eis direkt wenden. Da kucke mir, do den Intermediaire ze maachen. Mee déi Informatiounen, déi mir elo kruten, dat ass, datt u sech alles gutt wier. Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Géif ech d'Wuert ginn un d'Kollegen/d'Vertrieder vun der Demokratescher Partei, déi eis och eng Fro eraginn hunn, fir eis déi virzedroen.

---

## **FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, et geet em de Chrëschtmaart, méi speziell em de Weekend, wou am Parc Gerlache de sougenannten Tipi Revival stattfonnt huet. Eng Partie Remarque sinn un eis erugedroe ginn,

zum Beispill, dass am Park aner Präisser fir Essen a Gedrénks ugewannt goufen, wéi déi, déi fir de Chrëschtmaart eigentlech virgesi waren. An et goufen och Gasheizung benotzt, wat um Rescht vum Chrëschtmaart ënnersot war. Dat si Saachen, déi suergen ënner den Händler fir Diskussiounen a schlecht Blut. Interessant Stänn hu mer jo sécherlech net ze vill. Esou Saache sinn eventuell fir déi nächst – hoffentlech nächst – Editiounen, ze vermeiden.

Zu de konkrete Froen. Fir de Projet am Park, wat mer komplett ënnerstëtzen, ass jo e konsequente Budget no uewen ugepasst ginn. Am Kader vun eiser Kontrollfunktoun hei am Gemengerot dränge sech do eng Rei Froen op, déi am Raum stinn a wou mer gäre Kloeerheet hätten.

Dofir hu mer ee finanzielle Bilan fir de Projet Tipi Revival mat alle Recetten an Depensé gefrot. Wat gouf ausgi fir déi eenzel Installatiounen, Prestatiounen, fir d'Promotioun an esou weider? Wat ass erakomm, Standgeld, Sponsoring an aner Gelder?

Dat de Resümmee vun de Froen, déi kuerzfristeg nach erakomm sinn. Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Froen. Den Här Wagner, wannechgelift.

---

## **SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech muss schonns soen, dass ech e bëssen erstaunt sinn iwwer dës Fro, virun allem erstaunt, dass se grad vun der DP kënnt. Zemools d'DP esou gutt wéi mir als LSAP gären hätten, dass erëm nees méi a Festivitéiten investéiert gëtt. Eeben esou, wéi d'DP et selwer gemaach huet, gutt gemaach huet an deenen Zäiten, wou se de Buergermeeschter gestallt hunn.

Och huet d'DP hei am Gemengerot an de Budgetsdebatten ëmmer nees gesot, dass de Chrëschtmaart méi en valeur gesat misst ginn. Jo, richteg. Mir hunn et dës Kéier mat bescheidene Mëttele

suggère d'éviter ces situations pour les prochaines éditions.

François Meisch aborde des questions concrètes concernant le projet dans le parc, que son groupe soutient entièrement. Il constate qu'un budget conséquent a été adapté à la hausse pour ce projet. Dans le cadre de leur fonction de contrôle au conseil communal, plusieurs questions se posent et nécessitent des éclaircissements. Il demande donc un bilan financier complet du projet Tipi Revival comprenant toutes les recettes et dépenses. Il souhaite connaître les montants dépensés pour les différentes installations, prestations et promotion, ainsi que les recettes perçues incluant les droits de place, le parrainage et autres revenus.

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** est surpris par la question de son collègue du DP. Il rappelle que le DP souhaite autant que le LSAP qu'on investisse davantage dans les festivités, comme le parti le faisait lui-même lorsqu'il dirigeait la commune.

Le DP a également souligné lors des débats budgétaires que le marché de Noël devait être mieux mis en valeur. L'équipe actuelle a tenté de le faire avec des moyens modestes pour éviter de dépenser l'argent à tort et à travers.

Un tipi a été installé pour un week-end. Revival désigne le tipi, mais aussi l'igloo ou la piste de ski et le toboggan. Les animations dans le parc étaient déjà organisées par l'ancien bourgmestre du DP. En réponse directe à la question, il souligne que, contrairement aux célébrations passées, aucune rénovation du gazon n'a été nécessaire cette année, grâce au maintien impeccable de l'herbe. Cela contraste fortement avec la situation il y a une décennie, qui avait exigé un complet renouvellement des surfaces.

Le tipi installé pour un weekend constitue un franc succès et a également servi pour le premier forum citoyen, qui était bien fréquenté. La restauration a été confiée à un restaurateur qui n'était pas souvent sollicité par la commune, contrairement à d'autres restaurants ou boucheries pour les réceptions, fêtes du

# 9. Questions

*personnel ou galas sportifs. Deux restaurateurs ont été contactés et un seul retenu. Aucun droit de place n'a été demandé puisqu'ils n'étaient présents qu'un weekend et ont aidé pour le forum citoyen.*

*La présence d'un commerce dans le tipi n'est pas nouvelle; c'était déjà le cas auparavant, comme sur le marché de Noël en général, où l'on trouve non seulement des associations, mais aussi un chalet suisse et d'autres stands alimentaires exploités par des restaurateurs, qui fixent leurs prix. Les prix étaient d'ailleurs plus élevés dans le tipi, ce qui favorisait les associations proposant des tarifs plus bas.*

*Les associations présentes sur le marché de Noël bénéficient d'animations à proximité et la commune investit beaucoup pour que l'emplacement principal puisse être bien exploité par ces associations œuvrant pour de bonnes causes. En 2024, elles ont tenu leur stand quatre weekends contre trois en 2023, l'un d'eux étant le tipi, moyen de rendre le marché de Noël plus attractif face à la concurrence d'Esch-sur-Alzette et Dudelange.*

*Thierry Wagner souligne que tout a été présenté de manière transparente à la Commission des festivités, où le DP est bien représenté.*

*Concernant le bilan demandé, le budget initial pour l'ensemble du marché de Noël était de 110 000 €, porté à 135 000 € dans le rectificatif pour le tipi. Environ 40 000 € ont été dépensés pour le tipi, dont 5 300 € d'articles de décoration réutilisables en 2025. Les détails incluent 7 200 € pour la location, 4 300 € pour le plancher nécessaire au forum citoyen, 12 000 € pour la technique, la sécurité et les toilettes, 3 700 € de publicité supplémentaire, 2 000 € de décoration non réutilisable, 1 000 € de chauffage pour tous les stands et 5 780 € pour l'animation.*

*Thierry Wagner compare ces coûts aux 230 000 € du marché de Noël 2011, soit plus du double en tenant compte de l'inflation. Il précise qu'il ne critique pas, car ce marché était très réussi. Il reste disponible pour d'autres questions.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** remercie le collègue échevin pour les réponses

versicht, fir net direkt d'Sue mat der Géisskan auszeginn.

Mir hunn ee Weekend een Tipi installéiert. Revival steet jo fir Tipi oder och den Iglu oder Schipist a Rutschban. Animatiounen am Park ware jo, wéi gesot, vun der DP – Buergermeeschter deemools –, gedroe ginn.

Fir op eng Fro direkt ze äntwerten: Et huet net missen am Park no de Festivitéite geschafft ginn, de Wues war intakt. Net wéi virun zéng Joer, do huet missen alles ersat ginn.

Wéi gesot, hu mer den Tipi fir ee Weekend installéiert. Éischtens kënn en un! Et war ee vollen Erfolleg, respektiv hu mer e jo och genotzt fir den éischte Biergerforum, deem och gutt besicht war.

De Catering hate mer ganz engem Restaurateur ginn, ee Restaurateur, deem an der Vergaangenheet net oft gefrot ginn ass vun der Gemeng wéi aner Restaurants oder Metzlerereien, sief dat fir Receptiounen, Personalfeieren oder Gala-sportiffen. Mir haten der zwéi gefrot, mir hunn eis fir een entscheet.

Standgeld hu mer hinne net gefrot, vu dass se just ee Weekend am Asaz waren an eis och beim Biergerforum gehollef hunn.

Dass ee Commerce am Tipi oder Iglu war, ass jo och näischt Neits. Dat war deemools och esou. An dat ass och um Chrëschtmaart allgemeng esou, well do si jo net just Veräiner, mee och ee Schwäizer Chalet an aner Iessstänn, déi gi vu Restaurateuren exploitéiert. An déi setzen hir Präisser och fest. Respektiv ware se am Fong am Tipi méi deier, wat jo eigentlech fir eis Veräiner, déi méi bëlleg waren, am Fong besser gewiescht wier.

Eis Veräiner sinn och um Chrëschtmaart, wéi gesot, wou een och ganz no bei der Animatioun ass, respektiv, wou d'Gemeng och vill investéiert, fir dass déi Hauptplaz gutt ka vun deem Veräin genotzt ginn. Ee Veräin, deem dëst fir ee gudden Zweck mécht, an dat soll een dann och ënnerstëtzen. Mee mir hunn awer och vill Veräiner, déi och gutt fir sech a fir hir Leit schaffen an also och fir ee gudden Zweck.

2024 hate se véier Weekender de Stand op an net just dräi wéi am Joer 2023. Ee vun deene véier war dann och den Tipi, wéi gesot, och ee Moyer, fir eise Chrëschtmaart nach méi attraktiv nees ze maachen.

Wuel wëssend, dass mer ëmmer punkto Attraktivitéit viru Mäert wéi Esch an Diddeleng waren, wat awer net méi esou ass, Stand haut. An, wéi gesot, mir versichen dat nees opzeliewen.

Alles, wat ech elo gesot hunn, gouf vum Chrëschtmaart ganz transparent an der Festivitéitskommissioun virgestallt. An do sidd Der jo och ganz gutt vertrauden als Demokratesch Partei.

Komme mer elo zum Bilan, deem Der gefrot hutt. De Budget initial fir dee ganze Chrëschtmaart war 110.000 Euro. Am Rectifié hate mer e fir den Tipi op 135.000 Euro eropgesat, wat awer zimmlech enk gerechent war. Mee mir bleiwen trotzdeem do am Soll.

Fir den Tipi allgemeng hu mer ëm 40.000 Euro ausginn. Do sinn awer 5.300 Euro dran, déi mer och 2025 nach kënnen notzen, haaptsächlech sinn dat Dekoratiounsartikelen.

Fir d'Lokatioun vum Tipi hu mer 7.200 Euro bezuelt. Fir den hëlzene Buedem am Tipi, deem néideg war fir de Biergerforum, nach 4.300 Euro dobäi.

Fir Technik, Security a WC 12.000 Euro. Fir extra Pub fir den Tipi Revival hu mer 3.700 Euro ausginn. Wat och relativ bëlleg war.

Fir Deko, déi mer just eemol notze konnten, nach eng Kéier 2.000 Euro.

A wéi een de Park gesinn huet, dat war richteg flott. Do si mer der Meenung, dass mer punkto Chrëschtbelichtung allgemeng an der Gemeng nees musse méi investéieren.

Fir Chauffage, wéi gesot, wat mer fir all Personal an de Chaleten oder de Kënschtler op der Bün vum Chrëschtmaart assuréieren, kommen 1.000 Euro dobäi. Dat heescht, dat ass net nëmme fir den Tipi, mee an all Stand ass eng Heizung.

Fir d'Animatioun déi dräi Deeg, also zwou Soiréeën plus Kannerparty sonn-

# 9. Questions

des nomëttes – de Biergerforum huet jo näischt esou gebraucht, ausser dass mer de Leit ee Brunch offréiert hunn –, also fir den DJ an d'Live Band hu mer 5.780 Euro ausginn.

Beim Sponsoring ass et esou, dass mer do verschidde Partner hunn, wou direkt kee Geld fléisst, respektiv Standgelder, mee dat ass fir dee ganze Chrëschtmaart an net fir den Tipi, wat gefrot ginn ass.

Den Detail vum Bilan Tipi Revival kann ech Iech och ginn. Mee vu dass d'Fro relativ spéit komm ass, konnte mer Iech dat elo net direkt schécken.

Esou, ënner dem Stréch, hu mer en Invest an eise Chrëschtmaart gemaach, wou awer nach iwwerschaubar ass. Dat ass net ze vergläiche mat de Käsche fir de Chrëschtmaart 2011. Do louche mer bei ëm déi 230.000 Euro. A wa mer d'Präisdeierecht, no all deene Joren, nach dobäi fletschen, da wäre mer gutt a gären, deemools, bei méi wéi dem duebele Montant vun haut.

Wéi gesot, dat ass keng Kritik, well mer, éierlech gesot, de Chrëschtmaart vun deemools ganz gutt fonnt hunn.

Fir weider Froe stinn ech gären zur Verfügung.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Ech hat virdru vergiess, den Här Diderich ze froen, ob seng Froen domadder beäntwert wieren, mam Här Hartung senger Stellungnam. Mee ech hunn Iech e puermol gekuckt, an du war Der amgaangen, schonn déi nächst Fro ze preparéieren. Dofir wollt ech Iech do net stéieren.

Här Meisch, wéi stitt Dir zu deenen Äntwerten do vum Här Wagner? Hutt Der nach eng Stellungnam ze maachen oder waart Der of, wat Iech nach zougeschéckt gëtt?

---

## **FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Nee. Merci fir déi Äntwerten. Et ass dat, wat mer eis plus/minus erwaart hunn. Mir hunn eebe just gehofft, datt dat alles richteg an transparent ofgelaf

ass. Mir wäre frou, dat Dokument nach ze kréien, datt mer dat dann och kënnen eise Kommittee weiderleeden, respektiv deene Leit, déi eis déi Froe zoukomme gelooss hunn. Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Cillien, wannechgelift.

---

## **ERIC CILLIEN (DP):**

Ech wéilt just nach gären ergänzen. Ech wëll net falsch verstane ginn, mir wëllen net falsch verstane ginn: Mir hunn näischt dogéint, wann ee Commerçant de Catering iwwerhëlt. Also absolut net. Mir si fir d'Beliewe vun eise Commercen a mir sinn natierlech dofir, datt jiddwereen déi Méiglechkeet kritt, fir an deem Kader, Servicer offréieren ze kënnen. Also dat war net dat, wat aus der Fro erausgaangen ass. Well et e bëssen esou duergestallt ginn ass, wéi wa mir do e Virwurf géife maachen, datt dat net un d'Veräiner gaange wier. Dat steet esou net an der Fro dran. Merci.

---

## **SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Ech hunn dat notéiert. Meng Informatiounen sinn zwar anerer, mee ech hunn et notéiert. An der Questioun stoung et net esou.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Da kéime mer zu deene Froen, déi mëndlech ugemellt gi sinn. Da géif ech d'Wuert un den Här Aguiar weiderginn, wannechgelift.

---

## **PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci pour la parole. Notre question va dans le même sens. On ne veut pas vous étonner, Monsieur Wagner, mais, effectivement, ça concerne le marché de Noël. Je vais quand même lire une partie. Vous avez déjà pris position concernant une partie.

Le marché de Noël de Differdange, reconnu comme le plus ancien au Grand-Duché depuis sa création en 1977

*reçues et indique qu'elles correspondent plus ou moins à ce que son groupe attendait. Il exprime cependant l'espoir que tout se déroule de manière correcte et transparente. Il demande à recevoir le document mentionné afin de pouvoir le transmettre à son comité ainsi qu'aux personnes qui leur ont fait parvenir ces questions.*

---

**ERIC CILLIEN (DP)** souhaite apporter des précisions pour éviter tout malentendu. Il tient à clarifier que son parti n'a rien contre le fait qu'un commerçant prenne en charge le « catering ». Au contraire, ils soutiennent les commerces locaux et sont favorables à ce que chacun ait l'opportunité d'offrir des services dans ce cadre. Il précise que ce n'était pas l'objet de leur question et qu'il ne voulait pas que leur intervention soit interprétée comme un reproche sur le fait que cela n'ait pas été proposé aux associations, car ce n'est pas ce qui figurait dans leur question.

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** prend note de ces remarques tout en indiquant que ses informations sont différentes. Il souligne que ce n'était effectivement pas formulé ainsi dans la question.

---

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** explique que sa question va dans le même sens et concerne également le marché de Noël. Il rappelle que le marché de Noël de Differdange est reconnu comme le plus ancien du Grand-Duché depuis sa création en 1977. Il s'est tenu du 29 novembre au 22 décembre sur la place du Marché et au parc Gerlache. Il cite le journal « Le Quotidien », qui rapporte que, malgré l'ambiance chaleureuse et les nombreuses attractions, plusieurs commerçants ont constaté une baisse de fréquentation ces dernières années. Cette diminution pourrait être due à divers facteurs, comme la conjoncture économique, les difficultés de stationnement en centre-ville, la météo ou le concept même. Cette édition présentait une nouveauté avec l'installation d'un tipi au parc Gerlache, ce qui est original, mais soulève des questions. Il a été rapporté que des prix différents



# 9. Questions

*ont été imposés selon les lieux : les associations et commerçants sur la place du Marché se sont vu imposer une liste de prix, tandis qu'ailleurs d'autres tarifs ont été appliqués pour les boissons et la nourriture. Il demande des informations sur cette nouvelle liste de prix et suggère qu'elle devrait être réglementée dans le cadre des différentes manifestations communales, d'autant qu'elle fait partie des recettes ordinaires de l'évènement.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** constate qu'il a déjà répondu à la plupart des questions. Concernant les prix, il confirme que c'est réglementé pour toutes les organisations, où les associations vendent des produits. Cependant, avec les restaurateurs, la commune ne peut pas fixer les prix de toutes les denrées alimentaires, qui ne figurent pas dans leur règlement. Il reconnaît qu'on ne peut pas établir cela de manière forfaitaire, mais qu'ils essaient d'être sur la même longueur d'onde. Il ne voit pas en quoi cela créerait une concurrence déloyale pour les autres.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** remarque que les questions du DP n'étaient pas disponibles sur le nuage. Elle note que, normalement, un courriel arrive le mardi en fin d'après-midi ou en soirée avec les règlements ajoutés, qui sont maintenant dans le nuage, mais pas les questions du DP. Elle regrette cette situation, car cela permettrait une meilleure préparation. Elle suppose qu'il s'agit d'une erreur administrative.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** ajoute que les changements des commissions manquent également.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** reconnaît qu'il s'agit de deux erreurs du secrétariat et présente ses excuses, précisant que ce n'était pas intentionnel. Il excuse le secrétaire communal Henri Krecké, qui prépare une opération.

Guy Altmeisch reconnaît que la situation aurait été simplifiée s'ils avaient eu la motion du DP, ce qui leur aurait évité de faire une double analyse. Il affirme qu'on apprend

— une très bonne année d'ailleurs —, aura lieu cette année du 29 novembre au 22 décembre sur la place du Marché et au parc Gerlache.

D'après le journal Le Quotidien, et je cite : « Malgré son ambiance chaleureuse et ses nombreuses attractions, plusieurs commerçants ont fait part d'une baisse de fréquentation ces dernières années. Et cette diminution pourrait être due à divers facteurs, notamment la conjoncture économique, les difficultés de stationnement en centre-ville, la météo ou le concept. »

Cette édition est également marquée par une nouveauté : l'installation du tipi au parc Gerlache. Je pense que nous sommes tous d'accord que c'est original, mais que cela soulève quelques questions. À certaines questions, vous avez répondu. Mais il nous a également été rapporté qu'il y avait différents prix imposés aux personnes qui allaient dans le tipi. Par exemple, les associations et les commerçants qui étaient sur la place du marché, se voyaient imposer une liste de prix et à d'autres endroits, on imposait un autre prix de boissons respectivement de nourritures.

Pour terminer, pourriez-vous nous informer de cette nouvelle liste de prix ? Aujourd'hui, on se pose la question : est-ce que cette liste de prix ne devrait pas être réglementée ? À savoir que, dans le cadre de différentes manifestations de la commune, on impose cette liste de prix. Ça fait partie également des recettes ordinaires de cet évènement. Et vu que ça fait partie de recettes ordinaires, logiquement, ça devrait être réglementé.

C'était tout de notre côté. Ech soen lech villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Wagner nach eng Kéier, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Op déi meescht Froen hunn ech geäntwert. Déi Fro elo mat de Präisser, dat ass reglementéiert fir all eis Organisa-

tiounen, wou eis Veräiner Saache verkafen, respektiv musse sech un déi Präisser halen. Dat ass jo ganz kloer.

Op där anerer Säit hu mer et mat Restaurateuren ze dinn, wou mer jo d'Präisser net festleeë kënnen, wéi verschidden Iesswueren, déi mer net an eise Reglement stoen hunn. Dat kann ee jo elo net pauschal einfach esou festhalen.

Natierlech versiche mer, dass mer do op enger Wellelängt sinn. Wann et op enger Plaz méi deier oder méi bëlle ass, muss ee kucken, dass dat net méi virkënnt. Ech gesinn do awer elo net, dass anerer dofir eng Concurrence déloyale gehat hätten. Gesinn ech net an.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Ech géif d'Wuert der Madamm Pregno gi fir hir Fro, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Ech wollt just, ier ech meng Fro stellen, bemierken, dass déi Froe vun der DP net op der Cloud waren. Normalerweis kënnt dëschdes, am spéiden Nomëtten oder owes nach, ee Mail mat Reglementer, déi bäikommen. Déi sinn zwar elo an der Cloud, dat hunn ech de Moie gesinn, mee d'Froe vun der DP net. Wat schued ass, well et kéint ee sech besser drop virbereede respektiv d'Oueren ophalen. Ech huelen un, et ass ee Mëssel an der Administratioun geschitt. Ass net weider schlëmm. Mee vläicht d'nächste Kéier drop oppassen.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Mee och d'Changementer vun de Kommissiounen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, déi sinn och net dran.

# 9. Questions

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat ass am Fong geholl zweemol e Feeler hei vum Sekretariat. Dat deet mer elo leed, dat ass net mat Absicht geschitt. Ech muss do den Heng dann e bëssen entschëllegen, well en ass amgaangen, seng Operatioun virzebereeden.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Gitt emol a mäi Büro kucken!

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee. Voilà, et ass just méi flott, fir sech ze preparéieren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee, et ass ee Feeler, Dir hutt ganz Recht. Et hätt eis och d'Saach vereinfacht, wann Der d'Motioun vun der DP gehat hätt, dann hätte mer keng esou eng duebel Analys misse maachen. Mee aus Feeler léiert een. A mir wäerte kucken, dass et d'nächste Kéier éischter op d'Cloud kënnt.

Zu der Ännerung an de Kommissioun vun der Sozialistescher Partei, ech weess, dass déi e Méindeg eréischt ënnerschiwwig gi sinn, an heiansdo ass de Courier parteiintern net esou séier, wéi mer eis dat virstellen. Mee mir kucken, dass mer dat méi rezent op d'Cloud kréien. Do hutt Der Recht.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Jo, oder einfach duerno drop setzen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci dann emol fir dat.

Wat meng Froen ugeet, déi ginn an de Beräich vum Design for All, wou Ufank

Januar, den 8., mengen ech, eng Soirée d'information am Ale Stadhaus war, wou drop agaange ginn ass, awéiwäit ee sech soll fir eng Accessibilitéit engagéieren.

An deem Kader hätt ech zwou Froen. Engersäits déi éischt, déi ass schonn en long et en large op de Soziale Medien diskutéiert ginn. Dat wär den Ëmweltkalenner, deen dëst Joer an enger neier Form erauskomm ass. Ech weess, dass et eng Form ass, déi a méi Gemenge verdeelt ginn ass a fir Déifferdeng nach eng Kéier zougeschneidert gouf, well jo aner Gemengen net esou vill Tournéeën onbedéngt maachen, wéi Déifferdeng dat mécht.

Ech weess, dass et aner Joren ëmmer ganz vill Aarbecht war, deen Déifferdenger Ëmweltkalenner opzesetzen. Ech weess awer och, dass dee bei der Bevëlkerung ëmmer relativ gutt ukomm ass, well e flott an der Opmaachung war an och ee ganzen Deel e bëssen esou méi edukativ an informativ Informatiounen beinhalt hat.

Normalerweis ersetzt een eppes fir eppes Besseres. Dat ass elo an eisen Aen hei net esou gelongen, well mer hei wierklech ee Problem hunn, wat d'Lieserlechkeet ugeet a wat d'Faarwen ugeet. Well, wann een net gutt gesäit, kann een et ganz schlecht liesen. Dat trëfft op vill Leit an eiser Bevëlkerung zou. Ech wëll dat guer net op méi eeler Leit begrenzen. Genau esou, wat d'Faarwelisibilitéit ugeet. Well wann ee faarweblann ass, da kënnt do alles a Gro eraus.

Ech hunn ëfters gelies op Facebook, dass ee jo da vläicht op d'Diff-App kéint verweisen, fir do ze kucken, wéini d'Decheten ofgeholl ginn. Bon, ech muss awer dann elo soen, dass, op d'mannst een Deel vun der Bevëlkerung, déi virdru mam Ëmweltkalenner funktionéiert huet, sécherlech net déi sinn, déi elo op d'Diff-App zrëckgräifen.

Mir wollte froen, ob eppes virgesinn ass, fir do ze remediéieren, respektiv wéi et ausgesäit fir dat nächst Joer.

A mir wollten och froen, wéi et zu deem Mëssel komm ass. Well ech denken, dass et iergendwou ee Mëssel ass. Ob do net eng Publikatioun misst iw-

de ses erreurs et qu'ils veilleront à ce que les documents soient mis sur le nuage plus tôt la prochaine fois. Concernant les changements dans les commissions du Parti socialiste, il explique qu'ils n'ont été signés que lundi et que parfois le courrier interne au parti n'est pas aussi rapide qu'ils le souhaiteraient. Il promet de faire en sorte que ces informations soient mises à jour plus rapidement sur le nuage.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** suggère simplement de les ajouter après coup.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** reconnaît qu'elle a raison.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** remercie le bourgmestre pour ces clarifications et aborde ses questions, qui concernent le domaine du « Design for All ». Elle rappelle qu'une soirée d'information a eu lieu début janvier, le 8, à l'ancien hôtel de ville, sur l'engagement en faveur de l'accessibilité. Dans ce contexte, elle pose deux questions.

La première concerne le calendrier des déchets, qui est sorti cette année sous une nouvelle forme. Elle sait qu'il s'agit d'un format distribué dans plusieurs communes et adapté pour Differdange, qui organise plus de tournées de collecte que d'autres communes. Elle reconnaît que les années précédentes, la création du calendrier des déchets de Differdange représentait beaucoup de travail, mais souligne qu'il était toujours bien accueilli par la population, car il était attrayant dans sa présentation et contenait des informations éducatives.

Normalement, on remplace quelque chose par quelque chose de mieux, mais elle estime que ce n'est pas le cas ici, car il y a un réel problème de lisibilité et de couleurs. Les personnes qui ne voient pas bien ont beaucoup de mal à le lire, ce qui concerne une grande partie de la population, pas seulement les personnes âgées. Pour les personnes daltoniennes, tout apparaît en gris. Elle mentionne avoir lu sur Facebook qu'on pourrait renvoyer à la DiffApp pour vérifier les dates de collecte des déchets, mais elle doute que la partie de la population qui

# 9. Questions

*utilisait l'ancien calendrier se tourne vers l'application.*

*Elle demande si quelque chose est prévu pour remédier à cette situation et comment cela se présente pour l'année prochaine. Elle veut également savoir comment cette erreur s'est produite et si les publications ne devraient pas être vérifiées avant leur sortie pour s'assurer qu'elles respectent les principes du « Design for All ».*

*Sa deuxième question concerne la salle de jeunesse de Lasauvage, située au premier étage. Elle s'interroge sur l'accessibilité garantie pour les personnes à mobilité réduite, car une maison des jeunes doit être accessible à tous. Elle sait que chaque maison des jeunes doit prévoir une accessibilité pour les jeunes à mobilité réduite et souhaite s'assurer de la façon dont cela est géré.*

*Elle reconnaît que plusieurs bâtiments communaux ne sont pas toujours accessibles et qu'il existe des lacunes accumulées au fil des années, mais souligne que, dans un nouveau projet, toutes ces contraintes devraient pouvoir être prises en compte dès le départ.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** remercie madame Pregno pour les questions et donne la parole à madame Charlé pour répondre à la première partie, indiquant qu'il répondra lui-même à la deuxième partie concernant Lasauvage.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** répond concernant le calendrier des déchets. Elle explique qu'ils ne voulaient pas nécessairement innover par rapport aux calendriers précédents, qui étaient appréciés. Elle précise qu'ils font partie du syndicat Sidor, qui propose un modèle de calendrier des déchets actuellement utilisé par 14 communes. Elle souligne que ce calendrier est financé à 100 % par le Sidor, ce qui représente 0 € de cout pour la commune, un point qu'ils ont trouvé intéressant.

Elle reconnaît qu'ils ont pris conscience après coup que le calendrier ne respecte peut-être pas les critères du « Design for All », ce qu'ils assument. À la suite des nombreuses discussions, ils ont beau-

werpréift ginn, ier se erausgeet. Ob se dann Design for All ass an do hipasst. Dat wär deen éischte Volet.

Deen zweete Volet Fro ass d'Zowaa-scher Jugendzëmmer – ech betounen Zëmmer, well vun engem Haus kënne mer jo net méi schwätzen, wat sech do um éischte Stack befënnt. Wéi ass do d'Accessibilitéit garantéiert, wann een net esou mobil ass. Well ee Jugendhaus soll u sech eng Plaz sinn, wou all Jonke kann eran. An ech weess, dass et an all Jugendhaus eng Accessibilitéit gëtt fir Jugendlecher à mobilité réduite. Mir wollten eis do vergewësseren, wéi dat do gehandhaabt gëtt.

Well, jo, mir wëssen, verschidde Gemengegebaier sinn net onbedéngt fir all Personne à mobilité réduite accessibel. An et ass immens schwierereg, et gëtt Lacunnen, déi iwwer d'Jore gewuess sinn. An awer si mer hei an engem neie Projet, a grad bei neie Projekte misst ee jo awer u sech dann all déi Constraintë vu virera kënne opgräifen an deementspreechend dann och evakuéieren.

Villmools merci fir d'Beantworten.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir d'Froen. Ech géif der Maddamm Charlé d'Wuert gi fir déi éischt Hallschent. An déi zweet Hallschent vu Lasauvage beäntweren ech Iech. Maddamm Charlé, wannechgelift.

---

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert a fir d'Fro zum Ëmweltkalenner.

Zum Ëmweltkalenner ass vläicht ze soen: Am Géigenzuch zu deene Kalennern, déi mer virdrun haten, wollte mir eis am Fong elo näischt onbedéngt Neies afale loossen. Dee vu virdu war och flott. Do hat am Fong elo och weider keen eppes dogéint.

Et ass eeben esou, dass mer zesumme jo an de Syndikater sinn, an dass mer do de SIDOR hunn, deen eng Virlag fir een Ëmweltkalenner huet, wou, mengen Informatiounen no, am Moment 14 Gemengen dese Kalenner notzen.

Wat och ze soen ass, dass deen zu 100 % vun der SIDOR finanziert gëtt. Dat heescht, dass mir null Euro u Käschten hei hunn. Dat war emol deen éischten Punkt, wou mer gesot hunn, okay, dat ass awer schonn interessant, wann een esou ee Kalenner zu 100 % finanziert ka kréien. Dat emol scho vläicht zu deenen Informatiounen.

Wat eis, effektiv, am Nachhinein bewosst ginn ass, wat den Design for All ugeet, dass dee Kalenner vläicht deene Virlagen net entsprécht. Dat geet da vläicht och op eis Kap. Mee mir hunn awer, wéi dann déi vill Diskussiounen waren, natierlech och mat eise Leit, déi dofir zoustänneg sinn, fir den Design for All, vill geschwat. A mir wäerten eng Demande un d'SIDOR maachen, fir deesen unzepassen.

Well dat ass jo net nëmme fir eis Gemeng. Ech mengen, et geet jo och dorüwwer eraus. Eis war dat elo net esou bewosst, wéi mer déi Virlag kritt hunn. An dass mer froen, ob et méiglech wär, vun hinnen aus, eppes zesummenzesetzen, wat fir jiddweree passt a wat iwwer des Gemeng eraus dann ugepasst gëtt.

Dat emol dozou.

Mir wäerten, wann elo vum Syndikat aus, déi net ganz volontär wäeren, fir deesen unzepassen, wäerte mer fir d'nächst Joer déi Konsequenzen huelen, dass mer dat da wäerten anescht maachen.

Et ass vläicht ze kleng geschriwwen oder vun de Faarwen hier, effektiv, krut ech duerno gesot, giel op gréng a gréng op giel, dass dat effektiv net richtig war. Mir hunn och net deen zoustänneg Service gefrot gehat, fir eis do eng Hand matunzepaken. Well mer einfach dovun ausgaange sinn, dass, wann et eng Virlag gëtt, déi schonn esou soll stëmmen.

Ech wëll natierlech net déi ganz Responsabilitéit just op si leeën, mir hunn natierlech och dëst am Virfeld net onbedéngt beduecht.

Wat ech awer hei eng Kéier wëll soen: Déi App, jo, mir hunn nach ëmmer e gewëssene Prozentsaz u Leit, déi vläicht do manner aktiv sinn, mee awer och ëmmer méi, déi an déi Richtung ginn. Dass Leit, déi vläicht schonn e bësse



## 9. Questions

méi al sinn, och ufänken, Smartphonon ze hunn an do ze kucken.

An ech soen dann ëmmer do – well ech hat dat jo elo oft gesot kritt –, meng Bomi huet 86 Joer a wéi mer hir dat drop gemaach hunn, huet si gesot: „Wéisou hate mer dann ëmmer ee Kalenner? Hei kann een et jo ganz gutt drop gesinn“.

Et ass effektiv net jiddwereen do, mee mir versichen awer, de Leit entgéintze-kommen. An ech mengen, mam Projet vum SmartCafé hu mer och nach eng Kéier ee Punkt gesat, wou mer soen, hei mir huelen dat doten och mat drop, déi Diff-App, wéi kann ech kucken, wéini d'Dreckschëscht kommen.

Et ass effektiv eemol tippen op der App, fir ze gesinn, wéini d'Dreckschëscht kënnt. An dass dat wierklech eppes ass, wou een elo net 27-mol muss hin an hier klicken a wëschen, bis een dat da fonnt huet. A mer effektiv wëllen op de Wee goen, fir de Leit och dat da besser ze erklären.

Mee mir wäerten op jidde Fall fir d'nächst Joer déi noutwendeg Schrëtt ënnerhuelen, dass dat mam Konzept vum Design for All dann och iwwerenee stëmmt. An deem Sënn: entschëllegt mech, déi Leit, déi hir Schwierigkeeten dëst Joer mam Kalenner hunn an hopen op ee bessert nächst Joer.

---

### LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci.

---

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Ech kéim dann op deen zweeten Deel vun Ärer Fro, Madamm Pregno, der Accessibilitéit vum Haus Pesch op der Zo-waasch. Ech hat selwer déi grouss Chance, op där Design-for-All-Konferenz ze sinn, déi aner Säit am Ale Stadhaus. Dat war no bei dräi Stonnen, wou vill Architekten een deem aneren d'Klensch an de Grapp gedréckt hunn, fir op der Bün Presentatiounen ze maachen, eis déi Méiglechkeete virzestellen an eis dat ganz – heiansdo ganz komplex a komplizéiert – Gesetz, virzestellen. Mee no dräi Stonnen hat een awer

do duerchgebléckt. Dat war ganz flott an och ganz informativ.

Wat soe wëll, et ass jo esou: Bis 2031 muss mer kucken, fir all déi Gebai-lechkeeten, déi der Gemeng gehéieren, wou d'Ëffentlechkeet Zoutrëtt huet, PMR-gerecht ze maachen. Et ass awer och esou, et besteet eng Méiglechkeet, fir eng Derogatioun ze kréie vun Haiser, déi soit denkmalsgeschützt sinn oder Haiser, wou et einfach architektonesch net méiglech ass.

Dir kënnt Iech jo net virstellen, dass mer beim Haus Pesch do niewendrun géifen ee Lift pechen – wa mer scho bei Pesch sinn –, fir déi Leit mat PMR-Problemer op den éischte Stack ze bréngen.

Et ass esou och, mir si garantéiert déi Allerlescht, wann ee Jugendlechen ee Besoin huet, fir do op den éischte Stack ze kommen, fir an dee Reuniounssall oder an dee Büro, wéi Dir et nennt, déi net no enger Léisung géife sichen. Respektiv no enger Léisung an engem anere Gebai oder no enger Léisung géife sichen op engem Parterre, dass dee Jugendlechen awer kéint vun där Situatioun profitéieren. Respektiv géife mer kucken, dass en een Accès géif kréien zu Nidderkuer an d'Jugendhaus, do si mer jo um Rez-de-chaussée, plein pied kéint een do erakommen. Also mir wieren déi Lescht, déi eis géifen do striewen, fir deem Jugendlechen den Accès duerch eegene Malaise ze verhënneren.

Dat gëllt och fir déi Leit, déi Kënschtler, déi do een Zëmmer gelount hunn. Bis elo ass zwar nach keng Ufro an deem Sënn un eis erugedroe ginn, mee mir wieren awer esou flexibel, fir no enger Léisung hëllefen ze sichen, fir dass jiddwereen zu sengem géif kommen.

Dat zu Äre Froen. Da géif ech d'Wuert un d'Madamm Schütz gi fir hir Fro. Madamm Schütz, wannechgelift.

---

### MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. D'Aarbechten um Stadhaus hunn ugefaangen, an déi Mauer hannendrun ass ofgerappt ginn, wou immens schéi flott al Harsteng dru waren. Wéi mer laanscht getrëppelt si mat eisem Mupp, hu mer gesinn, dass déi Steng wierklech ganz

*coup échangé avec leurs responsables du « Design for All » et vont faire une demande au Sidor pour adapter le calendrier, non seulement pour leur commune, mais au-delà. Ils n'étaient pas conscients de ce problème lors de la réception du modèle.*

*Si le syndicat ne veut pas faire ces adaptations, ils en tireront les conséquences pour l'année prochaine et feront autrement. Elle reconnaît les problèmes de taille de police et de couleurs, notamment le jaune sur vert et le vert sur jaune. Ils n'ont pas consulté le service compétent, car ils partaient du principe que le modèle fourni était correct. Sans vouloir rejeter toute la responsabilité sur le Sidor, elle admet qu'ils n'y ont pas suffisamment réfléchi en amont.*

*Concernant l'application, elle reconnaît qu'un certain pourcentage de personnes est moins actif numériquement, mais note une évolution vers l'utilisation des smartphones même chez les personnes âgées. Elle cite l'exemple de sa grand-mère de 86 ans, qui trouve l'application très pratique. Avec le projet SmartCafé, ils veulent expliquer aux gens comment utiliser la DiffApp pour vérifier les dates de collecte des déchets, en soulignant qu'il suffit d'un clic pour avoir l'information.*

*Zenia Charlé affirme que, pour l'année prochaine, les mesures nécessaires seront prises pour que le calendrier soit conforme au concept « Design for All ». Elle présente ses excuses aux personnes qui ont rencontré des difficultés avec le calendrier cette année et espère une amélioration l'année suivante.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** raconte avoir eu la chance d'assister à la conférence « Design for All » à l'ancien hôtel de ville, qui a duré près de trois heures.

*Il explique que, d'ici 2031, la commune doit rendre accessibles à la population les bâtiments communaux ouverts au public aux personnes à mobilité réduite. Il existe cependant une possibilité de dérogation pour les bâtiments classés monuments historiques ou pour ceux où l'adaptation est architecturalement impossible. Il précise qu'il est impensable d'installer un ascen-*

# 9. Questions

*seur à côté de la maison Pesch pour permettre aux personnes à mobilité réduite d'accéder au premier étage. Il assure que, si un jeune ayant des besoins particuliers doit accéder au premier étage pour se rendre dans la salle de réunion ou le bureau, la commune cherchera une solution. Cette solution pourrait être trouvée dans un autre bâtiment ou au rez-de-chaussée, afin que ce jeune puisse bénéficier du service. Il propose également l'accès à la maison de jeunes de Niederkorn située au rez-de-chaussée et accessible sans obstacle.*

*Cette flexibilité s'applique également aux artistes qui louent des espaces. Bien qu'aucune demande n'ait encore été formulée en ce sens, la commune reste disposée à chercher des solutions pour que chacun puisse accéder aux services dont il a besoin.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur Altmeisch et évoque les travaux de l'hôtel de ville, qui ont commencé. Le mur arrière a été démonté, révélant de très belles pierres anciennes. En passant avec son chien, elle a observé que ces pierres ont été soigneusement retirées, vraisemblablement pour être réutilisées. Elle souligne que le recyclage n'est pas important uniquement pour le partage alimentaire, mais que nous devons être plus responsables avec toutes nos ressources. Elle demande ce qu'il est advenu de ces pierres et si elles seront réutilisées dans la commune ou vendues, car ces pierres ont une certaine valeur.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *Confirme que ces pierres ont effectivement de la valeur et qu'elles sont belles. Il se réjouit que l'entrepreneur les ait démontées en les gardant intactes. Ces pierres auront une nouvelle destination. Il précise que cette réutilisation des anciennes pierres s'est déjà répercutée sur la facture, les pierres devant être reconstruites ailleurs, ce qui a impacté le coût de la démolition. Il constate que toutes les questions ont été traitées et clôture la séance publique.*

prezis erofgehofft gi sinn. Ech denken, déi sinn esou erofgehofft ginn, fir se weider benotzen ze kënnen. Wat ech eng immens flott Saach fannen. Well et si ganz, ganz al Steng an net nëmme beim Foodsharing ass et wichteg, dass mer recycléieren, mee iwwerhaupt, solle mer einfach mat eise Ressourcen e bësse méi responsabel ëmgoen.

Meng Fro: Wat ass mat deene Steng geschitt? Ginn déi iergendwou an der Gemeng nei verwäert oder hutt Der se verkaaft oder ...? Well dat si Steng awer, hunn ech mer soe gelooss, déi eng gewësse Valeur hunn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, do hutt Der ganz Recht. Déi Steng hunn eng gewësse Valeur. An déi Steng, dat sinn och schéi Steng. Ech war frou, dass den Entrepreneur déi esou ofge-

droen huet, dass déi ganz bliwwen sinn. Déi kréien eng aner Destinatioun.

Mee deen neie Gebrauch vun deenen ale Steng, dat huet sech scho bemierkbar gemaach an der Facture. Dat heescht: déi Steng ginn op enger anerer Plaz nei verbaut, an dat huet sech och bemierkbar gemaach an der Facture vun der Demolitioun.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz, fir déi Fro. D'Froen hätte mer all erduerch. Ech soen Iech Merci. Déi ëffentlech Sëtzung ass ofgeschloss.

# NOUS CHERCHONS DES ACCOMPAGNATEURS POUR LE PÉDIBUS

Le projet pédibus vise à permettre aux enfants de se rendre en toute sécurité à l'école à pied.

La Ville de Differdange recherche des personnes pour accompagner les enfants à l'école à pied dans les différents quartiers. Les accompagnateurs sont rémunérés selon une convention.

Parallèlement, la commune recherche aussi un pool de remplaçants.

## Responsabilités

- Établir une relation de confiance avec les parents.
- Respecter les horaires de passage de la ligne de pédibus.
- Respecter le Code de la route et les règles élémentaires de sécurité (surveillance, prévention, gestion des situations d'urgence).
- Accompagner les enfants jusqu'à la cour d'école.

## Compétences requises

- Esprit d'initiative et sens de l'autonomie.
- Sens prononcé des responsabilités.
- Esprit d'équipe.

## Pièces à joindre

- Extrait récent du casier judiciaire (bulletins no 3 et no 5).
- Curriculum vitae renseignant l'adresse de résidence complète.
- Lettre de motivation.
- Copie recto verso d'une pièce d'identité en cours de validité.
- Copie de la carte de sécurité sociale.

Les documents sont à envoyer à [scolaire@differdange.lu](mailto:scolaire@differdange.lu).



# SMARTCAFÉ

Le SmartCafé propose une aide individuelle pour les smartphones, téléphones mobiles ou tablettes dans une atmosphère détendue. Il a lieu tous les lundis de 14 h à 16 h au département du vivre-ensemble, 16-18, avenue de la Liberté à Differdange.

Vous avez des questions sur vos appareils numériques ou vous souhaitez simplement en savoir plus sur votre smartphone ou votre tablette ? Participez au SmartCafé.


Lors du SmartCafé, vous pourrez poser vos questions dans une atmosphère détendue et recevoir un soutien individuel de la part de conseillers numériques. Vous bénéficierez d'un accompagnement personnalisé de 45 minutes, pendant lesquels les conseillers se concentreront entièrement sur vos préoccupations.

Inscription gratuite et obligatoire au 58 77 1-2578 ou au 58 77 1-1572.





**SDK** Geliefte  
Klimaschutz  
**SuperDrecksKëscht®**



[www.sdk.lu](http://www.sdk.lu)

## Shop Green

Schul- und Büromaterial

Schul- und Büromaterialien kommen trotz vermehrter Digitalisierung immer noch zum Einsatz. Zurzeit werden mehr als 30 unterschiedliche Produktgruppen im teilnehmenden Handel mit dem Label **Shop Green** beworben.

Zu den beworbenen Produkten zählen Materialien:

- zum Binden oder Bearbeiten (Klebstoffe und Klebebänder, Lineale, Locher und Hefter, Radiergummis, usw).
- zum Schreiben und Zeichnen (Fallminenstifte, Permanentmarkierer, Blei- und Buntstifte, Kugelschreiber, Textmarker).
- zum Beschreiben und Bedrucken (Blöcke und Hefte, Briefumschläge, Druckpapiere, Etiketten,...).
- zum Archivieren (Einbände, Hängeordner, Ordner und Schnellhefter, Schutzhüllen und Trennblätter).



## Shop Green

Fournitures scolaires et de bureau

Les fournitures scolaires et de bureau continuent d'être utilisées, même si la digitalisation a augmenté. Actuellement, plus de 30 catégories de produits différentes sont mises en avant avec le label **Shop Green** dans les magasins participants.

Les produits présentés comprennent les matériaux suivants :

- pour relier ou traiter (colles et bandes adhésives, règles, perforateurs, agrafeuses, gommes, etc).
- pour écrire et dessiner (porte-mines, marqueurs, crayons à papier, crayons de couleur, stylos à bille, feutres).
- d'écriture et d'impression (blocs et cahiers, enveloppes, papier, étiquettes,...)
- pour l'archivage (reliures, fardes suspendues, classeurs, chemises, pochettes et intercalaires)



### Information

#### Kriterien

Die Kriterien zu den einzelnen Produktgruppen werden regelmässig bearbeitet und aktualisiert. Partner sind hier das Ministerium für Umwelt, Klima und Biodiversität, die ULC (Union Luxembourgeoise des Consommateurs) und die Luxembourg Confederation.

Die detaillierten Kriterien zu den einzelnen Produktgruppen können Sie jederzeit nachlesen unter [www.shop-green.lu](http://www.shop-green.lu).



#### Korrekt entsorgen

Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht®  
Ressourcencenter  
Projekt Mol nach emol

### Informations

#### Critères

Les critères auxquels doivent satisfaire les différents groupes de produits sont édités et actualisés régulièrement. Les partenaires sont le ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité, l'ULC (Union Luxembourgeoise des Consommateurs) et la Luxembourg Confederation.

Les critères détaillés sur les différents groupes de produits figurent sur le site [www.shop-green.lu](http://www.shop-green.lu).



#### Elimination correcte

Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht®  
Centre de ressources  
Projet « Mol nach emol »

**Shop Green**  
SuperDrecksKëscht®



Achten Sie bei ihrem Einkauf  
auf das Label Shop Green

Lors de vos achats, faites  
attention au label Shop Green



**SDK** Geliefte  
Klimaschutz  
SuperDrecksKëscht®



## Bahnschwellen


Sicher entsorgen und verwerten

Ausrangierte Bahnschwellen sind in der Regel mit Kreosot, einem Teeröl, behandelt. Dieses Biozid ist als krebserregend eingestuft. Es wird durch die Haut absorbiert und gelangt ins Grundwasser.

Neben den Imprägniermitteln können weitere problematische Rückstände wie Öl, Russ oder Herbizide im Holz vorhanden sein. Nutzen Sie Eisenbahnschwellen auf keinen Fall als Brennholz.

Ziehen Sie, beim Umgang mit den Schwellen, geeignete Schutzhandschuhe an. Sollte es sich um alte, schon brüchige Schwellen handeln, so empfehlen wir zusätzlich eine Staubmaske.

Vermeiden Sie jegliche neue Bearbeitung und nutzen Sie ausgebaute Schwellen nicht weiter.



## Traverses de chemin de fer

Élimination et valorisation en toute sécurité

*En règle générale, les traverses de chemin de fer mises au rebut sont traitées au créosote, une huile de goudron. Ce biocide est classé comme cancérigène. Il est absorbé par la peau et il parvient dans les eaux souterraines.*

*En plus des agents d'imprégnation, d'autres résidus problématiques tels que de l'huile, de la suie ou des herbicides peuvent être présents. N'utilisez en aucun cas les traverses de chemin de fer comme bois de chauffage.*

*Pour manipuler les traverses, portez des gants de protection appropriés. S'il s'agit de vieilles traverses déjà friables, il est recommandé de porter en plus un masque anti-poussière.*

*Évitez tout nouveau traitement et n'utilisez plus les traverses retirés.*



### Information

#### Abholservice

Die SuperDrecksKëscht® fir Bierger holt die Schwellen auf Anfrage **kostenlos** beim Bürger ab. Es werden nur Holzschwellen angenommen: Sie müssen ausgebaut sein und so gelagert werden, dass sie von einem Stapler aufgenommen werden können (z.B. auf einer Palette oder auf Kanthölzern gelagert). Die Holzschwellen gehen von der SDK über Partner zu einem Fachunternehmen nach Deutschland. Hier werden sie nach Vorbehandlung in einem Biomasseheizkraftwerk thermisch verwertet.



#### Weitere Informationen

[www.sdk.lu](http://www.sdk.lu) oder [thierry.freres@sdk.lu](mailto:thierry.freres@sdk.lu)

### Informations

#### Service de collecte

Sur demande, la SuperDrecksKëscht® fir Bierger enlève **gratuitement** les traverses chez le citoyen. Seules les traverses en bois sont acceptées. Celles-ci doivent être démontées et être stockées de manière à pouvoir être chargées par un chariot élévateur (p. ex. sur des palettes ou sur des bois équarris). Par l'intermédiaire d'un partenaire, la SDK envoie les traverses en bois à une entreprise spécialisée en Allemagne, où après un traitement préalable, elles sont utilisées dans une centrale thermique à biomasse.



#### Plus d'informations

[www.sdk.lu](http://www.sdk.lu) ou [thierry.freres@sdk.lu](mailto:thierry.freres@sdk.lu)



Welche Produkte sammelt die SDK?

Quels produits sont collectés par la SDK ?